

## Sommaire

### Séance d'hommage à la mémoire de M. Gaston Thorn, Ministre d'État honoraire

- Allocution d'hommage prononcée par M. le Président Lucien Weiler
- Discours de M. Charles Goerens, président du groupe parlementaire DP
- Discours de circonstance prononcé par M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

La famille en deuil a pris place à la tribune.

**(Début de la séance publique à 15.03 heures)**

### » M. le Président - D'Sitzung ass op.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Madame Thorn, léif Famill Thorn,

de 5. Mäerz 1959 ass hei an der Chamber de Grondstee geluecht gi vun enger brillanter politescher Carrière, déi bis haut, bal 50 Joer duerno, eist Land heibannen an iwwert d'Grenzen eraus op eng aussergewöhnlech Aart a Weis geprägt huet.

Deen Dag huet de Gaston Thorn als DP-Politiker aus dem Beziirk Zentrum säin Eed als Deputéierten ofgeluecht.

De 26. August dëst Joer huet de Gaston Thorn eis am Alter vun 78 Joer fir ëmmer verlooss.

Schonn zënter Längerem war gewosst, dass dem Eierstatsminister seng Gesondheet staark ugeschloe war.

An dach ware mer alleguerte beträft, wéi d'Noriicht vu sengem Doud eis erreecht huet.

D'ganz Land stoung zesumme virun der Gewëssheet, dass et e Groussen - well de Gaston Thorn war eng grouss Perséinlechkeet! - verluer huet.

Wann e Mënsch stierft, da wäicht dee klenge, deen enken, dee gefierfte Bléck, deen ee konnt op dee Mënsch geworf hunn, a mécht Plaz fir eng méi wäit, méi eng global an domat eng besser Appréciatioun vun engem ganze Liewen.

Dee jonke Gaston Thorn, deen d'Onmënschlechkeet vum Zweete Weltkrich um eegene Läif erfueren hat, huet sech ganz fréi där liberaler Gesënnung verschriwwen; enger Iwwerzeegung, déi säi ganz politescht Wierk, an der Gemengepolitik, als Volleksvertreeder, als Minister an als Statsminister, geprägt huet.

Un éischter Stell bleift de Gaston Thorn eis Lëtzebuerger an Erënnerung als eise Statsminister an als Premierminister vun der sozial-liberaler Koalitioun aus de Joren 1974-1979.

D'Zäit als Statsminister war net déi einfachsten Zäit a senger politescher Carrière.

D'Stokris, d'Ausbreedung vum Chômage an héich Inflation waren onerbittlech Défien, déi hie mat Courage a mat politeschem Geschéck affrontéiert huet.

De Gaston Thorn war e Mann vum Gespréich, vum Dialog. Hien huet gären Iddien a Konzepter matenee konfrontéiert, fir esou déi beschte Léisungen erauszukristalliséieren.

An esou wonnert et net, dass hien der Iddi vun der Konzertatioun tëschent de Sozialpartner, déi um Dësch louch, Bee gemaach huet an domadder zu engem vun de Pappe vun der Tripartite gehéiert - d'Tripartite, dat Instrument, wat eisem Land elo iwwer Jorzéngten erlaabt huet, an deene schwieeregste Momenter am Dialog a schlussendlech ganz oft am Konsens zu akzeptable Léisungen ze kommen.

Méi wéi schwieereg waren och déi gesellschaftspolitesch Reformen, déi den deemolege Statsminister zesumme mat senger Regierung um Agenda stoen hat.

D'Reform vum Nationalitéitgesetz, d'Ofschaffung vun der Doudesstraf, een neit a

modern Scheedungsrecht, fir nëmmen déi ze nennen.

De Rhythmus, d'Determinatioun an de Wäitbléck, mat deenen hien d'Gesellschaftspolitik virugedriwwen huet, ware staark kontroverséiert.

Mä wann een haut, onopgereegt a mat engem rouege Bléck, op dës Politik zrëckkuckt, da muss een eisem Statsminister zoustëmmen, deen an dësem Kontext gesot huet:

„De Gaston Thorn huet am richtege Moment dat Richtegt zu Recht gemaach.“

Mä den Här Thorn war net nëmmen eise Statsminister. Vun 1969 bis 1974 huet hien als jonken Ausseminister der Lëtzebuerger Diplomatie Schwonk, Effikassitéit a Visibilitéit verschaf.

An da war hie virun allem awer och een iwwerzeegten a ferventen Unhänger vun der europäescher Iddi an huet seng ganz Carrière laang um europäesche Projet geschafft.

Fir d'éischt als Europadeputéierten an de 60er Joren, duerno a senger Regierungsfonctionen, wou en eis national Interesse mat den europäeschen Ambitioune versicht huet an Aklang ze bréngen.

President vun der Europäescher Kommission war hien an enger schwieereger Zäit - där vun der Eurosclosure an Europa -, mä hien huet un Europa gegleef, hien hat d'Visioun vun engem offenen Europa, fondéiert op d'Solidaritéit an d'Kohesioun, ronderëm een haarde Kär vu Prinzipien a Wäerter.

D'Basis vum Acte unique européen, d'Reform vun de Finanzen an dem europäesche Budget, d'Adhësioun vu Griichenland an d'Preparatioun vum Élargissement vun der Unioin no Spuenien a Portugal:

Et si vill wichteg Schrëtt, fir Europa nees op déi richteg Schinnen ze kréien, ënnert dem Gaston Thorn senger Presidentschaft vun der Kommissioun ënnerhol ginn.

Zwëschenduerch huet hien och de Virsëtz vun der UNO-Vollversammlung assuméiert; eng Fonctioun, duerch déi dem ganze Land grouss Eier a vill Prestige zoukomm ass.

„E schlecht informéiert Vollek versteet schlecht, schlussfolgert schlecht an entschëet schlecht.“

Ee Saz vun Gaston Thorn, deen der Kommunikatioun eng nei Dimensioun sollt ginn.

Et war bezeichnend fir hien, deen op d'Kommunikatioun als Mëttel vun der politescher Matgestaltung vum Bierger gesot huet an domat en neit Zäitalter zu Lëtzebuerg agelaut huet.

Dem Gaston Thorn säi feieregt Temperament, sain aussergewöhnlech Riednertalent, seng Iwwerzeegungskraaft sinn a beschter Erënnerung bei all deenen, déi mat him während där laanger Period zesumme geschafft hunn.

De Gaston Thorn hannerléisst Spuren, déi eis an déi kommende Generatiounen zë guttkommen.

An duerfir seet haut d'Chamber, am Numm vum ganze Land, där grousser Perséinlechkeet, déi de Gaston Thorn war, nach eng Kéier Merci an Awuar!

Mir wäerten hien an dankbarer Erënnerung behalen.

Wa mir un de Gaston Thorn denken, erënnere mer eis awer och un dee Mënsch, deen - an en hat der net vill - seng Fräizäit mat senger Famill verbruecht huet, mat senger Fra, der Madame Liliane Thorn-Petit, déi ech nach eng Kéier vun dëser Plaz aus well particulièrement häerzlech begréissen, mat sengem Fils, senger Schnauer a mat sengen Enkelkanner, déi während senger Krankheet esou besuergt ëm hie waren.

Am Numm vun der Chamber, fir déi ech, stellvertriedend fir d'Fraktiounen, dës Wieder gesot hunn, well ech der Famill an Trauer, déi haut bei eis ass, eist häerzlech Bäileed aussprieche an hir soen, dass mir alleguerten hiert Leed deelen.

D'Wuert huet elo den Här Charles Goerens, Fraktiounschef vun der liberaler Grupp.

» M. Charles Goerens (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Juli 1974 huet de Gaston Thorn a senger Regierungserklärung hei an der Chamber gesot, ech zitieren: «Ce Gouvernement est certes inédit depuis deux générations. Il n'a pas été formé par souci d'originalité. Il n'a pas non plus été constitué contre quelqu'un, mais pour quelque chose pour assurer le progrès de notre pays. Il a été fait parce que ces deux partis au-delà de leurs orientations différentes sont animés d'une volonté commune de moderniser, de changer notre société pour assurer dans l'avenir comme de par le passé son bien-être.»

A bësse weider ass e virugefuer mat dem Saz: «Réalistes, nous n'osons promettre un bonheur égal à tous, mais nous promettons à chacun plus d'égalité face aux malheurs et aux dangers de la vie moderne.»

Ënnert déi Zäit falen de Krisemanagement an der Economie am Allgemengen a besonnesch am Stolsecteur, deen all denkbar Energie mobiliséiert huet, fir engersäits déi sozial Noutsituatiounen ofzefiederer an anerersäits de Minette an doriwwer eraus dem ganze Land säi wirtschaftlech Réckgrat ze retten.

Mat de Wieder „no“ an „wäit“ léisst sech vläicht am beschten d'Bedeutung vun deem zesumme faassen, wat och haut nach ënnert dem Begrëff „Modell Lëtzebuerg“ weiderlieft. No bei de Leit, bei hire Surgen, bei hiren Ängschten a Préoccupatiounen, a wäit well laang an d'Zukunft reechend. No a wäit och op engem anere Plang, deem vun de gesellschaftspolitesche Reformen.

Den Här President an och den Här Statsminister hunn et scho gesot, loosst mech et an anere Wieder soen: Dem Gaston Thorn seng Ënnerschrëft steet ënner Reformgesetz wéi Ofschafung vun der Doudesstraf, Entpenalisierung vun der Schwangerschaftsabbruch, Reform vum Divorce.

Mat der Asiicht vun haut kënn et emol ausgesinn, wéi wann d'Reforme vun deemools ganz natierlech Agank fonnt hätten an d'nationaal Recht. Mat der Asiicht vun haut vläicht, ouni de Courage vun deemools awer net.

Statsmännesch war en, de Gaston Thorn, an deem wat en als Premier gelescht huet. Als Ausseminister, deem seng Kolleegen aus dem deemolegen Europa him schon d'Missioun vertraut haten, fir d'Sich no Fridden am Mëttleren Orient e bësse mainer illusoresch ze maachen.

Etappen aus senger Zäit als Premier- an als Ausseminister, als President vun der UNO-Vollversammlung a spéider als President vun der Europäescher Kommissioun, déi em als brillanten Acteur seng Plaz an der Geschicht sécheren, éclipseieren de Mënsch Gaston Thorn, och vläicht säi Liewen duerno an och säi Liewe virun.

Hien huet zu där Generatioun gehéiert, deenen hir schéinste Joren am Krich confisciéiert goufen. Duerfir hunn a senger Riede Begrëffer wéi Fräiheet an Toleranz e besonnesche Klang gehat. E Klang, dee mat senger eemoleger Rhetorik ganz Säll un d'Vibréiere krut, dee matgerass, begeeschtert an iwwerzeegt huet. Esou huet hien och hei op dëser Tribün als Deputéierten de Wee gehollef opmaachen, fir de Wahllater op 18 Joer erfzesetzen.

De Gaston Thorn huet aus der Siicht vun der Demokratescher Partei enger Génération charnière ugehéiert: tëschent deenen, déi nom Krich gebuer sinn, an deene vun der Generatioun Eugène Schaus, déi scho virum Krich aktiv an der Politik waren. Den Eugène Schaus, an deem de Gaston Thorn ëmmer säi grouse Léiermeeschter gesinn

huet, huet vum Gaston Thorn gesot, hie wär e Maître de la parole et de la politique gewiescht. De Gaston Thorn - an dat wonnert keen - konnt duerfir déi dräi Generatiounen, wou hien dann enger Génération charnière ugehéiert huet, begeeschteren. Jo, statsmännesch war en, eise President, an och als Parteipresident; an ech soen dat net am parteipolitesche Sënn vum Wuert.

Déi meescht an eise Reien haten iergendwann d'Chance, de Gaston Thorn op sengem Wee ze begéinen an hien e Stéck ze begleeden. Bis op déi puer a menger Fraktioun, déi dofir ze jonk sinn, hu mer bal alleguer op där Kräizung eis Décisioun geholl, fir eis aktiv an der Politik ze engagieren, well hien huet eis gesot, wat mer solle maachen, wa mer hie gefrot hunn. Wa mer hie gefrot hunn, wat eise politesche Message soll sinn, da sot hien an deene schwieeregen Zäiten: Sot de Leit d'Wourecht!

Mir wëssen, wéi professionell de Gaston Thorn war. Mir wëssen och, dat hie Perséinlech hannernt deem Politesche konnt verstoppen. Hien huet och dat Parteipolitescht hannernt dat Politescht gesat, an dat Politescht huet hie falegelooss, wann et ëm dat Statserhalend gaangen ass.

Senger Fra, sengem Fils, senger Schnauer a sengen Enkelkanner soe mer fir déi, déi hien e bësse besser kann hunn, dat mer wëssen, wat fir e Verloscht de Gaston Thorn fir si bedeit, a besonnesch fir si, déi an de leschte Jore méi no bei him waren, well hien huet hinnen oft gefeelt.

Ech hunn net vill vun deem Liewen no senger aktiver Politik geschwat, mä et geet awer duer fir ze wëssen, dat de Gaston Thorn e Mënsch war, dee sech ëmmer viru fir d'Politik interesséiert huet. A mir wëssen och, déi, déi mat him am Gespréich waren, dat de Gaston Thorn och gelidden huet. Hien huet ni doriwwer geschwat. An deene leschte Joren ass et roueg ginn ëm de Gaston Thorn; ze roueg fir eis Begrëffer.

Ech well och duerfir, well ech him dat éischt Wuert ginn hat, an dëser Interventioun him och dat lescht Wuert loosser. Hien huet och eng Kéier hei beim État de la nation den 8. Mäerz 1978 a folgende Wieder d'Situatioun vum Land ganz gutt charakteriséiert - an ech mengen, et ass och e Saz, deen eis vu Bedeitung ka sinn an dëser Zäit -: «L'avenir appartient à celui qui ose, à celui qui agit. L'histoire ne connaît pas de moratoire, comme la vie ne se laisse pas mettre en parenthèses. Il faut bien qu'on se le dise. Une décision, même négative, mais alors suivie d'un nouveau choix, vaut mieux que pas de décision du tout. Trop de choix ont été trop longtemps repoussés parce qu'on voulait plaire à tous. L'acquis ne se défend pas en vivant tout simplement là-dessus, en le laissant en état. Au contraire, c'est là le plus sûr moyen de le condamner. Pour le garantir, il faut le consolider.»

» M. le Président - D'Wuert huet elo den Här Statsminister Jean-Claude Juncker.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Här President, léif Kolleegen, léif Famill Thorn, zu den Imponderabilien vum parlamentaresche Joreskrees gehéiert, dass ee Mënsch am August stierft, an dass d'Parlament sech un hien erënnert, wann et schon Hierscht ginn ass. Et geet ee fort am Summer. Mir schwätzen iwwert hien hei am éischten Haus vum Land, wann d'Blieder falen. D'Blieder sinn nach do, wann hie geet. D'Blieder falen, wa mer drop ze schwätze kommen.

Dat ass net gutt, well eigentlech sinn déi richteg Reaktiounen op de Mënsch - op den Doud vun engem grouse Mënsch - déi éischt Reaktiounen. Dat sinn déi, déi sech net filtréieren loosser. Dat sinn déi, déi net duerch d'Strémp gedréckt ginn, duerch déi den Téi a seng Blieder ginn. An trotzdem, wann ech iwwerpräiwen, wat iwwert de Gaston Thorn - dee mer den Thorns Gast hei wellen nennen - gesot ginn ass an deem Moment, wou Rou sech iwwert d'Land geluecht huet, wéi hie fortgaangen ass, an deem, wat mer haut nach ëmmer bereet sinn iwwert hien ze soen, da sinn dat déiselwech Wieder.

Et gëtt Mënschen, déi doduerch, dass se d'Saisonen iwwersprangen, Joren a Jorzéngter iwwerwannen. De Gaston Thorn,



well et ee Grousse war an ee Grousse bleift, ass een, dee Klameren tëscht de Jorzéngter an den historesche Periode vun engem Land - hei muss ee wuel soen, vun enger Natioun - fäerdeg bréngt.

Ech mengen, iwwert de Gaston Thorn an der Essenz, an der Substanz bal alles gesot ze hunn, wat iwwert hien ze soe war. Et kann een, wann een net fäeg ass, d'Substanz an e puer Wieder zesummenzerafen, laang Rieden iwwer een halen. Wann een et muss op e puer essenziell Elementer zrëckféieren, kënnst een zu einfache Sätz, well och déi Grouss loosse sech an einfache Sätz zesummeffassen.

An ech gesinn an där exceptioneller Biografie vun deem, dee mer haut éieren, zwou wesentlech Perioden, déi fir zwou Iwwerzeegunge stinn: Et gëtt dat Nationaalt fir d'éischt, an dat Europäescht fir d'zweet. An déi, déi méi jonk si wéi hien an déi vu sengem Wierken heiheim an an Europa an engem onwahrscheinleche Mooss - bis haut - profitéieren a bénéficiéieren, gesi kee Widersproch tëscht deem Europäeschen an deem Nationalen.

Ech wëll vläicht - obschonn ech mer net ganz sécher sinn, wat méi wichteg ass, mä et passt jo zesummen - mat deem Nationalen ufänken. Alles, wat iwwert de Gaston Thorn no sengem Doud an der internationaler Press, heiansdo an eiser eegener, emol verschimmt, emol zoustëmmend, ze liese war, huet dat Europäescht betraff.

Kuckt emol, de Gaston Thorn ass eng Generatioun, déi et ni méi wäert ginn, well hien ass nach am Krich a virum Krich gebuer. Hien huet de Krich net mat der voller Gewalt vun der Ongerechtheet vun den deemolege Liewensverhältnissen erlieft, mä hien huet awer nach ganz jonk, als Bouf eigentlech, e Stéck dervu matkritt. Hien huet der mat an d'Gladder kritt, obschonn hie sech hätt kënnen zéien; hien huet sech awer net gezunn. Mä hie war net richtig dran. Hie war um Rand vun deem Schlëmmen, wat geschitt ass. Mä well hien um Rand war, hat hien awer Abléck an dat Schlëmm, wat déi, déi zéng, zwielef, 13 Joer méi al ware wéi hien, gutt mat erfaasst hunn.

D'Zwëschengeneratioun war hien, well hien eigentlech stoung tëscht deenen, déi am Krich involvéiert waren, an der Resistenz, an der Zwangsrekrutierung, soss doruechter, an deenen, déi ganz jonk waren, mä awer scho wollten Nee soen zu deem Ganzen, wat hinne proposéiert ginn ass duerch den Occupant, an deenen, déi nom Krich gebuer si ginn, esou wéi ech, a wéi déi meescht, mengen ech, entre-temps hei an deem Haus. Esou eng typesch Zwëschen-a Klamerengeneratioun, déi Saachen, Liewensgefäll, Momenter vum Denken a vum Fillen, vum Dreemen a vum Hoffen zesummebruecht huet.

Dofir war et ee gudden Europäer, där Europäer mat Wäitbléck, déi gespuert hunn, dass dat, wat war, sech esou net méi huet kënnen reproduzéieren dierfen, an déi zu där Generatioun gehéiert hunn, obscho se dat net méi esou richtig materlieft hunn, mä awer dach vill méi mir, déi gesot hunn: Esou geet et net méi an Europa, an elo muss mer d'Saachen anescht maachen, méi konzentréiert maachen, méi fokusséiert maachen, méi fir d'Mënsche maachen.

An dofir huet hie sech, ech mengen, ganz fréi, well hie war an esou ville Jugendmouvementer tätég gewiescht, fir déi eu-

ropäesch Saach agesat an och ee Präis dofir bezuelt. E Präis un Zäit, well hie war vill fort an där Zäit, wéi en Deputéierten, och Europadeputéierte war. Gaston l'Africain, hu se hien zu Recht an de 60er Jore genannt, déi Zäit, wéi en Ausseminister war, déi Zäit, wéi e Stats- an Ausseminister war, ëmmer ënnerwee fir ee groussen Dram Stéck fir Stéck an Zeil no Zeil zu engem Gedicht ze maache fir e Kontinent. Hien huet mat un deem Gedicht geschriwwen, an doriwwer stolz an houfreg ze sinn, gehéiert eigentlech zu deem neie Liewensgefäll vun de Lëtzebuerger.

Hie war mam Pierre Werner, deem säin Nofolger hie war, duerch - wéi soll ech dat beschreiwen? - eng respektvoll Frëndschaft verbonnen. Deen een hat deen anere gär a si konnt dat net ëmmer zouginn. Mä et war awer eppes tëscht deenen zwee, dat wéi dee lichten Iwwergank tëscht zwou Zwëschengeneratiounen war: Deen ee war virum Krich gebuer an hat de Krich matge-



maach, deen anere war nom Krich gebuer an hat de Krich nach erlieft, mä net richtig matgemaach. Si hunn dat zesummebruecht an där vertueuser Intersektioun tëscht deem, wat war, an deem, wat sollt sinn.

Een, deem dem Pierre Werner seng Mémoire liest - eng ze recommandéierend Lecture, obscho mat enger ze vill grousser Timiditéit geschriwwen -, mierkt, dass deen, dee virun do war an deen duerno erëmkomme war, deen, deen dertëscht war, als eng nützlich, net Iwwergangsperiod, mä ofgeschlossene Period emfonnt huet, an déi zwee sech awer zrëckfonnt hunn an deem Engagement fir déi europäesch Saach.

Leschtenen ass et dat, wat statsmännesch ass, mengen ech, un deenen zwee, an - haut muss dat besonnesch betount ginn - um Gaston Thorn, dass hie Lëtzebuerg op eng determinant an onverrückbar Aart a Weis op déi europäesch Landkaart an - am Fall vun Gaston Thorn méi wéi am Fall vun Pierre Werner, dee méi europäesch, exklusiv europäesch orientéiert war - op d'Weltkaart gesat huet.

De Gaston Thorn war och e groussen Innenpolitiker am volle Sënn vum Wuert. Et huet mer geschéngt, vläicht ass dat och e bësse meng Schold, dass ze vill insistéiert ginn ass - wann och net genuch - op d'Roll vun Gaston Thorn als Statsminister an als Minister. Hie war och e groussen Deputéierten! Wie seng Rieden noliest, an dat soll een eigentlech maachen, mierkt, dass et e gebuerenen Oppositionspolitiker war. Et gëtt

kaum ee Statsminister, deen net e gebuerenen Oppositionspolitiker par tempérament ass. Hien huet op eng onwahrscheinlech Aart a Weis mat engem Sënn fir de rhetoresche Kraaftausdrock, do wou hie e gebraucht huet, a fir d'Nuance, do wou se wéinst der Zukunftsgestaltung noutwendeg war, d'Saachen op de Punkt bruecht.

Ech hu wierklech, dat soen ech net einfach esou, all seng Riede gelies, well déi analytesch Rhetorik - Rhetorik ass net ëmmer analytesch, si ass oft iwwerflächlech - d'Saachen op de Punkt bruecht huet, d'Saache vum Land, d'Saache vun den Ëmstänn vun där Period. An duerfir, wann ech iwwert de Gaston Thorn nodenken, behalen ech, obschonn ech dat ni live an a Faarf erlieft hunn, och de Parlamentarier Thorn an Erënnerung, well d'Parlament muss wëssen - och haut! -, dass et eng onwahrscheinlech Gestaltungskraaft huet, wann et brillant Parlamentarier huet, déi d'Saach vum Land an d'Saach vun Europa och heibannen, mat

nen, déi éischter der Welt vu gëschter zougédreint waren, d'Gefäll ginn huet, dass dat, wat si selwer fir wichteg fonnt hunn, awer Agank fonnt huet an dat neit Denken, wat hie propulséiert huet am Numm vu villen aneren.

Wann ech un den Thorns Gast denken, denken ech virun allem un dee Mënsch, deen ech kenne geléiert hunn, an deen entzitt sech der öffentlecher Beschreiwung. Ech hu jo eleng mat him geschwat. Eleng a mengem Büro, eleng ënner véier Aen iwwert d'Saache vum Land, iwwer Saachen, déi Mënschen hei vum Land an hei am Land betreffen, iwwer europäesch Zesummenhäng, déi hie vill méi skeptesch gesinn huet, wéi ech se gesinn hunn.

Ech mengen, obschonn ech hien net wëll beleidegen, dass ech se méi richtig gesinn hu leschtenenns wéi hien, mä awer och e bëssen anescht gekuckt hunn, well hie mer dat gesot huet, wat hie mer gesot huet.

Hien hat am Ëmgang mat wesentleche Liebensfroen en Hang zu engem bedauernswäerten Zynismus, deen ech an öffentlechen Erklärungen als een Hang zu exzessiver Ironie beschriwwen hunn. Et war awer och Zynismus dran, mä deen Zynismus hat eppes, éischtens Beschreiwendes, zweetens Analyséierendes, drëtens ofschléissend Beuerteelendes. Ech hat just deen Deel net gär, deen ofschléissend beuerteelend war. Deen, dee beschreiwend war, deen, deen nuancébezeichnend war, deen hat ech net ongär, well dat war net alles falsch.

Hie war och ee Mënsch, dee wesentlech méi komplex war, wéi e sech selwer duergestallt huet. Ech mengen, zur Gréisst vun de Leit, vun de Mënsche gehéiert et, dass se sech net dauernd selwer entwerfen, fir sech dem Uerteel vun deenen, déi mat hinnen zesummeliewen, méiglechst breet ze presentéieren, mä ech mengen, hie war e breede Mënsch, well an deem, wat hie geduecht huet, an deem, wat hie gesot huet, huet esou villes Afloss fonnt, wat eigentlech zu de Grondtendenze vum politeschen a vum nationalen Denke gehéiert: dee moderne Patriotismus, dat Nationaalt, wat sech net ënner Form vu perversem Nationalismus géint déi aner dréint, an déi nei Dimensioun vum Patriotismus, deen europäesch Faarwen dréit. Asoufern war hien ee moderne Lëtzebuerg.

A wat ech gären un him hat - ech dierf dat soen -, ass, dass en iwwer seng Famill ëmmer léif geschwat huet. Wahrscheinlech méi léif souguer, wa se net derbäi war, wéi wa se derbäi war. Well hien huet et och senger Famill net ëmmer liicht gemaach mat senger Férocitéit vum Uerteel, mat senger Intrépideitéit vum Virgoen. Ech wëll hei senger Fra, dem Liliane Thorn-Petit, déi och zu de grouse Lëtzebuerg, och besonnesch zu der Intellektualitéit vun den Nokrichslëtzebuerg gehéiert, a senger Famill soen, well ech mengen, hien huet hinnen dat net oft gesot, dass e ganz frou mat hinne war - wéi mir mat him!

Merci.

» M. le Président. - Ech géif lech elo bieten opzestoen, fir eng Minutt am Stëllen un dee Verstuerwenen ze denken.

**(Respect d'une minute de silence)**

Ech soen lech Merci.

**(La musique militaire joue l'hymne national «Ons Heemecht».)**

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 15.35 heures)**



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

# Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un



## Sommaire

1. Clôture de la session ordinaire 2006-2007 et ouverture de la session ordinaire 2007-2008
  - M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre
2. Composition du Bureau
  - Mandat du Secrétaire général renouvelé
3. Composition des commissions parlementaires
  - Propositions de changements adoptées
4. Composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales
5. Ordre du jour
  - M. Henri Grethen, M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre
  - Vote (proposition Grethen rejetée)
  - M. Gast Gibéryen
6. Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot
7. Ordre du jour (suite)
  - M. Ben Fayot
8. Motion de M. Ben Fayot au sujet de la situation politique en Birmanie
  - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
  - Vote (motion adoptée)
9. 5664 - Projet de loi portant transposition de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier de la directive 2006/48/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 concernant l'accès à l'activité des établissements de crédit et son exercice (refonte) et de la directive 2006/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 sur l'adéquation des fonds propres des entreprises d'investissement et des établissements de crédit (refonte)
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Thiel
  - Discussion générale: M. Claude Meisch, M. Ben Fayot, M. Jacques-Yves Henckes
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
10. 5722 - Projet de loi portant approbation du Deuxième Avenant, signé à Luxembourg, le 24 novembre 2006, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la France tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Paris, le 1<sup>er</sup> avril 1958
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Norbert Hauptert, rapporteur, M. Henri Grethen, M. Norbert Hauptert
  - Discussion générale: M. Jacques-Yves Henckes, M. Norbert Hauptert
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
11. Désignation d'un président et de quatre membres du Centre pour l'égalité de traitement
  - Vote (candidature pour le poste du président rejetée)
  - M. Henri Grethen, M. Michel Wolter
  - Vote sur les quatre membres reporté

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.49 heures)

» M. le Président. - D'Sitzung ass op.

### 1. Clôture de la session ordinaire 2006-2007 et ouverture de la session ordinaire 2007-2008

Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 72, drëtten Alinea vun eiser Verfassung gesäit Folgendes vir: «Toute session est ouverte et close par le Grand-Duc en personne, ou bien en Son nom par un fondé de pouvoirs nommé à cet effet.» Duerch groussherzoglechen Arrêté vum 24. August 2007 huet de Grand-Duc dem Här Jean-Claude Juncker, Premier- a Statsminister, d'Vollmacht ginn,

d'Session ordinaire 2006-2007 zouzemaachen an d'Session ordinaire 2007-2008 opzemaachen.

Ech ginn dem Här Premierminister d'Wuert.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Här President, de Grand-Duc huet mech duerch groussherzogleche Reglement vum 24. August 2007 ermächtigt, d'Chamberssession 2006-2007 zouzemaachen, a gläichzäiteg duerch ee Règlement grand-ducal vum selwechten Dag an d'Lag versat, a sengem Numm d'Session fir d'Joren 2007-2008 opzemaachen.

Merci, Här President.

» M. le Président. - Merci, Här Statsminister. Ech ginn lech Akt vun Ärer Deklara-

tioun. D'Session ordinaire 2007-2008 ass op.

### 2. Composition du Bureau

Mir kommen elo zur Ernennung vum Chambersbüro. Den éischte Paragraph vum Artikel 5-1 aus dem Chamberreglement gesäit Folgendes vir: «Au début de chaque session, la Chambre nomme un Président, trois vice-présidents et sept membres au plus.»

Ech froen d'Chamber, ob si d'Zesummesetzung vum Chambersbüro bäibehale wëllt?

(Assentiment)

Ech gesinn, dass dat de Fall ass.

Da wëll ech d'Chamber froen, ob se och averstanen ass, d'Nominatioun vum Här Claude Frieseisen als Generalsekretär fir d'Session 2007-2008 ze erneieren?

(Assentiment)

Och dat ass de Fall an et ass also esou decidéiert.

De Büro bleift deemno fir d'Session 2007-2008 a senger bishereger Form bäibehalen. Dat heescht, mat mir selwer als President, d'Vizepresidente sinn den Här Jos Scheuer, den Här Henri Grethen, den Här Laurent Mosar, an d'Membere sinn déi Häre Michel Wolter, Ben Fayot, Henri Grethen, François Bausch, Lucien Clement, Alex Bodry an d'Madame Colette Flesch. De Generalsekretär ass den Här Claude Frieseisen.

De Grand-Duc gëtt iwwert dës Zesummesetzung a Kenntnis gesat.

### 3. Composition des commissions parlementaires

Wat d'Kompositioun vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, kruten d'Deputéierten eng Lëscht ausgedeeelt mat der Zesummesetzung vun de Kommissiounen.

Dozou si folgend Ännerungsvirschléi erageerecht ginn:

- An der Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration gëtt d'Fraktioun vun deene Gréngen duerch den Här Félix Braz vertrueden;

- an der Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports gëtt den Här Robert Mehlen duerch den Här Jacques-Yves Henckes ersat;

- an der Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle gëtt den Här Jacques-Yves Henckes duerch den Här Robert Mehlen ersat;

- an der Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture gëtt d'Fraktioun vun deene Gréngen duerch den Här Claude Adam vertrueden an d'Sensibilité politique ADR gëtt duerch den Här Robert Mehlen vertrueden,

- a schlussendlech an der Commission des Finances et du Budget gëtt d'ADR duerch den Här Gast Gibéryen vertrueden.

Gëtt et nach iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, dass dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat der Lëscht vun den Ännerungsvirschléi averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Déi gesamt Lëscht mat hiren Ännerunge gëtt am Compte rendu veröffentlecht.

### 4. Composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Wat d'Composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

ubelaangt, ass och eng Lëscht mat der Zesummesetzung verdeelt ginn.

Sinn dozou Ännerungsvirschléi virzebréngen?

(Négation)

Ech gesinn, dass dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dëser Lëscht averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Och dës Lëscht gëtt am Compte rendu veröffentlecht.

### 5. Ordre du jour

Nodeems dass d'Chamber elo hir Organer konstituéiert huet, komme mer zum eigentlechen Ordre du jour, esou wéi d'Präsidentekonferenz e virgeschloen huet.

Et war virgeschloen gi fir haut de Mëtteg de Projet de loi iwwert de Secteur financier, dann e Projet de loi wat eng Steierkonvention tëscht Lëtzebuerg a Frankräich ass a schlussendlech d'Designatioun vun engem President a vu véier Membere fir de Centre pour l'égalité de traitement.

Fir muer um hallwer dräi war virgesinn: eng Konsultatiounsdebat iwwert den Entfesselungsplang fir d'Betribere; eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der CSV-Fraktioun iwwert d'Eisebunnsstreck am Norden; de Projet de loi iwwert d'Sécherheet an den Tunnelen; den zweete Vote constitutionnel iwwert den Ännerungsvirschlag vum Artikel 16 aus eiser Verfassung - hei ass eng qualifizéiert Majoritéit erfuerdert -; dann den zweete Vote constitutionnel vum Projet de loi 5337 iwwert de Congé de formation a schlussendlech d'Motioun vun honorabelen Här Paul Helminger iwwert d'Empfangsstrukture fir déi Drogenofhängeg.

Iwwermuer um hallwer dräi hu mer eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der Fraktioun vun deene Gréngen iwwert d'Éducation précoce; de Projet de loi iwwert d'Assistance parentale zesumme mat der Proposition de loi iwwert d'Assistance maternelle; dann de Projet de loi iwwert d'Veergrësserung vum Beetebuerger Altersheim; de Projet de loi iwwert de Service volontaire des jeunes; d'Chamberkonte vum Joer 2005 an eng Resolutioun iwwert d'Konten vun der Cour des Comptes fir den Exercice 2005.

Zu dësem Ordre du jour sinn zwou Modifikatiounen proposéiert ginn: éischtens d'Aktualitéitsstonn iwwert d'Eisebunn en Donneschdeg als zweete Punkt vun eisem Ordre du jour ze behandelen, an dann de Projet de loi 5517 mat der Proposition de loi 5428 iwwert d'Assistance parentale op e spéideren Zäitpunkt ze verleeën.

Dann hunn ech nach aner Wuertmeldungen zum Ordre du jour. Fir d'éischt den Här Grethen, den Här Gibéryen an duerno den Här Fayot.

Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

» M. Henri Grethen (DP). - Merci, Här President. Här President, ech wollt der Chamber proposéieren, de véierte Punkt vum Ordre du jour erfzehuelen. Dat ass déi Konvention iwwert d'Duebelbesteuerung mat Frankräich, de Projet 5722.

Ech hat schonn d'Geleeënheet hei an der Chamber eng Kéier ze soen, firwat ech der Meenung sinn, dass een déi Konvention net elo sollt ratifizéieren. Mir wëssen, dass besonnesch d'franséisch Regierung en enormen Drock op Lëtzebuerg gemaach huet, fir dass mer déi Konvention géifen ofänneren. Ech verstinn och firwat, an och de But vun där Konvention fënnt mäin Accord.

Revenuë müssen, sollen do versteiert ginn, wou se erziilt ginn. Dat ass ganz kloer. An et kann net sinn, dass Revenuë weder an deem engen nach an deem anere Land besteiert ginn.

Mä et gëtt am Steierrecht, an zwar bei den lerschaftssteieren, eng Dispositioun, déi äusserst diskriminatesch ass fir Lëtzeburger Bierger, déi méi wéi sechs Joer a Frankräich wunnen. Wann e Lëtzeburger méi



wéi sechs Joer a Frankräich domiciliéiert ass an hie mécht eng Ierfschaft hei zu Lëtzebuerg, en ligne directe, wou hien hei zu Lëtzebuerg keng Ierfschaftssteiere brauch ze bezuelen, da muss deeselwechte Mann oder déiselwecht Fra trotzdeem a Frankräich Ierfschaftssteiere bezuelen, wéi wann hien a Frankräich deeselwechte Montant geierft hätt.

Dat kann dach net sinn!

An et gëtt eng Méiglechkeet, fir dat an enger Steierkonventioun, wéi dat aner Länner gemaach hunn, auszuschalten. Duerfir géif ech der Chamber proposéieren, dëse Projet am Moment net ze stëmmen, der Regierung den Optrag ze ginn, mat der franséischer Regierung ze verhandelen, fir dass Lëtzebuurger Bierger, déi ënnert déi Dispositioun falen, déi Exemptioun kréien, wéi se an anere Konventiounen schonn de Fall sinn, a wann dann déi nei Konventioun mat den Dispositiounen vum Gesetz 5722 zur Verfügung stinn, dass mer dann eréischt géifen dat Gesetz stëmmen.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Den Här Finanzminister huet d'Wuert gefrot.

►►► **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.** - Zënter op d'mannst aacht oder néng Joer hunn ech dem Här Henri Grethen ni Nee gesot, wann hien e spezielle Wonsch hat.

Obschonn ech net - well dat mech e bëssen iwwerrascht, wat hien hei virdréit - total am volle Besëtzt vun all den Informatiounen sinn, déi ee misst hunn, ier een de Mond opdeet iwwer een Duebelbesteierungsafkommen, wat jo ënnert der Responsabilitéit vum Ausseminister segelt, wéi mir - den Här Grethen an ech - an eise respektive Motiounen fréier, an ech nach haut, ëmmer erëm bedauert hunn, mengen ech awer, dass een dem Wonsch vum Här Grethen net kéint Rechnung droen, wéi en am Numm vu senger Fraktioun geschwat huet, well ech dat fir relativ onrealisteschen halen, wéi hien och, fir ze mengen, dass een elo mat der Regierung vun der Franséischer Republik zu enger Ofännerung vun där Duebelbesteierungskonventioun op deem Punkt kënn kommen.

Wann ech d'Suerg vum Här Grethen richtig verstinn, geet et dorëms, dass déi Lëtzebuurger, déi en Domicile a Frankräich gewielt hunn, ënnert déi franséisch Ierfschaftssteuer falen, no enger gewëssener Periode - je n'ose pas dire de viduité.

Et huet een de Choix: Entweder et wunnt een hei am Land oder et geet een an d'Ausland wunnen; et bezilt een d'Steieren hei am Land, Lounsteuer, alles, wat ufält, an et keeft ee fir méi bëlle Terrainpräisser Wunnengsméiglechkeeten a Frankräich. Il faut faire un choix entre le Grand-Duché et la République. Nous ne sommes pas là pour défendre les intérêts de la République!

►►► **M. le Président.** - Wann ech den Här Statsminister richtig verstan hunn, ass et de Wonsch an d'Suerg vun der Regierung, dass mer dee Projet elo sollten um Ordre du jour behalen?

►►► **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre des Finances.** - Här President, Är Perspicacitéit hält net op. Ech sinn impressionéiert!

(Hilarité)

►►► **M. le Président.** - Vu dass mer schonn eng Rei vun Ëmännerungsvirschléi hei hunn, mussen mer elo e bësse geuerdnet virgoen. Duerfir géif ech proposéieren, d'Chamber soll sech elo fir d'éischt iwwert d'Propositioun vum Här Grethen prononcéieren. Si mer d'accord fir déi Propositioun vum Här Grethen anzuhuelen, fir den Ordre du jour ëmzënnern an de 5722 vum Ordre du jour erofzuehuelen?

Ech denken, Här Grethen, Dir sidd d'accord, dass mer dat mat main levée déciéiere kënnen?

►►► **M. Henri Grethen (DP).** - Jo, ech sinn d'accord. Main levée.

►►► **M. le Président.** - Also, Propositioun, mir halen den Ordre du jour bäi?

►►► **Plusieurs voix.** - Neen, neen! Et ass net décidéiert.

►►► **M. le Président.** - Et ass gutt.

**Vote**

Also den Här Grethen huet proposéiert, ze modifizéieren. Wien ass mat där Proposition de modification d'accord?

Wien ass dergéint?

Voilà, Här Grethen, de Projet bleift also um Ordre du jour.

Dann huet den Här Gibéryen d'Wuert gefrot.

►►► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Mir froe keng Modifikatioun vum Ordre du jour. Mir hunn e Mëtwoch de Mëtteg ënner Punkt 4 d'Revisioun vum Artikel 16 vun der Constitutioun, den zweete Vote constitutionnel,...

►►► **M. le Président.** - Jo.

►►► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...an d'Presidentekonferenz huet do de Modèle de base fixéiert. Mir géife froen, well dat eis nëmmen zwou Minutten zougesteet, fir de Modell 1 als Temps de parole ze kréien. Dat géif eis siwe Minutte ginn, fir zu deenen Annerunge vun der Constitutioun ze schwätzen.

►►► **M. le Président.** - Wat ass d'Meenung dozou?

(Assentiment)

Très bien! Dann ass Är Propositioun, Här Gibéryen, ugehall.

►►► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech soe Merci.

►►► **M. le Président.** - Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot.

## 6. Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot

►►► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, d'aussepolitisch Kommissioun huet d'Déci-sioun geholl, fir der Chamber eng Motioun iwwert d'Situatioun an der Birmanie ze presentéieren, déi ënnerschiwwen ass vun alle Fraktiounen. Ech wollt déi heimat déposéieren.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que l'Alliance de tous les moines bouddhistes de Birmanie a pris la tête d'une vague massive de manifestations pacifiques contre la junte militaire en Birmanie;*

- *condamne les violences et atrocités perpétrées à l'encontre de manifestants pacifiques;*

- *exprime sa solidarité avec le peuple birman qui, après plus de quarante ans vécus sous la dictature, est fortement appauvri;*

- *prend acte des déclarations de l'envoyé spécial des Nations Unies, Ibrahim Gambari, faisant état de raids organisés dans les domiciles privés, d'arrestations arbitraires et de disparitions de personnes, en dépit d'un apparent retour à la normalité;*

*invite le Gouvernement*

- *à intervenir auprès de l'Association des Nations d'Asie du Sud-Est (ANASE) ainsi qu'auprès des autorités chinoises, indiennes et thaïlandaises afin que ces dernières, principaux partenaires commerciaux de la Birmanie, appellent la junte militaire à mettre fin aux répressions et à favoriser un processus de démocratisation;*

- *à soutenir, au sein de l'Union européenne, des mesures de sanction touchant la couche dirigeante de la Birmanie mais n'ayant pas d'impact négatif sur la population birmane;*

- *à demander à la Commission européenne de mettre à disposition les moyens appropriés dans le cadre de l'instrument européen pour la démocratie et les droits de l'Homme en vue de soutenir activement le mouvement en faveur de la démocratie ainsi que les ONG qui œuvrent au retour d'une bonne gouvernance en Birmanie;*

- *à s'engager au sein des Nations Unies pour l'adoption de mesures permettant de favoriser la réconciliation nationale et une transition vers la démocratie;*

- *a soutenir toute mesure visant une libération immédiate et sans conditions de*

*Madame Aung San Suu Kyi et des autres prisonniers politiques.*

(s.) *Ben Fayot, Félix Braz, Lydie Err, Marcel Glesener, Charles Goerens, Fred Sunnen.*

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. D'Fraktiounen soe mer, wéini dass se gären hätten, dass mer déi Motioun sollen op den Ordre du jour huele respektiv ob et zu enger längerer Diskussioun doriwwer kënn.

## 7. Ordre du jour (suite)

Dann ass just d'Déci-sioun nach ze huelen: Et waren am Virfeld zwou Propositionen de modification eragereecht ginn. Ech hunn et virdu gesot. Et geet em d'Aktualitéitsstonn, dass mer déi eréischt en Donneschdeg huelen, an dee Fraktiounen d'Assistance parentale, dass mer deen op e spéideren Zäitpunkt verleeën. Ass d'Chamber mat deene Modifikatiounen d'accord?

(Assentiment)

Très bien! Dann ass et esou décidéiert. Nach eng Kéier huet den Här Fayot d'Wuert.

►►► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Jo, Här President, ech wollt soen, et wär gutt wann d'Chamber géif elo decidéieren, wéini dass mer déi Motioun iwwert d'Birmanie géifen huelen, well den Här Ausseminister wär disposéiert fir an d'Chamber ze kommen, fir e Wuert iwwert d'Situatioun an der Birmanie och hei ze soen.

►►► **M. le Président.** - Wat ass dann Är Propositioun, Här Fayot?

►►► **Plusieurs voix.** - Fir se direkt ze huelen.

►►► **M. le Président.** - Direkt?

►►► **Plusieurs voix.** - Direkt!

►►► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Mir kënnen dat direkt maachen.

►►► **Une voix.** - Très bien!

►►► **Plusieurs voix.** - Jo.

►►► **Une voix.** - Ah jo! Elo ass de Minister hei.

►►► **M. le Président.** - Kréie mer dat hin an der Zäit?

Gutt, da loosse mer dat direkt maachen, Här Fayot.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Motioun elo direkt op den Ordre du jour ze huelen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 8. Motion de M. Ben Fayot au sujet de la situation politique en Birmanie

Fir déi Motioun, déi den Här Fayot elo déposéiert huet, hält d'Regierung Stellung dozou, Här Asselborn?

►►► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Wann Der zäitlech a Schwierregkeete sidd, Här President, stinn ech natierlech och zur Verfügung fir näischt ze soen.

(Hilarité)

►►► **M. le Président.** - Jo, mir sinn zäitlech effektiv ënner Drock.

Freet een d'Wuert zur Motioun?

(Négation)

Ech gesinn, dass dat net de Fall ass. Da stëmme mer of iwwert d'Motioun.

**Vote**

Wien ass d'accord mat der Motioun vum honorabelen Här Fayot?

Ech gesinn, dass déi iwwerwältgend Majoritéit vum Parlament de Konklusiounen, déi an der Motioun vum Här Fayot drastinn, zoustëmmt.

Da komme mer elo zum éischte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut de Mëtteg, d'Diskussioun vum Projet iwwert de Secteur financier. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Meisch an den Här Fayot. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

## 9. 5664 - Projet de loi portant transposition de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier de la directive 2006/48/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 concernant l'accès à l'activité des établissements de crédit et son exercice (refonte) et de la directive 2006/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 sur l'adéquation des fonds propres des entreprises d'investissement et des établissements de crédit (refonte)

*Rapport de la Commission des Finances et du Budget*

►►► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dem Finanzsektor widderfiert déi grouss Eier, datt d'legislativ Aarbecht vun där neier Saison mat engem vu senger Projeten age-laut gëtt. Ech weess net, ob dat elo d'Reve-renz vun der Chamber virun eise wichtegste Wirtschaftssector ass, deen deene jéngsten Etüden no eleng fir sech 40% vun eise PIB ausmécht, oder ob et éischter Zoufall ass. Ech ginn alt emol vun där leschter Hypothese aus a sinn trotzdeem dank-bar fir déi Eier, als éischte Rapporteur vun där neier Sessioun hei op der Tribün stoen ze dierfen.

Här President, dat Gesetz, dat mir haut stëmme sollen, huet - am Contraire zur Bedeutung vun der Finanzplaz fir eis Ekono-mie - keen iwwerméisseg Gewiicht fir déiselwecht Finanzplaz. Déi Direktiven, déi mir mat dësem Gesetz an iwwert de Wee vun Ännerungen um '93er Gesetz iwwert de Finanzsektor ëmsetze sollen, si wuel schonn vun enger gewësser Wichtigkeet fir d'Finanzindustrie queesch duerch Europa. Mä an enger reng Lëtzebuurger Perspektiv schrompt hir Bedeutung dann dach, an dat ass zwee Grënn:

Engersäits wende sech déi zwou Direktiven, déi eng fir d'Banken, déi aner fir d'Investmentgesellschaften, an éischter Hiesicht un d'Mammenhaiser vun de Bankmultien, well déi nawell am léifste vun uewen erof d'Regele fir hir Duechtere mat festleeën, fir esou dee Spillraum, deen de Législateur hinne léisst, uniform um Niveau vum Grupp aus-zentzen.

Anersäits gehéieren déi Moosnamen, déi hei ergraff ginn, bei eise Lëtzebuurger Opérateuren...

(Coups de cloche de la Présidence)

...a bei deenen hirer Opsicht schonn laang zum Alldag, well mir als relativ bedei-tend an entsprechend exponéiert Finanz-plaz - ëmmerhi gehéiere mer zu deenen zéng gréissten op der Welt - virsichtshalber scho munches u Verhalensregele virewech-gehall hunn, wat elo an d'Gesetz age-schriwwen gëtt.

Iwwerflësseg ass deen Exercice trotzdeem nach laang net, an dat virun allem well am Ëmsetzungsgesetz och Saache stinn, déi bis elo esou prezis nach net festgehal-e waren, notament wat d'Egendisziplin vun den Opérateuren, och „corporate gover-nance“ genannt, ugeet, oder wat d'Kompe-tenze vun eiser eegener Opsicht, der CSSF, par rapport zum Kontrollor vum Mammen-haus am Ausland ubelaangt.

An dann ass et jo och nach esou, datt mir nach e puer stack Lëtzebuurger Banken hunn, op déi déi ganz Regelen, deenen d'Fachwelt den Numm Basel II ginn huet, sech direkt uwenden, well keng auslän-nesch Konzernmamm am Spill ass.

Dat Ganzt heescht Basel II, well sech d'Zen-tralbankgouverneure vun de sougenannten Industriestade regelméisseg an där Schwäi-zer Stad treffen a well dat, wat si dës Kéier do ausgemaach hunn, en zweete Worf ass, mat deem eng säit Jorzéngte gëlter Grond-regel ofgeléist gëtt. Déi Regel seet, datt d'Banke sécherheetshalwer hir Engage-menter duerch e bestëmmte Prozentsaz un Eegekapital ofdecke mussen. Dat ass déi bekannt Ratio Cooke, déi sengerzäit vun den Zentralbankgouverneuren zu Basel op 8% festgeluecht gouf.

Elo gëtt déi Minimumofdeckung gewës-ser moosse verfeinert an deenen ënnerschid-dleche Risikoniveauen ugepasst. Domat gëtt aus där méi pauschaler elo eng nuancéiert Eegekapitalofdeckung.

Esou war dat jiddefalls vun deenen of-gemaach ginn, déi zu Basel um Dësch



souzen. Mä du sinn d'Amerikaner aus der Rei gedantz an hunn decidéiert, datt déi nei Regele sech bei hinnen doheem nëmmen op déi Dosen déckste Banke sollten applizéieren. D'Europäer hunn derbannst brav déi Baseler Ofmaachungen integral ëmgesat an zwou Direktive gebastelt, déi fir all Finanzopérateuren, Banke souwuel wéi Investmenthaiser, gëllen. An déi solle mir elo mat dësem Gesetz iwwerhuelen.

Wat bezwecken dann elo déi béid Direktiven?

Mä zum Éische geet et, wéi schonns ugedeit, dorëm, déi sëllege Risiko vun de Banken an den Investmentfirmen ofzeweien an a Kategorien anzedeele, déi emol méi héich, emol méi niddreg mat Eegekapital ofgedeckt musse ginn. Dat soll dann ënnert dem Stréch an der Moyenne plus ou moins op déi al Cooke-Ratio vun 8% erauslafen. Mä dee Prinzip ass Theorie, well d'Engagement vum deenen eenzelnen Opérateuren, jee no Client, emol méi oder emol wéineger Gewicht musse ginn an et duerfir schonn emol virkomme kann, datt déi eng méi Kapital an déi aner manner Eegemëttele blockéiere mussen, fir hir Risiken ofzedecken.

Besonnenesch delikat gëtt et awer elo fir d'Clienten. Wuel brauchen déijéineg vum hinnen, déi eng héich Bonitéit opzeweisen hunn, vun elo u manner ofgedeckt ze ginn, woumat deenen hir Kreditter noutgedronge méi bëlleg ginn, wéi déi vum Client, deen net déiselwecht Qualitéit nowise kann an dofir méi en héije Risque duerstellt.

A well déi Qualitéit am Prinzip vu Spezialiste gemiess gëtt, déi éischter rar sinn an deenen hir Servicer entspriechend an d'Geld schloen, kommen déi, déi sech an „Moody's“- oder en „Standard&Poors“-Rating leeschte kënnen, an Zukunft warscheinlech besser ewech, wéi all déi méi kleng Clienten, fir déi esou e Ratingsopwand sech net rechent.

Dat bréngt - niewebäi bemierkt - mat sech, datt do eng nei Aufgab op eis Banken zoukomme kéint. Well d'Direktiv hinnen erlaabt, esou eng Bewäertung och selwer bei sech maachen ze kënnen, wat hiren zu engem gudden Deel mëttelgroussen oder klenge Clientsbetriber natierlech entgéintkomme géif, deet sech hei en neien „service panel“ op, deen ënner Êmstänn zu engem neie Créneau fir eis Plaz kéint ginn.

Ofgesinn dovun awer hält sech déi direkt Auswirkung vun de Basel-II-Regelen op eis Finanzplaz a Grenzen. An dat net nëmmen, well d'Risiko-Ofdeckung schonn um Niveau vun de Mammenhaiser regléiert wäert ginn, mä virun allem, well d'Eegekapitaldeckung bei eis hei zu Lëtzebuerg schonns laang keen Thema méi ass. An zwar ganz einfach, well eis Opérateuren duerch d'Bank an der Tëschenzäit dräimol iwwert deem virgeschriwwene Minimum vun 8% leien.

Den zweete Volet vum neie Regelwierk, dat mir haut an eis Léiglatioun aschreiwé sollen, bezitt sech op d'Identifizéierung vun all hire Risquen duerch d'Banke selwer, déi dann hirersäits vun der Iwwerwachungsinstanz - also an deem Fall der CSSF - kontrolléiert a mat deenen hiren eegenen Evaluatioune verglach musse ginn.

Domat rutsche mer dann op deen Terrain, deen am moderne Sproochgebrauch „corporate governance“ heescht a mat deem soss näischt gemengt ass wéi d'Eegendisziplin, déi vun den Entrepreneuren opzebréngen ass.

Och dat ass fir eis Opérateuren näischt ganz Neies, well déi meescht vun hinnen hu schonns säit engem Strapp hir „compliance officers“ am Haus. Friéier huet een déi an der Schmelz d'„Hüttepölistzen“ genannt. Si passen op, datt d'Hausregelen agehale ginn, a si hëllefen der CSSF derfir ze surgen, datt d'Kierch am Duerf bleift.

Dat heescht, datt déi sëllegen Oploen, déi haut de Finanzopérateure gemaach ginn, och agehale ginn - a wa se och nach esou komplex an oniwiersichtlech a fir en Aussestehende rengt Chineesesch sinn.

Bei dëser Geleeënheet gëtt dann och de Kompetenzterrain vun eiser CSSF méi genee ofgestach, wat d'Iwwerlappung vun hirer Responsabilitéit mat där vun hiren auslännesche Kolleegen ugeet, déi fir d'Mammenhaiser zoustänneg sinn.

Als Fauschregel géllt do an Zukunft, datt d'Contôleuren enk zesummeschaffen a géigesäitig Informatiounen austausche sollen. Mä sollt et emol zu Meenungsverschiddenheeten zwëschen de Contrôleure kommen, dann huet vun elo un d'Iwwerwachungsinstanz am Land vun der Mamm dat lescht Wuert.

An der Praxis wëllt dat wuel heeschen, datt eis CSSF nach just hir voll Souveränitéit vis-

à-vis vun deene siwe vun insgesamt 157 Banke behält, déi hiren Haaptsätz zu Lëtzebuerg hunn.

#### (M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Drëtten a leschte Volet vum eisem neie Gesetz: d'Transparenz vun de Finanzmäert.

An anere Wierder: Duerch e Maximum un Informatioun iwwert déi sougenannt Kapitaladequatioun, wéi d'Ofdeckung vun den Engagementen duerch d'Eegekapital och nach genannt gëtt, soll dat Ganzt och fir Netinitiiéierter ze iwwerblécke sinn.

Esou kréich jiddferen d'Méiglechkeet fir ze kontrolléieren, ob d'Banken, d'Investmenthaiser an och d'Kontrollinstanzen déi Disziplin opbréngen, déi hinne vum Législateur ofverlaangt gëtt.

Déi Transparenz schéngt engem evident ze sinn, mä si ass an der Praxis wuel net ëmmer ginn, a sief et eleng schonn nëmmen dowéinst, datt déi ganz Finanzwelt ëmmer méi komplizéiert a verwurrelt gëtt.

Déi nei Aart a Weis, fir d'Eegekapitaldeckung ze ermëttelen, wéi se mat dësem Gesetz elo agefouert gëtt, ass jo wuel fir sech eleng scho Beweis genuch fir déi Behauptung.

Et kann een do dem Statsrot nëmmen zoustëmme bei deem, wat hien a sengem Avis seet. Hien ass nämlech der Meenung, datt d'CSSF net ëm déi zousätzlech Aufgaben ze beneiden ass, déi mat dësem Gesetz op si zoukommen. Datt si elo kontrolléiere muss, ob eenzel Haiser sech un esou schwammech Begrëffer wéi eng „best practice“ halen, ass weess Gott keng einfach Geschicht.

Woufir de Statsrot der CSSF dann och eng glécklech Hand bei där kriddelecher Mission wënscht, well et do ëm net méi an net manner geet wéi dorëms, déi ënnerschiddlech Rechtskulturen an Hauskulturen vun deenen eenzelne Finanzgruppen, déi sech op eiser Plaz zesummefannen, ënner een Hutt ze bréngen an da souzesoen e gemeinsamen „corporate governance“-Nenner erauszeschielen.

Mä iergendwéi wäert d'CSSF och dat ronkréien. Schliesslech huet si et och fäerdeg bruecht, déi detailléiert Ausféierungsbestëmmungen zu dësem Gesetz, also iwwert d'„capital adequacy“ vun de Banken, ëm déi et haaptsächlech an dësem Gesetz geet, schonn am Dezember 2006 ze liwweren, dat heescht néng Méint éier mir hei am Stand waren d'Gesetz selwer iwwert d'Ronnen ze bréngen.

Wann et der CSSF no gaange wier, dann hätte wuel déi zwou Direktiven, wéi am Ufank virgesinn, den 1. Januar vun dësem Joer a Kraaft triede kënnen, an net eréischt e Joer duerno.

A vu datt elo dat op d'mannst de Fall ass, recommandéiert d'Finanz- a Budgetskommissioun der Chamber, dësem Projet hire Seegen ze ginn. Dee vun der CSV-Fraktioun huet en op jidde Fall.

Merci, Här President.

» Une voix - Très bien!

» M. le Président - Ech soen dem Här Rapporteur Lucien Thiel Merci. Als éischte Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

» M. Claude Meisch (DP) - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt dem Rapporteur, dem Lucien Thiel, e grouse Merci ze soe fir seng Explikatiounen, déi en hei a sengem schrëftleche Rapport virgeluecht huet, awer och elo grad mëndlech nach emol widderholl huet.

Den éischten Accord vu Basel datéiert jo aus dem Joer 1988. An all déi, déi sech e bëssen domadder beschäftegt hunn, wëssen, datt zanterdeem awer d'Finanzingenierie eng ganz innovativ war, datt se nei Produiten op de Marché bruecht huet. Produiten, déi och e Marché fonnt hunn; déi also och eng raison d'être haten an déi awer duerch dee Risiko, dee se duerstellen, duerch déi Technik, mat där se ausgeschafft gi sinn, mat där se produzéiert ginn, dann och ganz aner Ufuhrderungen un d'Banke stellen, fir de Risiko ofzefiederden.

Nei Produité bedeiten dann an der Regel och e ganz anere Risiko, an duerfir muss eben och déi Réglementatioun, déi bestanen huet zanter dem éischten Accord vu Basel, iwwerducht ginn, wat dann och heimmadder gemaach ginn ass, an un déi nei Produiten ugepasst ginn.

Nei Produiten, déi aner Zorte vu Risiko bëinhalten - Kreditrisiko, Marchésrisiko, operationell Risiken, wéi och schonn hei dévelo- piéiert ginn ass.

Interessant ass och, datt mer lues a lues awer ewechkomme vun der eenheetlecher Regel zu méi enger differenzéierter Approche, wou dann och fir méi kleng Entrepreneuren an Etablissementer Moyenn bestinn, fir sech kënnen a Fonctioun vun hirer Aktivitéit un déi dote Réglementatiounen ze adaptéieren.

Mir kennen déi Problematiken, déi kënnen entstoën. Viru kuerzem hate mer d'Diskussioun iwwert d'Hypothéikekris an den USA. Mir kennen eventuell Auswierkunge vun esou Krisen, déi vläicht e puer Banken op engem Marché kënnen ugoen, déi sech awer ganz schnell weltwäit ronderëm de Globus kënnen verbreedden.

De Risiko fir d'Stabilitéit vun der Weltwirtschaft ass do effektiv enorm. Duerfir ass et wichtig, datt mer eis gemeinsam Regele ginn, och op de Finanzmäert, an dat iwwer Länner- a Kontinentsgrenzen ewech.

Dat heescht, datt et oft eng komplizéiert Technik ass, mat där déi Kontrollen do gemaach ginn a mat där déi Quotaen anzehale sinn. Dat heescht selbstverständlech och, souwuel op der Säit vun den Etablissementer wéi op der Säit vun den Administratiounen a vun de Kontrollinstanzen, administrativen Opwand, mä d'Zil ass et wäert.

Duerfir si mer der Meenung als Demokratesch Partei, datt mer dësem Projet de loi eis Zoustëmmung kënnen ginn.

Merci.

» Plusieurs voix - Très bien.

» M. le Président - Ech soen dem Här Meisch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

» M. Ben Fayot (LSAP) - Här President, ech wollt och dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport.

Meng Fraktioun wäert dese stëmme, ouni dass mer elo hei eng laang Interventioen maachen. Dat wëllt awer net soen, dass mer d'Bedeutung vun deem Projet an och vun deene sougenannte Basel-II-Regelunge fir d'Finanzplaz verkennen. Mir wëssen, dass domat eng grouse Erausforderung op d'Banken zu Lëtzebuerg zoukënn, déi se allerdéngs scho gréisstendeels gemeeschtert hunn am Virfeld vun dësem Projet de loi.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech wëll och soen, dass et sécher fir gréisser Entrepreneuren eng interessant Démarche ass. Méi problematesch sinn d'Auswierkungen natierlech fir Kleng- a Mëttelentreprisen an och fir Privatleit, déi wëlle léine goen. Duerfir ass et wichtig, dass een och e Suivi vun dësem Gesetz mécht, dat heescht, dass een an engem oder zwee Joer an der Chamber, an der Finanzkommissioun eng Kéier kuckt, wéi dat hei sech auswirkt, well et och direkt d'Interesse vun Entrepreneuren a Particuliere sinn.

Dat gesot, Här President, nach eng Kéier, meng Fraktioun wäert dësem Projet zoustëmme.

» M. le Président - Merci, Här Fayot. Freet soss nach een d'Wuert?

Wann dat net de Fall ass...

#### (Interruption)

Oh! Pardon. Här Henckes!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR) - Här President, ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Zënter 1988 gëtt et de Ratio Cooke, a jiddferen huet gemierkt, datt en d'Konditiounen, wéi d'Kreditter attribuëiert gi vun de Banken, modifizéiert huet an datt d'Lat e besse méi héich geluecht ginn ass. Mat deenen neie Ratioen, mat deene Präzisiounen, déi kommen, kommen zousätzlech Konditiounen op d'Banken zou, an indirekt och domadder op d'Entrepreneuren.

Wéi wichtig et ass, datt ee Sécherheetsbestëmmungen a Sécherheetsnormen huet, dat gesäit een, wann een déi Événementer kuckt, wat d'Immobiliekreditter an Amerika ugeet. Wa verschidde Ratioen net respekéiert ginn a wann een net oppasst, kann dat zu ganz schwierigen ekonomesche Krisen féieren. Mir kënnen ons als Lëtzebuerg an als eng Bankplaz, déi Weltniveau huet, esou eppes net leeschten. Dofir ass dat heiten e gudden Accord, quitte datt et fir déi eenzel Entrepreneuren, déi vläicht Kreditter ufroen, e besse méi schwéier wäert sinn. Mä et ass awer noutwendeg, datt mer op dee Wee ginn.

Fir d'Banke selwer huelen ech un, datt no Base vu mengen Informatiounen déi meescht Banken elo schonn déi Basel-II-Regelen an der Praxis ëmgesat hunn. Duer-

fir, mengen ech, ass dat heite just nuren eng Consolidatioun vun deem, wat elo d'Banke scho souwisou exerzéiert hunn. Ech wollt den Accord vun der ADR zu dësem Projet bréngen.

» Plusieurs voix - Très bien!

» M. le Président - Merci, Här Henckes. Domadder ass d'Diskussioun zu dësem Projet ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung dervun.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5664 ass eestëmmegeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5722, Här Grethen, d'Steierofkommes tëscht Lëtzebuerg a Frankräich. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Norbert Hauptert.

**10. 5722 - Projet de loi portant approbation du Deuxième Avenant, signé à Luxembourg, le 24 novembre 2006, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la France tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Paris, le 1<sup>er</sup> avril 1958**

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5722 gesäit am Fong geholl en Zousaz zum Duebelbesteierungs- ofkommes tëscht Lëtzebuerg a Frankräich vir, dee verschidden Notiounen aus dësem Accord preziséiert, fir endlech aus der Welt ze schafen, datt aus engem Accord, deen eng Duebelbesteuerung soll verhënnern, en Accord entsteet, deen eng Duebelbesteuerungsentlaaschtung zouléisst.

Dofir erlaabt mer, datt ech vläicht e wéineg méi wäit aushuelen, wéi dat normalerweis de Fall ass bei esou engem Accord, datt ech vläicht ganz kuerz d'Prinzipië vun enger



internationaler Konvention, wat besonnesch d'Besteuerung vun de Revenus immobilien an d'Besteuerung vun de Benefisier ubelaangt, erklären. Déi Kontradiktion tëschent deenen zwou Notionnen huet an Fong geholl dozou gefouert, datt zu Lëtzebuerg eng Niche fiscale, wéi ee se nennt, entstanen ass, déi dann och zougelooss huet, datt verschidden Entreprisë sech de Steieren an deenen zwee Länner konnten enteieren.

De Prinzip vun den internationale Konventionen seet, wat de Revenu immobilier ubelaangt, dat heescht, d'Loyer an d'Plusvaluen, déi een aus dem Verkauf vun engem Immeuble ka bezéien, datt déi Revenuen do besteiert ginn, wou deen Immeuble sech befënnt. Dat heescht, wann et en Immeuble ass, deen a Frankräich ass, da soll en do besteiert ginn, a wann et en Immeuble ass, deen hei zu Lëtzebuerg ass, obschonn eventuell de Propriétaire a Frankräich ass, gi seng Revenuen awer hei zu Lëtzebuerg besteiert.

Wat d'Benefisier vun den Entrepreneuren a vun de Gesellschaften ubelaangt, esou ass de Prinzip deen, datt déi Benefisier do besteiert ginn, wou déi Entreprise oder déi Gesellschaft hire Sëtz huet, et sief dann, datt se fir déi Aktivitéiten, déi se am Ausland bedreift, am Ausland en Établissement stable opmécht, dat heescht an deem Land eng Produktions- oder eng Verkaufsstell etabléiert.

Dat war och ëmmer esou respektéiert ginn, bis datt eng Lëtzebuurger Gesellschaft, d'Société d'investissement agricole et forestier, sech beim franséische Stat - déi hat also Immeublen a Frankräich - beschwéiert, datt hir Revenuë géifen a Frankräich besteiert ginn. Et war also eng Société d'investissement agricole et forestier, eng Société commerciale, wéi ee seet.

De franséische Statsrot huet opgrond vun där Requête folgend Décision geholl: De franséische Statsrot huet gesot, eng Société commerciale oder eng Entreprise commerciale ka par Définition nëmme Benefisier maachen. Dofir: hir Revenuen, déi se bezitt, kënnen nëmme als Benefisier considéiert ginn. Wann dat och de Fall ass, datt se hir Revenuen aus engem Immeuble bezéien, dann ass dat awer e Benefisier, an en huet där Société d'investissement agricole et forestier Recht ginn. Dat heescht, datt de Revenu, dee se a Frankräich géif bezéien, a Frankräich net dierft besteiert ginn.

Doropshin huet déi Lëtzebuurger Verwaltung déi Revenuen natierlech hei zu Lëtzebuerg besteiert, bis eng aner Gesellschaft - eng Lëtzebuurger Gesellschaft, déi och Immeublen a Frankräich hat an der Lëtzebuurger Steierverwaltung déi Revenuen hei zu Lëtzebuerg besteiert huet - hei bei eisen Tribunal administratif gaangen ass an do geklot huet. Den Tribunal administratif huet gesot: Mä do besteet en Duebelbesteuerungsofkomme, wat seet, datt d'Revenuen immobilien do mussen besteiert ginn, wou deen Immeuble situéiert ass. An en huet där Firma Recht ginn, fir datt de Revenu immobilier net dierft hei zu Lëtzebuerg besteiert ginn.

Doropshi war d'Konklusion, datt eben aus deem Duebelbesteuerungsofkomme, wat am Fong geholl soll eng Duebelbesteuerung verhënnere, eng Duebelbesteuerungsexemptioun ginn ass, wou déi zwee Partner - Lëtzebuerg a Frankräich - net konnten zefridde sinn. Se hu sech och zesumme gesat, fir dat aus der Welt ze schafen.

Fir op d'Interventioun vun Här Grethen hei vläicht ze äntweren: Och zënter 2002 huet d'Lëtzebuurger Regierung versicht mat Frankräich deen Accord do ze treffen, fir eben dës Anomalie aus der Welt ze schafen. D'Fransousen hunn drop gepocht, fir nach méi do eranzubringen an déi Konvention. Ech mengen, wa Lëtzebuerg dann och nach vun hirer Sait komm wier, da wier déi Konvention hei bis elo ni zustane komm. Dat heescht, déi Gesellschaften hätten nach ëmmer kënnen steierfräi hir Aktivitéite maachen.

» M. Henri Grethen (DP). - Et hätt eis näischt geschuet.

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur. - Wat Lëtzebuerg näischt geschuet hätt, well se souwiesou keng Steieren huet brauchen ze bezéien. Si verléiert also keng

Steieren, an déi Gesellschaften, déi hei etabléiert sinn, hu vläicht net méi dee groussen Intérêt, fir hei zu Lëtzebuerg ze bleiwen.

» M. le Président. - Entschëllegt. Här Hauptert, erlaabt Der eng Zwëscheffro vum honorabelen Här Grethen?

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur. - Selbstverständlech. Ech kann dem Här Grethen näischt verwieren.

» M. Henri Grethen (DP). - Här President, et ass keng Zwëscheffro, et ass just eng Präzisioun. All déi Gesellschaften, déi am Moment hei zu Lëtzebuerg sinn an déi dee Privileg - entre guillemets - hunn, déi ginn elo alleguer an Dänemark, well do ass den Accord mat Frankräich nach net ofgeännert. Et ass also just, dass der vill zu Lëtzebuerg fortginn. Mir verléieren, kréien awer näischt bäi.

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur. - Bon, bis d'Fransousen d'Dänen dann och gedirangelt hunn, fir dat ofzeschaffen, ech mengen, da komme se entweder erëm op Lëtzebuerg zrëck oder si etabléiere sech eventuell a Frankräich.

#### (Hilarité et interruption)

Okay. Wat gesäit elo dësen Avenant vir? Dësen Avenant bréngt déi Präzisiounen an d'Konvention eran. Eischtens, se hält fest, datt all Revenu immobilier, esou wéi et de Prinzip vun den Accorden am Fong geholl virgesäit, an deem Land besteiert gëtt, wou deen Immeuble situéiert ass, egal wien de Revenu bezitt, ob dat eng Privatpersoun ass, ob dat eng Gesellschaft ass, oder ob et eng Persoun ass, déi eng Profession libérale bedreift, fir also dee Vide, deen entstanen ass duerch déi zwou Décisionen vun de Gerichter, engersäits a Frankräich de Conseil d'État a bei eis den Tribunal administratif, fir déi Ongereimtheet aus der Welt ze schafen.

De Statsrot huet deen Accord do begréisst a gëtt en Avis positif zu dësem Gesetz. D'Kommission huet mäi Rapport unanime ugeholl a schléit lech vir, fir och déi Konvention hei ze approvieren.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Hauptert. Freet soss nach een d'Wuert zu dësem Projet? Ah, den Här Henckes.

#### Discussion générale

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, ech wëll hei och beim Projet de loi op déi Konsequenzen hiweisen, déi sech fir munnech Entrepreneuren erginn, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn an déi elo schon am Virfeld, wou nuren d'Diskussion war vun där Konvention, hu missen ëmdenken a sief et an d'Schwäiz, sief et op Monaco, sief et an Dänemark ausgewach si respektiv aner Léisungen huelen.

Wat och wichteg ass, an do wollt ech de Rapporteur froen, wéini déi Konvention hei zum Droe kënn, well se jo och muss a Frankräich gestëmmt ginn. Esou huelen ech un, datt se gestëmmt ass, an da misst et also am Prinzip den 1. Januar 2008 sinn.

Déi aner Fro, déi ech wollt stellen, ass ob dat méiglech wär gewuer ze ginn, wéi et mat där Proposition ass, déi de President Sarkozy gemaach huet, a fir op déi Fro anzegoen, déi den Här Grethen mat Recht ervirgestrach huet iwwert d'Ierfschaftssteuer, dat ass, datt de franséische President am Kader vun der Wahlcampagne gesot hat, hie géif déi direkt Ierfschaftssteuer ofschafen.

Dat ass nach eng Inconnue. Ech hoffen, datt de franséische President sech domadder duerchsetze wäert, fir datt mer wéinstens ee vun de Problemer, déi sech hei kéinten aus där Konvention erginn, kéinten...

» Une voix. - Här Henckes, Dir musst just nach Är Fraktioun dovun iwwerzeegen.

» Une autre voix. - Jo, Du hues dee falsch verstanen.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Dat ka vläicht sinn, mä op jiddfer Fall schéngt awer elo emol nach eng Majoritéit do ze sinn, déi zolidd schéngt ze sinn.

Just nach wat d'Entrée en vigueur wär, do wär ech frou fir gewuer ze ginn, wéi d'Situation do ass.

» M. le Président. - Här Hauptert!

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur. - Ganz kuerz. Mengen Informatiounen no stoung déi Approbation um Ordre du jour vun dem franséische Parlament, also

vun der Assemblée nationale, den 18. September 2007, an ech huelen och un, datt se do vun der franséischer Assemblée approuvéiert ginn ass.

» M. le Président. - Merci, Här Hauptert. Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5722 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 11. Désignation d'un Président et de quatre membres du Centre pour l'égalité de traitement

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Do geet et ëm d'Designation vun engem President a vu véier Membere vum Centre pour l'égalité de traitement. Nom Artikel 114 (2) vum Chamberreglement gëtt iwwer all Kandidat eenzel ofgestëmmt. D'Lëscht vun de Kandidaturen ass un d'Deputéierte verdeelt ginn. Mir stëmme fir d'ëischt of iwwert de Posté vum President.

Den Artikel 137 vum Chamberreglement seet: «Le candidat élu doit avoir atteint la majorité absolue des voix, les bulletins nuls et blancs ne comptant pas pour l'établissement de cette majorité.»

Eng Kandidatur ass fir de Posté vum President agereecht ginn, déi vum Här Serge Kollwelter.

Mir stëmme elo iwwert dës Kandidatur of.

#### Vote

Deelt wann ech gelift d'Wahlziedelen aus.

#### (Collecte des bulletins de vote par appel nominal)

D'Sitzung ass fir ee Moment ënnerbrach.

#### (Interruption de la séance publique à 16.41 heures.)

\*\*\*

#### (Reprise de la séance publique à 16.45 heures.)

Mir huelen d'Sitzung erëm op.

Dir Dammen an Dir Hären, hei ass d'Resultat vun deem Vote, dee mer gemaach hunn iwwert d'Kandidatur vum Posté vum President:

Hu gestëmmt mat Oui: 21;

hu gestëmmt mat Non: 35

an ee Blanc.

Domat huet d'Kandidatur net déi noutwendeg absolut Majoritéit kritt an ass deement-sprechend net zrëckzebehalen. Ech denken, dass dee Posten dann nach eng Kéier muss ausgeschriwwen ginn.

Voilà, mir kommen dann...

#### (Interruption)

Här Grethen!

» M. Henri Grethen (DP). - Här President, an där Situation géif ech awer virschloen, dass mer do net déi aner Voté virhuelen. Dir kënn net an enger Institution, wou et elo kee President gëtt, d'Membere wielen. Dat schéngt mer...

» Une voix. - Evident.

» M. Henri Grethen (DP). - Ech géif proposéieren, dass mer dee Vote sollte postponéieren, an dass dann d'Conférence des Présidents doriwwer schwätzt a kuckt, wéi ee sech an dëser Situation verhält, well mer keen anere Kandidat fir d'Présidence hunn.

» Une autre voix. - Très bien!

» M. le Président. - Wéi ass d'Haltung vun deenen anere Fraktiounen zu der Proposition, déi den Här Grethen mécht, fir elo mat dem Ofstëmmen opzehalen iwwert de Rescht vun de Membere vun deem Gremium?

» M. Michel Wolter (CSV). - Här President, ech muss lech soen, dass ech als Netjurist Schwierigkeeten hunn, déi juristesche Portée vun der Proposition vum Här Grethen ze cernéieren, ob dat iwwerhaapt méiglech ass opgrond vun der Aart a Weis wéi d'Kandidaturen ausgeschriwwen gi sinn. Et gi jo och Délaien an deenen d'Leit sech kënnen mellen. Ech weess et net!

#### (Interruptions diverses)

Ech géif do vun engem, dee vläicht méi dovunner kennt, wëllen eng kloer Äntwert kréien, ob mer net awer mussen d'Posté bestëmmen, well déi Posten och ausgeschriwwen waren. Ech iwwerblécken dat net, dat muss ech ganz éierlech soen.

» M. le Président. - Jo, et ass keen Délai uginn.

Also, wat mir evident schéngt, dat ass, dass mir keen Délai hunn, bannent deem elo direkt dee Gremium hei muss komposéiert ginn, esou dass ee ka mat deem Vote fir de Rescht vun de Membere vum Centre ofwaarden, en attendant. Dat ass op jidde Fall sécher!

Wäert Der dann d'accord fir d'Proposition vum Här Grethen unzehuelen?

#### (Assentiment)

Da gi mer net zum Vote vun deenen anere Membere iwwer. Mir maachen dat spéiderhin a schreiwen an der Zwëschenzäit de Posté vum President nach eng Kéier aus.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domadder si mer un Enn vun eiser Sitzung ukomm. Ech soen lech Merci. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëttag um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehewen.

#### (Fin de la séance publique à 16.47 heures)

## Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung

live an integral

mat enger Rediffusioun

all Sëtzungsdag

vun 19:00 Auer un



Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président

## Sommaire

1. Communications
  2. Propositions de loi
    - Déclaration de recevabilité des propositions de loi 5746, 5747, 5776, 5755 et 5783
  3. Rôle des affaires
    - Retrait du projet de loi 5615
  4. Composition de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire
    - Proposition de changement adoptée
  5. Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot
  6. Débat de consultation sur la simplification administrative en faveur des entreprises au Luxembourg
    - Exposé de M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement
    - Débat: M. Lucien Clement (motion 1), M. Claude Meisch, M. Charles Goerens, M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, M. Claude Meisch, M. Jos Scheuer
  7. Dépôt d'une résolution par Mme Anne Brasseur
  8. Débat de consultation sur la simplification administrative en faveur des entreprises au Luxembourg (suite)
    - Débat (suite): M. Henri Kox, M. Robert Mehlen, M. Aly Jaerling, M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement, M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur
    - Motion 1 adoptée
  9. 5666 - Projet de loi concernant les exigences de sécurité minimales applicables à certains tunnels routiers et modifiant la loi modifiée du 15 mai 1974 portant réorganisation de l'Administration des Ponts et Chaussées
    - Rapport de la Commission des Travaux publics: M. Lucien Clement
    - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  10. 5596 - Proposition de révision de l'article 16 de la Constitution
    - Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, M. Alex Bodry, M. Félix Braz, Mme Anne Brasseur, M. Jacques-Yves Henckes, M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, M. Jacques-Yves Henckes, M. Claude Wiseler
    - Second vote constitutionnel
  11. 5337 - Projet de loi portant création d'un congé individuel de formation et modification
    1. du Code du travail;
    2. de la loi modifiée du 4 octobre 1973 concernant l'institution d'un congé-éducation;
    3. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;
    4. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux
    - Second vote constitutionnel
  12. Motion de M. Paul Helminger déposée au nom du groupe DP et au nom du groupe DÉI GRÉNG relative à l'amélioration et à la décentralisation des structures d'accueil pour personnes toxicomanes et à l'implantation d'un foyer d'accueil à Bonnevoie
- et
- Motion de M. Ben Fayot relative à la décentralisation des structures de traitement et d'accueil pour personnes toxicomanes
- Exposé: M. Paul Helminger (priorité donnée à la motion Fayot)
  - Discussion générale: Mme Martine Stein-Mergen, M. Ben Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, M. Xavier Bettel, M. Mars Di Bartolomeo
  - Vote (motion Fayot adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

1) Par lettre du 30 septembre 2007 Monsieur Henri Ahlborn a informé le Président de la Chambre que son Altesse Royale le Grand-Duc lui a accordé, à sa demande, démission de ses fonctions de Maréchal de la Cour et que son successeur, Monsieur Pierre Mores, prendra officiellement sa fonction le 1<sup>er</sup> octobre 2007.

2) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

3) Les projets de loi, propositions de loi et projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés depuis le 17 juillet 2007:

1. **5748** - Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un huitième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique

Dépôt: Monsieur Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement, le 17.07.2007

2. **5749** - Projet de règlement grand-ducal instituant un régime d'aides pour des personnes physiques en ce qui concerne l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables

Dépôt: Monsieur Lucien Lux, Ministre de l'Environnement, le 14.08.2007

3. **5750** - Projet de loi portant introduction d'un statut unique pour les salariés du secteur privé et modifiant: 1. le Code du Travail; 2. le Code des assurances sociales; 3. la loi modifiée du 8 juin 1999 relative aux régimes complémentaires de pension; 4. la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective; 5. le chapitre VI du Titre I de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire; 6. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; 7. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Dépôt: Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Monsieur Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Sécurité sociale, le 03.08.2007

4. **5751** - Projet de loi portant approbation du Protocole, modifiant le Protocole additionnel relatif aux impôts annexé à la Convention concernant la coopération administrative et judiciaire dans le domaine des réglementations se rapportant à la réalisation des objectifs de l'Union économique Benelux, signé à La Haye, le 29 avril 1969 et de la Déclaration des trois Gouvernements, signés à Bruxelles, le 17 avril 2007

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 10.08.2007

5. **5752** - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française concernant l'échange et la protection réciproque des Informations classifiées, signé à Luxembourg, le 24 février 2006

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 10.08.2007

6. **5753** - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République fédérale d'Allemagne concernant la protection réciproque des informations classifiées, signé à Berlin, le 17 janvier 2006

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 10.08.2007

7. **5754** - Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance

Dépôt: Madame Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 22.08.2007

8. **5755** - Proposition de loi visant à réviser la Constitution

Dépôt: Monsieur Aly Jaerling, le 23.08.2007

9. **5756** - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme et modifiant: 1) l'article 506-1 du code pénal, 2) la loi du 14 juin 2001 portant 1. approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à

Strasbourg, le 8 novembre 1990; 2. modification de certaines dispositions du code pénal; 3. modification de la loi du 17 mars 1992 1. portant approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988; 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie; 3. modifiant et complétant certaines dispositions du code d'instruction criminelle

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 23.08.2007

10. **5757** - Projet de loi ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des Contributions Directes, de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines et de l'Administration des Douanes et Accises et portant modification de - la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée; - la loi générale des impôts („Abgabenordnung“); - la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des Contributions Directes; - la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines; - la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 23.08.2007

11. **5758** - Projet de loi relative à l'obligation scolaire

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 24.08.2007

12. **5759** - Projet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 24.08.2007

13. **5760** - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 24.08.2007

14. **5761** - Projet de loi autorisant l'État à créer une école primaire de recherche fondée sur la pédagogie inclusive

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 24.08.2007

15. **5762** - Projet de loi concernant le renouvellement du soutien au développement rural

Dépôt: Monsieur Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, le 29.08.2007

16. **5763** - Projet de loi relatif à la construction de la 2<sup>e</sup> École européenne et des Centres polyvalents de l'Enfance

Dépôt: Monsieur Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, le 30.08.2007

17. **5764** - Projet de loi relatif à l'aménagement du contournement de Junglinster

Dépôt: Monsieur Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, le 30.08.2007

18. **5765** - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée à Junglinster

Dépôt: Monsieur Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, le 30.08.2007

19. **5766** - Projet de loi relatif à la construction de la deuxième extension du Centre de Conférences à Luxembourg-Kirchberg

Dépôt: Monsieur Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics, le 30.08.2007

20. **5767** - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Émirats Arabes Unis tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et de son Protocole, signés à Dubai, le 20 novembre 2005

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 04.09.2007

►►► M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

►►► M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Neen, Hâr President.

## 1. Communications

►►► M. le Président.- Ech hu folgend Matdeelungen un d'Chamber ze maachen:



21. **5768** - Projet de loi portant approbation de la Convention en matière de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Macédoine, faite à Luxembourg, le 28 novembre 2006

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 04.09.2007

22. **5769** - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat et de coopération établissant un partenariat entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République du Turkménistan, d'autre part et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 25 mai 1998

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 04.09.2007

23. **5770** - Projet de loi transposant, pour la profession d'avocat, les dispositions de la Directive 2005/36/CE du Parlement européen et du Conseil du 7 septembre 2005 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles et de la Directive 2006/100/CE du Conseil du 20 novembre 2006 portant adaptation de certaines directives dans le domaine de la libre circulation des personnes, en raison de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie, et modifiant: 1. la loi du 10 août 1991 déterminant, pour la profession d'avocat, le système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; 2. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 3. la loi modifiée du 13 novembre 2002 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un État membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant: 1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés; 4. la loi modifiée du 29 avril 1980 réglant l'activité en prestations de service, au Grand-duché de Luxembourg, des avocats habilités à exercer leur activités dans un autre État membre des Communautés Européennes

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 05.09.2007

24. **5772** - Projet de loi modifiant la loi du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 10.09.2007

25. **5773** - Projet de loi déterminant le principe de la récidive en matière de faux-monnayage et introduisant un article 57-1 au Code pénal

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 13.09.2007

26. **5774** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe des élections législatives en Ukraine

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 14.09.2007

27. **5775** - Projet de loi transposant certaines dispositions de l'accord salarial du 5 juillet 2007 dans la Fonction Publique et modifiant a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, b) la loi du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007

Dépôt: Monsieur Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 14.09.2007

28. **5776** - Proposition de loi portant modification de la loi du 9 juillet 2007 portant 1. création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange; 2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Dépôt: Madame Anne Brasseur, le 18.09.2007

29. **5777** - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2005

Dépôt, le 14.09.2007

30. **5778** - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'Entreprise des Postes et Télécommunications

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 19.09.2007

31. **5779** - Projet de loi ayant pour objet le développement économique de certaines régions du pays et modifiant la loi du 22 décembre 2000 ayant pour objet le développement économique de certaines régions du pays

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 19.09.2007

32. **5780** - Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 20.09.2007

33. **5781** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le règlement grand-ducal modifié du 13 septembre 2006 concernant la participation du Luxembourg au renforcement de la Force Intérimaire des Nations Unies au Liban (FINUL)

Dépôt: Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 20.09.2007

34. **5782** - Projet de loi portant création d'un lycée à Junglinster

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 24.09.2007

35. **5783** - Proposition de loi modifiant la loi du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement et portant 1. modification du Code du Travail; 2. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; 3. modification de la loi modifiée du 24 décembre 1977 autorisant le Gouvernement à prendre des mesures destinées à stimuler la croissance économique et à maintenir le plein emploi; 4. modification des articles 100, 161, 239, 375 et 376 du Code des assurances sociales; 5. modification de la loi modifiée du 26 mars 1974 portant fixation de suppléments de pension à allouer aux personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant en cas d'invalidité ou de décès précoces; 6. modification de la loi modifiée du 24 juillet 2001 concernant le soutien au développement rural; 7. réforme de la taxe sur les véhicules routiers; 8. modification de la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques; 9. introduction d'une contribution changement climatique sur les carburants et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; et modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés; 10. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; 11. établissement de la participation du Grand-Duché du Luxembourg aux Fonds carbone de la Banque Mondiale et de la Banque Européenne pour la Reconstruction et le Développement; 12. modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État

Dépôt: Monsieur Carlo Wagner, le 26.09.2007

36. **5784** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la production d'électricité basée sur les sources d'énergie renouvelables et modifiant le règlement grand-ducal du 14 octobre 2005 1) concernant la fourniture d'énergie électrique basée sur les énergies renouvelables et 2) modifiant le règlement grand-ducal du 30 mai 1994 concernant la production d'énergie électrique basée sur les énergies renouvelables ou sur la cogénération ainsi que le règlement grand-ducal du 22 mai 2001 concernant l'introduction d'un fonds de compensation dans le cadre de l'organisation du marché de l'électricité

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 26.09.2007

37. **5785** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire et modifiant a) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, b) la loi modifiée du 28 juillet 1973 réglant l'usage

des armes et autres moyens de contrainte par les membres de la force publique dans la lutte contre la criminalité, c) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État, d) la loi modifiée du 27 juillet 1992 relative à la participation du Grand-Duché de Luxembourg à des opérations de maintien de la paix (OMP) dans le cadre d'organisations internationales, e) la loi du 31 mai 1999 portant création de la police grand-ducale et d'une inspection générale de la police, f) la loi du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État

Dépôt: Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 27.09.2007

38. **5787** - Projet de loi portant 1. fixation des conditions d'engagement et de travail des chargés d'éducation à durée déterminée et à tâche complète ou partielle des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique, 2. fixation des modalités, du programme et du déroulement de la formation spécifique des chargés d'éducation à durée indéterminée et à durée déterminée et à tâche complète ou partielle, 3. création d'une réserve nationale de maîtres-auxiliaires pour les établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique, 4. fixation de la rémunération des chargés d'éducation à durée déterminée et à tâche complète ou partielle ainsi que des maîtres-auxiliaires à tâche complète ou partielle, 5. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 04.10.2007

39. **5788** - Projet de loi portant: 1. transposition de la directive 2002/14/CE du Parlement Européen et du Conseil établissant un cadre général relatif à l'information et la consultation des travailleurs dans la Communauté européenne; 2. modification du chapitre IV du titre premier du livre IV du Code du Travail

Dépôt: Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 04.10.2007

40. **5800** - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2008

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 10.10.2007

4) Par lettre du 13 août 2007 Monsieur Aly Jaerling a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement au sujet de l'accord concernant le financement des communautés religieuses.

Par lettre du 9 septembre 2007 Monsieur Jacques-Yves Henckes l'a informé qu'il désire interpeller le Gouvernement au sujet de la lutte contre le trafic illégal de drogues et au sujet du Plan d'Actions Drogues (Drogenaktionsplan 2005-2008) de la Commission européenne.

5) L'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe s'est réunie en 4<sup>e</sup> partie de session de 2007 à Strasbourg du 1<sup>er</sup> au 5 octobre 2007. Y ont participé Mme Lydie Err, Présidente de la délégation depuis le 1<sup>er</sup> septembre 2007, les membres effectifs, MM. Marcel Glesener et Charles Goerens, ainsi que les membres suppléants, MM. Norbert Hauptert, Jean Huss et Mme Anne Brasseur.

Figuraient à l'ordre du jour de la session:

- allocution d'ouverture de M. René van der Linden, Président de l'Assemblée,

- élection de MM. Jean-Claude Mignon et John Prescott comme Vice-Présidents de l'Assemblée au titre de la France et du Royaume-Uni,

- le rapport d'activité du Bureau de l'Assemblée et de la Commission permanente,

- discours de M. Filip Vujanović, Président du Monténégro,

- a) les activités de l'Organisation internationale pour les migrations (OIM),

b) programmes de régularisation des migrants en situation irrégulière,

c) évaluation des centres de transit et de traitement en tant que réponse aux flux mixtes de migrants et de demandeurs d'asile,

avec l'intervention de M. Brunson McKinley, Directeur général de l'Organisation Internationale pour les Migrations (OIM),

- élection de juges à la Cour européenne des droits de l'Homme au titre de l'Albanie, d'Andorre, de l'Arménie, de l'Autriche, de

Chypre, du Danemark, de la Géorgie, de la Hongrie, de l'Italie, de la Roumanie, de l'Espagne et de «l'ex-République yougoslave de Macédoine»,

- la crise humanitaire au Darfour,

- le discours du Patriarche Alexis II de Moscou et de toutes les Russies,

- le discours de M. Vojislav Koštunica, Premier Ministre de la Serbie,

- devoir des États membres de coopérer avec la Cour européenne des droits de l'Homme,

- respect des obligations et engagements de la Moldova,

- réaliser la croissance économique tout en préservant la protection sociale en Europe à l'ère de la mondialisation,

- discours de M. Abdullah Gül, Président de la Turquie,

- la régionalisation en Europe,

- l'OCDE et l'économie mondiale en 2007 avec l'intervention de M. Ángel Gurría, Secrétaire général de l'OCDE,

- la dimension politique du budget du Conseil de l'Europe,

- pour une Convention européenne sur la promotion des politiques de santé publique dans la lutte contre la drogue,

- vers une dépénalisation de la diffamation,

- la notion de guerre préventive et ses conséquences pour les relations internationales,

- communication du Comité des Ministres à l'Assemblée parlementaire présentée par M. Vuk Jeremić, Ministre des Affaires étrangères de la Serbie et Président du Comité des Ministres,

- discours de M. Agung Laksono, Président de la Chambre des Représentants d'Indonésie et prochain Président de l'Assemblée parlementaire Asiatique (APA),

- prostitution - quelle attitude adopter?

- les dangers du créationnisme dans l'éducation,

- commissaire aux droits de l'Homme du Conseil de l'Europe - bilan et perspectives avec l'intervention de M. Thomas Hammarberg, Commissaire aux droits de l'Homme du Conseil de l'Europe

- «Les parlements unis pour combattre la violence domestique contre les femmes»: évaluation à mi-parcours de la campagne.

Au cours de cette session s'est tenu un débat d'actualité ayant eu pour sujet: La Cour européenne des droits de l'Homme menacée par une crise imminente: Une action urgente s'impose.

Sont intervenues au cours des débats Madame Anne Brasseur pour présenter son rapport sur les dangers du créationnisme et Madame Lydie Err dans le cadre des discussions en rapport avec le bilan et les perspectives du Commissaire aux droits de l'Homme du Conseil de l'Europe.

15 résolutions et 12 recommandations ont été adoptées en rapport avec les points à l'ordre du jour.

6) Par lettres du 13 juillet et du 22 août 2007, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 9 au 12 juillet 2007:

- Résolution sur la convocation de la Conférence intergouvernementale (CIG): avis du Parlement européen (article 48 du traité UE),

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un protocole à l'accord euro-méditerranéen établissant une association entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République algérienne démocratique et populaire, d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion à l'Union européenne de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Hongrie, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovaquie et de la République slovaque,

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission concernant la conclusion du protocole à l'accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République de Moldova, d'autre part, afin de tenir compte de l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne,

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission concernant la



conclusion du protocole à l'accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et l'Ukraine, d'autre part, afin de tenir compte de l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne,

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission concernant la conclusion du protocole à l'accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République d'Arménie, d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne,

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission concernant la conclusion du protocole à l'accord de partenariat et de coopération entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République démocratique d'Azerbaïdjan, d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne,

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission concernant la conclusion du protocole à l'accord de partenariat et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Géorgie, d'autre part, pour tenir compte de l'adhésion de la République de Bulgarie et de la Roumanie à l'Union européenne,

- résolution sur la réduction au minimum des dépenses administratives imposées par la législation,

- résolution sur les perspectives du marché intérieur du gaz et de l'électricité,

- résolution sur la convocation de la Conférence intergouvernementale (CIG); avis du Parlement européen,

- résolution sur la modernisation du droit du travail nécessaire pour relever les défis du siècle,

- résolution sur des actions contre les maladies cardiovasculaires,

- résolution sur l'accord avec les États-Unis d'Amérique concernant l'utilisation de données des dossiers des passagers aériens (PNR),

- résolution sur le rapport de suivi 2006 concernant l'ancienne République yougoslave de Macédoine,

- résolution sur le contrôle démocratique de la mise en oeuvre de l'instrument de financement de la coopération au développement (ICD),

- recommandation à l'intention du Conseil sur le mandat de négociation relatif à un nouvel accord renforcé entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et l'Ukraine, d'autre part,

- résolution sur la République de Moldova.

Par lettre du 24 septembre 2007 il lui a fait parvenir le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 3 au 6 septembre 2007:

- résolution sur les catastrophes naturelles,

- résolution sur un examen stratégique du programme «Mieux légiférer» dans l'Union européenne,

- résolution sur Mieux légiférer 2005: application des principes de subsidiarité et de proportionnalité - 13<sup>e</sup> rapport annuel,

- résolution sur la stratégie de simplification de l'environnement réglementaire,

- résolution sur les implications juridiques et institutionnelles du recours aux instruments juridiques non contraignants (soft law),

- résolution sur le réexamen du marché unique: combattre les obstacles et l'inefficacité par une meilleure mise en oeuvre et une meilleure application,

- résolution sur le règlement (CE) N° 1546/2006 de la Commission modifiant le règlement (CE) N° 622/2003 fixant des mesures pour la mise en oeuvre des règles communes dans le domaine de la sûreté aérienne (introduction de liquides dans les aéronefs),

- résolution sur une stratégie de l'Union européenne pour aider les États membres à réduire les dommages liés à l'alcool,

- résolution sur le règlement sanitaire international,

- résolution sur le fonctionnement des dialogues et des consultations sur les droits de l'Homme avec les pays tiers,

- résolution sur le livre vert sur la révision de l'acquis communautaire en matière de protection des consommateurs,

résolution sur le financement du tribunal spécial pour la Sierra Leone.

## 2. Propositions de loi

### Déclaration de recevabilité

D'Presidentekonferenz huet sech fir d'Recevabilitéit vun enger Rei vu Propositions de loi ausgeschwat, an zwar d'Proposition de loi déposiert vun den Hären Helminger, Bausch, Meisch a Gira betreffend d'Ofännerung vum Gemengegesetz a vum Statut vun de Gemengebeamten.

Eng weider Proposition de loi gouf déposiert vum honorabelen Här Kox iwwert den Institut Luxembourgeois de Régulation.

Da gouf eng Proposition déposiert, vun där mer virdru scho Rieds haten, vum honorabelen Här Jaerling iwwer eng Verfassungsänderung.

Da gouf nach den 18. Dezember d'Proposition de loi 5776 iwwert d'Schafung vum „Lycée Lëtzebuerg-Dummeldeng“ vun der honorabeler Madame Brasseur déposiert.

A schlussendlech eng lescht Proposition de loi, déposiert de 26. September 2006, iwwert d'Gesetz vum 22. Dezember 2006.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 3. Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés

De 4. Oktober 2007 gouf de Projet de loi 5615, eng Ofännerung vum Code du Travail, vum Rôle vun der Chamber gestrach.

## 4. Composition de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

Wat d'Zesummesetzung vun der Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire ubelaangt huet d'LSAP-Fraktioun ugefrot, dass d'Madame Lydia Mutsch bis zum 31. Dezember 2007 duerch den honorabelen Här Negri ersat gëtt.

Ass d'Chamber domat averstanen?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Den honorabelen Här Fayot huet d'Wuert gefrot. Här Fayot!

## 5. Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot

» M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, ech wollt eng Motioun deposéieren am Numm vun der CSV/LSAP, en vue vum Débat iwwert d'Motioun vun den DP/DÉI GRÉNG-Deputéierten iwwert déi sougenannt Fixerstuff. Mir hunn do nach Ennerschrëfte fräi gelooss, wann eventuell een interesséiert wär vun der DP, vun deene Gréngen, fir dat mat ze ennerschreien. Ech deposéieren dat elo op dem Dësch vum Haus, fir dass jiddferen dat mat Zäite ka kucken, wann herno deen Débat stattfënn.

### Motion

La Chambre des Députés,

considérant

- que le taux de prévalence d'usagers problématiques de drogues se place au Grand-Duché de Luxembourg d'après les dernières estimations parmi le plus élevé de l'UE;

- le Programme gouvernemental de 2004 qui stipule que des structures d'accueil pour toxicomanes ainsi que des structures post-thérapeutiques seront créées et le nombre de places de thérapie augmenté;

- qu'une structure d'accueil provisoire pour personnes toxicomanes, appelée «Tox-In», a été ouverte le 4 juillet 2005 sous la responsabilité du Comité national de défense sociale, que le «Tox-In» a pour objet la réduction des risques en permettant la consommation de drogues dans un environnement hygiénique et contrôlé, tout en garantissant un encadrement social des personnes toxicomanes et en mettant à dispo-

sition un foyer d'urgence avec des logements de crise;

- que cette structure d'accueil couvre un besoin réel et grandissant auprès de la population toxicomane, la distribution de seringues ayant doublé entre juillet 2005 et janvier 2006, que le «Tox-In» est devenu un instrument indispensable pour limiter le nombre de victimes parmi les toxicomanes et que le nombre de décès par overdose a diminué depuis l'ouverture de cette structure;

- que le remplacement de cette structure provisoire par une structure définitive est devenu indispensable afin d'assurer son fonctionnement optimal;

- que le problème de la toxicomanie tout comme celui plus global des personnes sans domicile fixe concernent le pays tout entier;

invite le Gouvernement

- à améliorer d'urgence les conditions de fonctionnement du foyer d'accueil et à le remplacer par une structure définitive à implanter sur le site prévu par le Gouvernement ou sur un site alternatif à étudier quant à la faisabilité dans les meilleurs délais et au plus tard jusqu'à la fin de l'année 2007;

- à prendre en compte dans cette étude principalement l'impact d'une telle structure sur les conditions de vie de la population résidente;

- à veiller à une augmentation substantielle du personnel encadrant afin que les personnes toxicomanes puissent bénéficier d'un accès ininterrompu au foyer;

- à mettre à sa disposition tous les moyens indispensables pour que la salle d'injection projetée sur le territoire de la Ville de Luxembourg fonctionne d'une façon optimale, notamment en y affectant dès le début les ressources humaines et financières nécessaires;

- à continuer la décentralisation des structures de traitement et d'accueil pour personnes toxicomanes;

- à préparer cette décentralisation par la création d'une plate-forme regroupant les différents ministères et les communes pour élaborer une stratégie et un plan d'action coordonné tout en veillant à mettre à disposition des communes les moyens nécessaires;

- dans cette perspective, à dresser le bilan des activités de l'actuelle structure d'accueil provisoire en examinant la provenance régionale des personnes qui en font usage et leurs pathologies respectives;

- à concevoir le nouveau projet et son concept de façon à ce qu'il puisse s'adapter à l'impact de futures structures décentralisées et à l'instauration du projet de substitution à l'héroïne prévu par le ministère de la Santé;

- à réévaluer le projet à la lumière de l'expérience acquise suite à l'introduction du projet de prescription d'héroïne et à réexaminer dans ce contexte l'opportunité d'une réduction du nombre de lits, de même que la séparation éventuelle entre le volet foyer d'accueil et le volet salle pour toxicomanes;

- à présenter dans les meilleurs délais et au plus tard au cours de l'année 2008 des projets concrets de centres d'accueil pour toxicomanes dans d'autres régions du pays, notamment dans les régions sud et nord;

- à prendre rapidement des mesures concrètes pour créer sur tout le territoire national des unités de vie à dimension humaine pour des personnes sans domicile fixe pour éviter ainsi toute concentration de ces personnes sur une seule localité.

(s.) Ben Fayot, Marc Angel, François Bausch, Paul Helminger, Martine Stein-Mergen.

» M. le Président. - Merci, Här Fayot. Ech ginn lech Akt vum Dépôt vun där Motioun an, wéi gesot, wäerte mer déi herno beim leschte Punkt vun eisem Ordre du jour zesummen diskutéieren mat der Motioun, déi deposéiert gi war am Numm vum Grupp vun der Demokratescher Partei an am Numm vum Grupp vun deene Gréngen.

Haut de Mëtteg, an domat wëll ech ufänken, steet op eisem Ordre du jour d'Konsultatiounsdebatt iwwert den Entfesselungsplang fir d'Betriber. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Clement, den Här Meisch, den Här Scheuer, den Här Kox an den Här Mehlen.

D'Wuert huet fir d'éischt den Här Mëtzelstandsminister Fernand Boden.

## 6. Débat de consultation sur la simplification administrative en faveur des entreprises au Luxembourg

Exposé de M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

» M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet gefrot, fir haut de Mëtteg eng Konsultatiounsdebatt an der Chamber ze maachen iwwert deen neien Entfesselungsplang fir Betriber, an ech soen der Chamber Merci, datt se dës Demande ugehall huet.

Mir haten d'ailleurs schonn d'Geleeënheet, an deene verschiddene Chamberskommissionen Tëscheresultater vun dësem Plang, deen an enker Zesummenaarbecht mat de Berufschamberen, mat de Berufsorganisationen an och mat ville Ministèren a Verwaltungte geschriwwen gouf, virstellen.

D'Regierung huet den Entfesselungsplang fir Betriber an deen doranner beschriwwene Plan d'action am Mäerz vun dësem Joer am Regierungsrat ugehall.

Den Entfesselungsplang fir Betriber ass déi direkt Ëmsetzung vum Koalitionsaccord vun 2004 an deem et heescht - an ech zitieren -: «Le Gouvernement accordera une priorité à la simplification des formalités administratives qui freinent le rendement et l'esprit d'initiative des P.M.E.»

Éier ech awer méi am Detail op de Plang aginn, wëll ech nach e puer grondsätzlech Bemerkungen iwwert d'Simplification administrative maachen. Dës Bemerkunge sinn d'ailleurs net nëmme wouer hei am Land, mä eis Kolllegen an Europa, déi hunn dëselwecht Erfahrung gemaach.

D'Simplification administrative ass en Instrument, dat net vun haut op muer ëmgesat ka ginn a scho guer net Hals iwwer Kapp, well en héije Prozentsaz vun eiser Léglatioun vu Bréssel a Stroosbuerg kënnt a well d'Simplification administrative - erlaabt mer op Figuren aus der Mythologie zrëckzegräfen, fir et e bësse méi plastesch duerzestellen - aus enger bal titanischer Aarbecht besteet, wat hire Volume ugeet, aus engem Herkules-Effort, wat hir Ëmsetzung ugeet, an aus enger Sisyphus-Aarbecht, wat hiren Detail ugeet.

### (Interruption)

Jorzéngtelaang, Här Scheuer, ass nëmme derbäikomm, ass nëmme dropgeluecht ginn. Eis Reglementer a Gesetzer sinn an enger juristescher Approche verfaasst ginn, ouni bis elo allze vill ze kucken, wat fir ee wirtschaftlechen Effet dës Normen op eis Betriber hunn.

D'Simplification administrative ass also e wichteg Instrument, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomik ze verbessern, a schreift sech an an déi sougenannte Lissabon-Strategie. Duerfir ass et d'Aufgab vun der ganzer Regierung, d'Simplification administrative konstruktiv ëmzesetzen, fir datt d'ganz Ekonomik, dat heescht mir all, vun der positiver Ëmsetzung profitéieren kënnen.

Et kann ee soen, datt d'Simplification administrative e Mentalitéitswiessel an eise Verwaltungen a Ministèren erfuerdere wäert, fir datt net nëmme d'Gesetzer juristesches optimal geschriwwen ginn, mä datt och enger wirtschaftlecher Iwwerleeung, also dem Impakt vun den Texter op d'Entreprise a besonnesch op déi Kleng- a Mëtzelbetriber, soll méi staark Rechnung gedroe ginn.

Et geet dorëms, de Betriber genuch Loft a Fräiheet ze loosse, fir kënnen kompetitiv an och op den internationale Mäert konkurrenzfäeg ze sinn. Méi Fräiheet heescht awer gläichzäitig fir d'Betriber, och méi Verantwortung ze iwwerhuelen. Méi Fräiheet heescht kloer an däitlech net, datt de Laisser-faire an de Laisser-aller sollen agefuert ginn, mä datt d'Betriber nëmme deene Contrainten ausgesat ginn, déi noutwendeg sinn, fir dem Intérêt public Rechnung ze droen. Oft kann een duerch eng méi benotzerfrëndlech Prozedur dat nämlech Resultat errechen, wéi duerch eng Prozedur, déi



a Stol gegoss ass an de Betriber d'Liewen onnéideg schwéier mécht.

Et geet och net dorëms, hei Mäert oder Secteuren ze dereguléieren, mä et geet dorëms, fir Prozedure vun de Gesetzter esou optimal an effizient wéi méiglech ze maachen. Deemno besteet also d'ganz Konscht vun der Simplification administrative doranner, en Equilibre tëschent de Flichten a Rechter vun de Betriber an dem Intérêt public ze fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Entfesselungsplang fir d'Betriber, deen all Deputéierten d'lescht Woch zougestallt krut, deelt sech a véier grouss Achsen op. Dës Achse sinn:

- 1) d'Organisatioun vun der Simplification administrative hei am Land;
- 2) déi fënnel national Préalablen, also Viraussetzungen, fir d'Simplification administrative;
- 3) déi fënnel grouss Prinzipië vun der Simplification administrative, an
- 4) aner Instrumenter an Aktiounen vun der Simplification administrative.

Am leschten Deel vum Entfesselungsplang ass en Aktiounsplang opgestallt gi mat 76 konkreten Aktiounen, déi den internationale Standardë Rechnung droen. 13 Aktiounen sinn dobäi realiséiert ze ginn an 23 Aktiounen sinn nach ze realiséieren. Déi aner si scho realiséiert.

Dësen éischten Entfesselungsplang ass e Point de départ vun engem laangen, engem schwierigen a beweegte Prozess. Et geet hei net duer, fir an engem eenzelne Ministère virzegoen. Et geet dorëms, horizontal an net eleng sektoriell dee virdu beschriwwene Mentalitéitswiessele ëmzesetzen.

All déi, déi sech fir ee Mentalitéitswiessele asetzen a Reformprozesser begleeten, déi wëssen, datt dëst méi schwéier ass, wéi eng flott Broschür ze produzéieren oder kuerzfristeg e puer kleng Resultater ze hunn. Well dëst den éischte Rapport iwwert d'Simplification administrative ass a mir net op e grouse Savoir-faire zréckgräife konnten, hunn déi Responsabel vum Dossier aus mengem Haus an och aus dem Wirtschaftsministère sech an Holland, an der Belsch an a Frankräich ugekuckt, wéi déi d'Simplification administrative an de leschte Joren ugepaakt hunn.

No enger éischer Konsultatioun vun deenen zwou Chamberskommissiounen ass am Mëttelstandministère am Dezember 2004 de Comité national pour la simplification administrative en faveur des entreprises, den CNSAE, an d'Liewe geruff ginn. Dëse Comité gëtt presidéiert vum Här Minister Krecké a vu mir selwer. En ass zesumme-gesat aus Beamten vun deene verschidde-neste Ministère an Administratiounen an awer och aus Vertrieeder vun de Betriber.

Dëse Comité stellt déi wesentlech Plattform duer, fir d'Simplification administrative virun-zedriewen an huet bis elo ënnert der Regie vum Marc Hostert gutt Aarbecht geleescht, woufir ech alle Bedeelegte vun dëser Plaz aus och e grouse Merci soen.

Hien huet et erlaabt, d'Problemer, déi d'Betriber hunn, ze kanaliséieren, ze identifizéieren an éischt Léisungsvirschléi virzebereeden. An dësem Comité konnten och déi identifizéiert Problemer op hir Plausibilitéit analyséiert ginn an et konnt iwwerpréift ginn, ob déi eenzel Departementer bereet wären, fir virbruechte Verbesserungs-virschléi unzehuelen an och ëmzesetzen.

Des Weidere gëtt an dësem Comité och probéiert ze kucken, wou de Schong dréckt a wéi sech beweegen muss, ob et Bréissel ass oder ob et eis Ministère hei am Land sinn.

A fir et kloer an däitlech ze soen: An deene Felder, wou Direktiven eent zu eent ëmge-sat gi sinn, kann hei zu Lëtzebuerg vun der Regierung net méi allze vill verbessert ginn. Fir hei Vereinfachunge virzehuelen, mussen do vereinfacht Direktive kommen.

Fir e konkret Beispill ze ginn, huele mer d'Statistiken, déi d'Entreprises ausfülle mussen. Hei huet en Aarbechtsgrupp sech iwwer Méint déi eenzel Statistike virun Ae gefouert a festgestallt, datt no e puer Upassungen, déi och ge-maach gi sinn, un der Quantitéit vun de ver-laangte Statistiken net méi vill ka verännert

ginn, well Lëtzebuerg just dee vu Bréissel virgeschriwwene Minimum vun de Betriber verlaangt.

Dat heescht konkret, datt net manner Statistike vun eise Betriber kënnen verlaangt ginn, mä datt just hei zu Lëtzebuerg decidéiert ka ginn, den Entreprises d'Produktioun vun hire Statistiken technesch ze erliichteren. Et bleift dann der Regierung just nach zu Bréissel ze mellen, datt d'Lëtzebuerg-er-Entreprises ënnert den exzessiven europäesche Fuerderunge leiden, an datt d'Europäesch Kommissioun bei hire Vereinfachungsiwwerleeungen, déi se amgaangen ass ze maachen, och dëser Problematik Rechnung droe soll.

An dësem Aarbechtsgrupp iwwert d'Statistike gouf weider festgehalen, datt de Betriber e sougenannte Calendrier des statistiques zur Verfügung gestallt gëtt, fir datt dës sech schonn am Viraus dorop kënnen astellen, wéini wat fir eng Statistik vun hinne verlaangt gëtt.

Des Weidere sollen d'Entreprisë besser erkläert kréien, firwat Statistike vun hinne gebraucht ginn. Dat ass fir d'Akzeptanz bei de Betriber fir esou Aarbechte vill méi erfollegversprechend, wéi wa se mat Sanktioune gedroht kréien, wa se d'Statistiken net ausfüllen.

Ech hunn dat heite Beispill gewielt, fir d'Komplexitéit vun der Simplification administrative ze illustréieren. Oft ass eng sougenannte „low hanging fruit“, also eng Fruucht, déi ee mengt ganz liicht kënnen ze plécken, an der Realitéit eng russesch Matroschka: Wann een enger de Kapp erf-geschrauft huet, da kommen nach zéng anerer no.

Trotzdem bleift awer ervirzesträichen, datt deen zu Lëtzebuerg entwéckelte Calendrier des statistiques vun der Europäescher Kommissioun als eng sougenannte „meilleure pratique“ zréckbehalde ginn ass, an deemno och an anere Memberstate soll elo agefouert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer elo op den Entfesselungsplang fir d'Betriber méi am Detail zréckzekommen. Fir d'Simplification administrative no vir ze bréngen, ass et wichteg, déi konkret Problemer, deenen d'Entreprises ausgesat sinn, ze kennen. Dat geschitt wéi gesot am CNSAE, wou d'Vertrieeder vun de Betriber dës Problemer virdroe kënnen.

Wat awer vill méi wichteg ass, ass beim Stat selwer ze kucken, wou dësen duerch technesch, duerch legal an organisatoresch Verbesserungen de Betriber d'Liewe méi liicht maache kann. Mir hunn am Kader vum Entfesselungsplang dofir fënnel souge-nannte Préalablen identifizéiert, bei deenen d'Regierung dovun ausgeet, datt se grouse Synergieeffekter liwweren an doduerch d'Betriber bei hirer Verwaltungsarbecht staark entlaaschte wäerten.

Dës Préalablë sinn:

- 1) d'Entwécklung vun engem neien Identifiant unique fir all physesch a moralesch Persounen;
- 2) eng modern Législatioun a puncto Dateschutz;
- 3) d'Méiglechkeet, den Datenaustausch duerch gesécherd Prozeduren tëschent verschidde-nen Verwaltungen a Ministère ze organiséieren;
- 4) d'Signature an d'Certification électronique, an
- 5) d'Kollaboratioun tëschent dem Comité fir administrative Vereinfachung an dem Comité fir d'Modernisatioun beim Stat.

Den éischte Punkt, d'Entwécklung vun engem Identifiant unique fir all physesch a moralesch Persounen, ass eng ganz wichteg Viraussetzung fir eng ganz Rei vun administrative Vereinfachungen a fir interaktiv Applicatioune mat den Entreprises ze erméiglechen.

Dëst ass eng grouse Erausforderung an duerfir huet d'Regierung en interministeriellen Aarbechtsgrupp beoptraagt, bis 2009 déi néideg legislativ, organisatiounell an technesch Aarbechten ofzeschléissen.

An dësem Kontext ginn da jo och d'Vertrieeder vun de Gemenge bei der technesch-er-Ëmsetzung an d'Aarbechte mat agebonnen. De Groupe de travail, zesumme-gesat aus Vertrieeder vu siwe Ministère, ass derbäi, déi verschidde legislativ Chantieren unzegoen. D'Mise en place vun engem neien Identifiant unique, deen dem Dateschutz gerecht gëtt a souwuel am öffentleche wéi och am private Secteur ka benotzt ginn, wäert zesumme mat enger Signature électronique de Betriber a Bierger hei am Land d'Liewe vill méi liicht maachen.

Duerfir huet dee Groupe de travail sech am Ausland Modeller vun engem Identifiant

unique ugekuckt, déi de Bierger an den Entreprises e Maximum un Dateschutz bidden an dobäi elektronesch an Internetuwendungen erlaben.

Am Kader vun de Virbereedungsarbechte fir dat neit Dateschutzgesetz huet den CNSAE eng éischt Prekonsultatioun mat all de Concernéierten zu Lëtzebuerg organiséiert. Well Gesprécher mat de Betriber an d'Ëmfro TNS-ILReS erginn hunn, datt de Schong am meeschten am Dateschutz gedréckt huet, wat d'Simplification administrative bei de Betriber ugeet, war dëst selbstverständlech déi éischt grouss Initiative, déi den CNSAE geholl huet.

Esou eng Konsultatioun ass en Instrument, wat der internationaler an der europäescher Methodologie no am Beräich vun der Simplification administrative konsequent ugaange soll ginn. Si soll verhéieren, datt Betriber a Bierger Gesetzter ausgesat ginn, déi um Terrain schwéier ëmsetzbar sinn. Duerfir ginn an dëser Konsultatioun d'Zil-grupp vun engem Gesetz an de kompetente Ministère zesummen un en Dësch gesat, fir am Virfeld ze kucken, d'Ziler vum Gesetz duerch déi optimaalsten an déi effizientste Prozeduren ëmzesetzen.

D'Prekonsultatioun iwwert dat neit Dateschutzgesetz huet ronn sechs Méint gedauert, an den CNSAE huet an deem Kader en Avis geschriwwen, wéi ee konkret dësen Avant-projet de loi vereinfache kéint. A sengem Avis huet en eng ganz Rei vu Vereinfachunge virgeschloen, an eng Majoritéit vun dëse Virschléi hunn hiren Nidderschlag am neie Gesetz fonnt; ënner anerem, datt den Austausch vun Donnéeën tëschent den Administratiounen ënner strenge Viraussetzung méiglech gemaach gëtt, datt moralesch Persounen vu verschidde-nen Aspekter entbonnen oder Prozeduren fir Betriber erliichtert goufen.

Drëtte Punkt. Den Austausch an de Partage vun Donnéeën tëschent de Verwaltungen gëtt also duerch dat neit Dateschutzgesetz an engem strenge Kader erméiglecht. Dës Ouverture sollt et der Regierung mëttelfristeg erlaben, eng Politik vun der „one single figure“ anzeféieren. Dat heescht konkret, datt, wann e Betriber enger Administratioun eemol eng Rei vun Donnéeën iwwermëttelt huet, da mussen d'Verwaltungen sech esou organiséieren, fir dës Donnéeën op déi richteg Plazen ze kréien, an net méi déiselwecht Donnéeën nach eng Kéier bei der Entreprise froen. Dëst géif et och erlaben, dem Betriber online Formularen zur Verfügung ze stellen, bei deene schonn eng ganz Rëtsch vun Zuelen a vun Donnéeën aus verschidde-nen Datebanken am Formulaire automatesch stinn, wouduerch de Betriber net méi dee ganze Parcours du combattant muss maachen.

Eng weider Viraussetzung, fir an der Simplification administrative virunzuekommen, ass déi sougenannte „Signature électronique“. Duerfir huet d'Regierung zesumme mam Privatsecteur Luxtrust S.A. gegrënnt. D'Signature électronique ass derbäi realiséiert ze ginn a wäert et erlaben, am Kader vun Internet, sief et am öffentlechen oder am private Secteur, interaktiv Applicatiounen an deenen zwee Guichet-uniquen - „Entreprises“ an „Citoyens“ - duerchzeféieren an esou dem Bierger an dem Betriber d'Liewe vill méi liicht ze maachen.

D'Signature électronique, den Austausch a Partage vun Donnéeën tëschent de Verwaltungen, en neit Dateschutzgesetz an e modernen Identifiant unique wäerten hoffentleche Quantesprung mat sech bréngen, wat d'Relatioun tëschent de Bierger, de Betriber an de Verwaltungen ugeet. Konkret heescht dëst, datt een zum Beispill seng Steuererklärung kann elektronesch ausfüllen an elektronesch ënnerschréien, datt eng ganz Partie vun Donnéeën a Certificaten, déi de Stat op anere Plaze schonn huet, automatesch, mä nëmme wann de Bierger oder de Betriber dëst wëllen, schonn a senger Steuererklärung dra sinn.

Doduerch brauch de Bierger oder de Betriber net méi op Hëpjen an Hapjes ze lafen, fir e Certificat oder en Dokument ze kréien, an de Stat ka seng knapp Ressourcen do asetzen, wou de Risiko am héchsten ass. Dëst Beispill illustréiert, wéi ganzheetlech d'Simplification administrative muss ugesi ginn, an datt vun enger gelongener Simplification administrative d'ganz Économie profitéiere kann - d'Bierger, d'Betriber an de Stat -, an doduerch, wéi gesot, d'Kompetitivitéit ka wesentlech gestärkt ginn.

Dee leschte Préalabel vun der Simplification administrative ass eng enk Zesummen-arbecht tëschent dem CNSAE an dem Comité fir d'Modernisatioun beim Stat. Eng éischt Rëtsch vu Projeten, déi et erlaben, elektronesch tëschent de Betriber an de Verwaltungen ze kommunizéieren, sinn an Zesummenaarbecht mam Service eGovernment ugelaft.

Kuerz ernimme wéll ech dës dräi Projeten, déi et de Betriber erlaben, wéi gesot, méi einfach a méi schnell mat de Verwaltungen ze schaffen. Et ass d'elektronesch Gestioune vun den Handelermächtigungen, e Projet vum Mëttelstandministère; et ass d'elektronesch Gestioune vun de Fiche-d'hébergement am Horesca-Secteur, wou ech jo och hei e Projet de loi déposéiert hunn; an et ass d'Assistance électronique fir d'Entreprises.

Ech hunn och virun e puer Deeg eng zweet Lëscht vu Projeten u m'äin - och an dësem Beräich ganz engagéierten - Ministerkolleg Claude Wiseler weiderginn, déi zesumme mam Service eLuxembourg, dem Centre informatique de l'État an de Betriber erstallt gouf. Ee vun deene Projeten ass zum Beispill, datt ee beim Stat fir dësem seng Servicer elektronesch bezuele kann. Dat ass e Problem, dee ganz vill Leit scho méi laang froen, an och Betriber. Des Weideren erwaarden d'Betriber sech nach eng ganz Rei vun Internetapplicatiounen an de Beräicher vun den öffentlechen Ausschreiwungen - och do sinn éischt Schrëtt gemaach; dat soll nach virgefouert ginn -, bei der Gestioune vum Offall a bei den HACCP-Normen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den CNSAE huet a sengem Rapport och fënnel Prinzipië festgehalen, no deenen an Zukunft an der Simplification administrative soll gehandelt ginn. Dës Prinzipië solle Richtlinie virschloen, no deenen an Zukunft Gesetzter oder Reglementer geschriwwen ginn, fir den Impakt op d'Entreprises op de strikte Minimum ze reduzéieren.

An dës fënnel Prinzipië sinn:

1. Ausnahmegenehmegunge jee no Gréisst oder Aktivitéit vun der Entreprise;
2. Agliderung vum Begrëff „Administrativ Käsche fir Entreprises“ an de Verwaltungskontext;
3. Weiderféierung vu Gesetzescodificatiounsinitiaven;
4. Ëmsetzen eent zu eent vun den europäeschen Direktiven, an
5. Analys vun allen Autorisatiounsregimer op hir Noutwendegkeet.

Beim éischte Prinzip geet et dodrëms, datt bei all neiem Gesetz oder Reglement iwwer-luecht gëtt nom Motto „think small first“. Ass et ëmmer néideg, fir e Gesetz fir all Entreprises ze schreiwen an hinnen domadder oft zousätzlech administrativ Käschen opzeerleeën, oder kéint een datselwecht Resultat errechen doduerch, datt een d'Zilgrupp vum Gesetz méi genee definéiert oder d'Oplage vum Gesetz differenziéiert?

Dës Differenziatioun kéint een no der Gréisst vum Betriber oder nom Aktivitéits-secteur ugoen. Eng gutt Basis heifir ass de Règlement grand-ducal vum 16. März 2005, deen d'Gréisst vun den Entreprises a véier Kategorien andeelt. De Prinzip „think small first“, oder och anescht genannt „Exemption PME“, géif besonnesch de klengst, de klengen a mëttelgrouse Betriber zegutkommen, déi enger Etüd vun der Chambre des Métiers no iwwerproportional ënnert den administrative Belaaschtungen ze leiden hunn. Dëse Prinzip ass duerfir an d'Fiche d'impact ageschriwwen ginn a bei all neiem Gesetzes- oder Reglementprojet muss den Auteur kloer dokumentéieren, ob en dëse Prinzip ugewannt huet oder net.

Am Kader vun dësem Entfesselungsplang gëtt och eng éischte Kéier de Begrëff „Administrativ Käsche fir Entreprises“ an de Verwaltungskontext agefouert. Dëse Begrëff kënt aus dem „Standard Cost Model“, deen et erlaabt, de genaue Käscheppunkt auszurechnen, deen eng nei legislativ Initiative fir eenzel Entreprises a fir d'Gesamtwirtschaft huet.

Bis haut ass probéiert ginn, optimal no juristesche Prinzipië Gesetzestexter ze schreiwen. Duerch d'Integratioun vum Begrëff „Administrativ Käsche fir Entreprises“ soll an Zukunft och probéiert ginn, no mikro-a makroökonomesche Kritäre Gesetzter a Reglementer ze produzéieren.

E weidere Prinzip, deen an alle Länner ugewannt gëtt, ass dee vun der Codificatioun a vun der Refonte vu Gesetzter a Reglementer. An de leschte Joren ass eng ganz Rëtsch vun neie Gesetzter derbäikomm. Dëst ganz oft, well nei Direktiven oder well modifizéiert Direktiven hu missen ëmgesat ginn. Doduerch hu vill Entreprisë kee kloeren Duerchbléck méi, wat fir eng Dispositiounen vu Gesetzter oder Reglementer a Kraaft sinn.

De Codificatiounsprinzip gëtt dofir ëmmer méi wichteg, fir datt d'Entreprises an och d'Bierger an engem eenzelne Gesetzes-buch pro Beräich all d'Gesetzes- an d'Reglementstexter, déi aktuell sinn, an enger koordinéierter Versioun erëmfannen. Eng



éischt Initiativ ass am Beräich vum Aarbechtsminister François Biltgen ëmgesat ginn. Fir d'Entreprise wäeren och nach vill esou Coden néideg, wéi zum Beispill am Beräich vun de Steieren, vum Kommodo-Inkommodo oder vum Code de la consommation.

E weidere wichtege Prinzip ass dee vun der Ëmsetzung eent zu eent vun den Direktiven. Bei der Ëmsetzung vun europäeschen Direktive muss net ëmmer nach eng Schëpp dropgeluecht ginn. Et soll also vun elo un de Prinzip gëllen: „la directive et rien que la directive“. Dësse Prinzip gouf dofir an déi nei Fiche d'impact ageschriwwen.

All Ministère muss also kloer an d'äitlech dokumentéieren, ob hie sech un dësse Prinzip gehalen huet oder net, fir datt d'Regierung weess, ob am Gesetzesprojet d'Direktiv eent zu eent ëmgesat gouf oder ob dat net de Fall war.

E leschte Prinzip ass eng systematesch Analys a Prüfung vun allen Autorisationsregimer op hir Noutwendegkeet. Dës ass e Prinzip fir d'Zukunft. Mir kënnen dësse Prinzip eréischt richteg ulafe loosser, wa mer all Gesetzer a Reglementer kennen, déi mat den Entrepreneuren ze dinn hunn.

Dofir ass mam Service de législation e Projet amgaangen, fir all Gesetzer ze analyséieren, fir ze kucken, ob Dispositiounen drastinn, déi d'Betriber uginn.

An engem zweete Schrëtt kënnen mer kucken, wou et Autorisationsprozedure gëtt, déi een ersetze kann duerch eng Deklarationsprozedur. Dës kéint zum Beispill de Fall si bei Autorisationsprozeduren, wou et kaum Refusé gëtt. An deem Fall wär et also méi einfach fir de Betriber ze erlaben, eng einfach Deklaratioun ofzeginn. Doderuech kéint dat nämlech Zil erreecht ginn an et géif de Betriber an der Verwaltung hir Aarbecht erliichteren. Dës ass zum Beispill bei den Iwwerstonne realiséiert ginn, déi net méi vum Aarbechtsminister virdru mussen autoriséiert ginn, mä wou eng Deklaratioun elo duergeet.

Bei existéierenden Deklarationsregimer oder bei neien Deklarationsregimer, no enger gewëssener Zäit, kéint een analyséieren, ob een aus dësem Regime net e Recht mécht. Dat heescht, d'Entreprise kéint ouni Deklaratioun virgoen. De Betriber misst sech natierlech ganz genee un d'Dispositiounen vum Gesetz oder Reglement halen.

Esou ee System bedeit, datt d'Entreprise méi Egeresponsabilitéit iwwerhuelen an dofir als Contre-partie och méi Fräiraum kréien, ouni datt doduerch dem Intérêt public awer geschuet gëtt. Dës géif e gewësse Kulturwiessel mat sech bréngen. Grondsätzlech ass sech hei ze iwwerleeën, wéi vill Verantwortung, Rechter a Pflichten een deem eenzelnen ekonomeschen Acteur an eiser Gesellschaft zoumude kann a wëllt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am drëtten Deel vum Entfesselungsplang, deen e konkrete Aktionsplang duerstellt, si 76 Aktiounen beschriwwen ginn. D'Majoritéit ass wéi gesot realiséiert. En aneren Deel gëtt an der nächster Zäit ëmgesat.

Ech wëll elo net op all eenzel vun deene 76 Aktiounen agoen a se hei beschreiwen, mä der fënnf - menger Meenung no ganz wichtege - e bësse méi am Detail virstellen, déi gréisstendeels nei Instrumenter geschaf hunn, fir der Vereinfachung vun der administrativer Aarbecht fir eis Betriber e gutt Stéck virunzehëlfen. Fir déi aner verweisen ech op den Aktionsplang an op d'Internetsäit „www.simplification.lu“, déi ee kompletten Iwwerbléck gétt iwwert d'Simplification administrative hei am Land an och deelweis an Europa.

Déi fënnf wichtege Aktiounen, déi ech, wéi virdru gesot, e bësse méi am Detail wëll virdroen, sinn: 1. déi nei Fiche d'impact, e ganz wichtege Instrument, 2. d'Procédure ex ante, 3. de Portail Entreprises, 4. d'Procédure ex post a 5. d'Prekonsultationsprozedur, op déi ech jo kuerz beim neien Datschutzgesetz agaange sinn.

Éischtens: Et ass eng nei Fiche d'impact ausgeschafft ginn, déi all neie Gesetzes- oder Reglementsprojet um gesamten Instanzeweeg begleet soll an déi d'administrative Belaaschtung, déi op d'Betriber zoukënn, dokumentéiert. Zënter der Aféierung vun dëser neier Fiche d'impact ass kee Projet méi duerch de Regierungsrat gegaangen, wou dës Fiche net komplett ausgefëllt war.

Zweetens: Fir besser ze reglementéieren, huet d'Regierung nieft der Fiche d'impact och eng Procédure ex ante agefouert, déi all neit Gesetz oder Reglement duerchlafe soll, dat mat Entrepreneuren ze dinn huet. Am Kader vun dëser Prozedur gëtt systematesch schonn am Virfeld den Impakt vun

enger neier Législatioun op d'Entrepreneuren analyséiert.

Bei gréisseren Projeten, déi d'Betriber staark betreffen an eventuell och méi staark belaaschten, soll och eng sougenannte Prekonsultatioun mat de Concernéierte stattfannen oder eventuell de sougenannten „Standard Cost Model“ ugewannt ginn, wat een europawäit uerkannten Evaluéierungsmodell ass, deen et erlaabt, de Käschtepunkt vun enger neier administrativer Verflechtung auszerechnen.

Des Weideren ass e Comité aus Beamte vum Mëttelestansministère, vum Statsministère, vum Ministère vun der Fonction publique a vum Wirtschaftsministère an d'Liewe geruff ginn, fir all Fiche d'impact nozekucken, déi mat Gesetzer ze dinn huet, déi d'Betriber ugeet. Nom Liese vun dëser Fiche d'impact schreien dës Beamten e klengen Avis fir de Regierungsrat, deen d'Regierung soll informéieren, ob engersäits d'Käschte fir d'Betriber duerch dat neit Gesetz oder Reglement an d'Luucht gaange sinn an ob op där anerer Säit d'Kritäre vun enger besserer Rechtssetzung ëmgesat goufen.

Bis elo goufe ronn 25 esou Avisë geschriwwen a parallell dozou hu 60 Beamte vu verschiddene Ministère eng Formatioun am INAP - dem Institut national d'administration publique - iwwert d'Simplification administrative an iwwer eng besserer Rechtssetzung gemaach.

Ech fannen et wichtege, datt esou Formatiounen uegebued ginn, datt och vill Beamten dovunner profitéieren, sief dat als Formation continue oder am Kader vum Stage de formation. Doderuech soll deen ugesprochene Mentalitéitswiessel lues a lues och de Beamte méi no bruecht ginn.

Drëtters: De Portail Entreprises erlaabt an enger éischter Etapp Formulieren an Dokumenter erfizelueden, fir d'Entreprise kennen ze léieren. An enger zweeter Etapp gëtt de Portail zu engem performante Guichet unique virtuel ausgebaut, deen en interaktivt Schaffen erméiglecht an iwwert deen och duerch d'Schafung vun der Signature électronique, dem neien Identifiant unique, enger moderner Datschutzgesetzgebung an duerch eng „one single figure policy“ déi administrativ Démarchen online kënnen gemaach ginn an d'Formulairé scho gréisstendeels ausgefëllt sinn.

Dës Interaktivitéit ass e wesentleche Schrëtt fir de Wee tëschent de Betriber an de Verwaltungen nohalteg méi schnell a méi kuerz ze maachen.

Véiert Aktioun: Den CNSAE huet duerch d'Procédure ex post op Basis vun Enquêtes a verschiddene Beräicher 37 sougenannte Chantieren identifiziéiert. Am Kader vun dëser Ex-post-Prozedur kënnen all Betriber an all Verbänn dem CNSAE matdeelen, wann an engem Gesetz oder Reglement, wat besteet, eng Dispositioun dran ass, déi hinnen d'Liewen onnéideg schwéier mécht. Dës 37 Fichen, déi also vun de Betriber an dem CNSAE virgeluecht gi sinn, gi vun Enn Oktober u méi genee ënnert d'Lupp geholl.

D'Regierung huet siwen Aarbechtsgruppe fir déi verschiddene Beräicher agesat, fir ze analyséieren, wou de Schong wierklech dréckt, a fir administrativ Vereinfachungen an dësse Beräicher virzeschloen. Dës Aarbechtsgruppe gi vun deem jee weils am stäerkste concernéierte Ministère présidéiert a vum CNSAE begleet an encadréiert.

D'Beräicher vun dësen Aarbechtsgruppe sinn ënner anerem de Kommodo-Inkommodo, d'Liewensmëttelechéerheit, d'Offallpolitik, d'offentlech Ausschreiwungen an d'sozial Sécherheit. Dës ass d'Hitparade vun de Problemeräicher, déi sech aus Ëmfroe bei de Betriber an och aus der TNS-ILReS-Enquête erginn hunn. Ech hoffen, datt duerch eng tatkräfteg Mathëlef vun all menge Ministerkollegen dës Aarbechtsgruppen esou schnell wéi méiglech hir Aarbechte konstruktiv ofschléisse kënnen. D'Konklusiounen vun dësen Aarbechte mussen dann dem Regierungsrat ënnerbreit ginn, deen déi néideg Décisiounen huele wäert.

Fënneft Aktioun: De Prinzip vun der Prekonsultatioun soll méi oft am Virfeld agesat ginn, wéi dës scho beim Gesetz iwwert den Datschutz gemaach gouf. D'Prekonsultatioun erlaabt et, de Projet de loi a seng Ëmsetzung am Virfeld ze iwwerpräieren, ier en an de Regierungsrat oder ier en an d'Chamber geet.

Am Kader vun enger Prekonsultatioun sëtzt d'Zilgrupp vum Gesetz mat den Auteurs vum Gesetz an engem Dësch, fir d'Prozedur vum Gesetz ze analyséieren a se esou optimal an effizient wéi méiglech fir d'Betriber a fir d'Bierger ze maachen.

Iwwerens soll och am Virfeld vun der Ausschaffung vun europäeschen Direktiven a Reglementer de Kontakt tëschent Regierungsvertrieeder, Verwaltungen a Berufsorganisatiounen verbessert ginn. Do soll d'Représentation permanente vu Bréssel och méi staark mat agebonne ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung hätt gären, datt Lëtzebuerg erëm zu dem Land vun de kuerzen a schnelle Weeër tëscht de Ministère, de Verwaltungen an de Betriber gëtt. Dës dréit zur Stärkung vun der Kompetitivitéit vun eise Betriber an zu der Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg bäi. Dee virgeluechten Entfesselungsplang fir d'Betriber a säin Aktionsplang sollen d'Weihe stellen, fir deen ugepeilt an noutwendeg Mentalitéitswiessel esou séier wéi méiglech ze erreechen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Ech hoffen, datt mer eng interessant Debatt iwwert dësen Entfesselungsplang fir d'Betriber kréien, an ech hoffen, datt d'Chamber an d'Regierung zesummen un engem Strang zéien, fir am Beräich vun der Simplification administrative - wat net einfach ass - Neel mat Käpp ze maachen.

Ech soen lech Merci.

►►► **Une voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Minister Boden. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

►►► **M. Lucien Clement (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke begréisst selbstverständlech d'CSV-Fraktioun d'Initiativ vum Mëttelestansminister Fernand Boden, fir hei an der Chamber am Kader vun engem Débat de consultation iwwert den Entfesselungsplang fir d'Betriber ze diskutéieren. Dacks ass et leider jo esou, datt mir als Chamber net ëmmer d'Geleehetheit hunn, fir öffentlech zu interessanten Dokumenter a Rapporten heibanne Stellung ze huelen an ze debatéieren.

Merci soe wëll ech awer direkt am Ufank vu menger Ried dem Här Minister fir d'Dokumentatioun zu dësem Thema, déi mir op Ufro hin zur Verfügung gestallt kruten. Am gläichen Otemzuch selbstverständlech awer och e Merci un de Marc Hostert a seng Equipe, déi a ville Sitzungen, déi sécherlech net einfach waren, dës grousst Dokument zesummegehallt hunn.

Et war, Här President, sécherlech net esou einfach, déi verschiddene Ministère - si si jo bal alleguerten an iergendenger Aart a Weis concernéiert - alleguerten ënner een Hutt ze kréien.

Beim Entfesselungsplang fir d'Betriber geet et ëm déi sougenannte Simplification administrative. Sécherlech en Thema, wat ëmmer erëm a besonnesch bei Rieden zum Statsbudget oder der Lag vun der Natioun opgegraff gëtt oder gouf, virun allem awer dann, wann et ëm d'Kompetitivitéit vun de Lëtzebuerger Betriber am Verglach mat deenen aus dem Ausland geet.

An dësse Riede gëtt ëmmer erëm monéiert, datt eis Betriber ënnert der administrativer Laascht ze leiden hunn an d'Chargen net manner ginn, mä éischter lues awer bestänneg zouhuelen. Eng Feststellung, déi mat Sécherheet och net falsch ass, mä wann een de Sujet awer méi am Detail analyséiert, fënnt ee ganz séier eraus, datt, wann een den Ofbau vun de Charges administratives realiséiere wëllt, dat an der Praxis méi einfach ze soen, wéi ze maachen ass.

Zu dem Resultat, datt déi administrativ Chargé schwéier op de Betriber laaschten, kënn och eng Etüd vun der Handwierkerkammer vun 2004. Vun 1999 bis 2004 huet d'Chambre des Métiers bei hire Leit enquêtéiert, fir erauszefannen, wéi héich déi administrativ Chargen dann a Wierklechkeet wieren. De Käschtepunkt gouf op ronn 100 Milliounen Euro pro Joer geschat. E Betrag, deen ongeféier 1,28% vum gesamte Chiffre d'affaires vun de Betriber ausmécht.

Ausserdeem ass festgestallt ginn, datt de Käschtepunkt vun de Chargen an der Zäitspann vun deene fënnf Joer ëm ronn 18% an d'Luucht gaangen ass. Ech wollt an dësem Kontext awer och soen, datt et net ëmmer dem Gesetzgeber seng Schuld eleng ass; oft sinn et och d'Berufsverbänn selwer, déi hir Memberen net richteg oder dacks mangelhaft iwwert déi eng oder aner Mesure informéieren. Ëmgedréint ass awer och gefuer: Et gëtt och Fäll, wou den Handwierker selwer sech net informéiert oder sech net informéiere wëllt.

Wann een en héchstméigleche Prozentsatz vun deene méi klenge bis mëttelegroussen

Handwierksbetriber informéiere wëllt, da muss dat mat séier gezielter Kommunikatioun geschéien. Et geet do net duer, datt e Gesetzestext oder en anert déckt, egal wéi wichtegt Dokument oder eng Informatioun einfach esou verschéckt ginn, mam Gedanken a mat der Hoffnung, dat géif elo gelies ginn.

Esou, Här President, an do schwätzen ech mat Sécherheet aus menger 35-jähriger Erfahrung, fonctionnéiert dee klenge Betriber net. Jiddefalls net deen, wou de Patron selwer nach all Dag matschafft an no senger deeglecher manueller Aarbecht nach deels Büroarbecht mécht. Ass dat Dokument oder déi Informatioun, déi verschéckt gouf an déi vun Volume hier och ze déck ass, emol am Betriber ukomm, da gëtt et emol, well et ze vill voluminéis ass a keng Zäit do ass, fir dee Schmöcker direkt ze liesen, nees op de Koup geluecht. An iergendwa läit et um Koup vun den Zeitungen an duerno am Pabeierscontainer.

Anescht ass dat bei gréisseren Betriber de Fall, déi e vollzäitliche administrative Staff hunn, ergo op deem Plang sécherlech och besser organiséiert sinn, wéi déi kleng Betriber.

Duerfir, Här President, wann ech eng Informatioun, déi ech verschécken, oder e Message, deen ech vermëttelen, gutt duerchkréie wëll a gréisstméiglech Chancen bestoe sollen, datt dat och gelies gëtt, da muss dësse Message verschidde Kritären ënnerleien: Éischtens muss e ganz kuerz gehale sinn; zweetens muss e gutt opgebaut sinn, a selbstverständlech muss en och nach einfach geschriwwen sinn.

Well wann emol bis eng kéier eng falsch Informatioun am Circuit ass, dann ass et sécherlech immens schwierig, dat Ganzt erëm riichtzébéien. Da gëtt ënnert de Membere vun viséierte Secteur hott an har diskutéiert an zum Schluss weess kee méi, wou ënnen a wou uewen ass.

Duerfir dësse Message un déi eenzel Berufsverbänn - dat soll awer beileiwen elo net als Beléierung opgeholl ginn -, dës Kommunikatioun un d'Betriber esou vill ze straffen an esou vill ze vereinfachen, wéi dat nëmme iergendwéi méiglech ass. Och hei gëllt de Begrëff „think small first“, wéi den Här Minister d'ënescht gesot huet.

Här President, opgrond vun ënner anerem där Etüd vun der Handwierkerkammer huet d'Regierung hir Responsabilitéit geholl an e spezifescht Kapitel iwwert d'Simplification administrative an de Koalitionsaccord ageschriwwen an och direkt gehandelt.

Et gouf festgehalten, datt déi administrativ Vereinfachung fir d'Betriber eng politesch Prioritéit si soll. Schon am Dezember 2004 gouf de Comité national pour la simplification administrative en faveur des entreprises an d'Liewe geruff. E Comité, deen dann och als Missioun hat:

- 1) den Istzustand vun den aktuellen administrativen Chargen vun de Betriber ze analyséieren;
- 2) den aktuellen Zustand dann och deene verschiddene Verwaltungen matzedeelen, an
- 3) en Aktionsplang op d'Been ze stellen, fir déi erkannten administrativ Chargen ofzebauen, dat Ganzt en vue vun enger Verbesserung vun der Kompetitivitéit vun eise Betriber.

D'Resultat vun dëser Aarbecht ass de sougenannte Entfesselungsplang fir d'Betriber, deen de Minister Fernand Boden den 12. Abrëll presentéiert huet an iwwert dee mer haut diskutéieren.

Ervirzehiewen ass de Fait, datt un der Aarbechtung vun dësem Rapport sämtlech Acteure vum Terrain bedeelegt waren, also dës Aarbechtung a voller Transparenz an an Zesummenaarbecht mat alle concernéierten Acteure geschitt ass. Souwuel d'Leit aus de Ministère wéi d'Représentanté vun de Betriber waren implizéiert, hunn och matdiskutéiert an hunn a verschiddenen Aarbechtsgruppen dës leitend Dokument zesummen ausgeschafft.

Ech wëll och drun erënnere, datt d'Simplification administrative ee vun de Bestandsdeeler vun der Lissabon-Strategie ass. Duerfir war d'Bestandsopnahm oder besser gesot d'Analys vum Istzustand, déi de Comité national pour la simplification admi-



nistrative en faveur des entreprises gemaach huet, en eminent wichtege Exercice, well dës Pabeier genee opzeechent, wou de Schong dréckt a wou Problemer mat administrativem Opwand sinn.

Dank dem Aktiounsplang - wa sech an Zukunft och konsequent un d'Virschléi, déi hei gemaach ginn, gehale gëtt - kann elo geziilt administrative Problemer a Chargé vun de Betriber entgéintgewierkt ginn.

Ech hunn ufanks vu menger Ried de Leit, déi un dësem Dokument geschaff hunn, meng Unerkennung ausgesprochen. Et war bestëmmt eng schwierig a laangwierig Aarbecht, well an de Ministère selwer huet missen oder besser gesot muss fir d'Zukunft ëmgeduecht ginn. Si hu sech bei ville Punkte missen hannerfroen, ob dat, wat haut en place ass, nach richtig ass, an ob et an der Logik vun enger administrativer Vereinfachung nach Sënn mécht. Datt dat a ville Fäll net esou evident war, kënne mer eis alleguerten heibanne liicht virstellen.

D'Resultat léisst sech awer weisen, well am Plan d'action, deen de Minister Fernand Boden presentéiert huet, sinn net manner wéi 76 konkret Verbesserungsvirschléi opgezeechent, déi eenzeg an eleng der Simplification dénge sollen, déi déi eenzeg als Zil hunn. En Deel vun dësen Aktiounen gouf jo dann och schonn ëmgesat oder wäert an nächster Zukunft ëmgesat ginn.

Fir datt dës Mesuren, déi hei proposéiert goufen, e Suivi kréien an net nëmme Pabeier stoe bleiwen, huet d'Regierung hiren Accord ginn, fir verschidden Aarbechtsgruppen anzesetzen, déi sech och mat der Ëmsetzung vun deenen eenzelne Propositionen solle beschäftegen. Wichteg ze soen ass, datt an dësen Aarbechtsgruppen nief Fonctionnairen aus de Verwaltungen an de Ministère an Représentanten aus de Berufsorganisatiounen vertrauede sinn.

Dat Ganzt, Dir Dammen an Dir Hären, geschitt deemno net am stillen Kämmerlein, mä zesumme mat de Partner aus dem Secteur. Fir ze vermeiden, datt dës Aarbechten ze vill laang schleefen, huet d'Regierung, fir déi eenzel Mesuren en place ze setzen, sech e ganz strikten Zäitplang virginn. Eent vun den Instrumenter, wat wesentlich zur administrativer Vereinfachung bäidroen soll, sinn déi sougenannten „Fiches d'évaluation d'impact“. Dës Fiches d'impact mussen beim Dépôt vun all neiem Gesetzesprojet oder Reglement vum Ministère ausgefüllt ginn. Si kommen da bei de Comité de coordination simplification, dee se analyséiert an deen dann och dozou en Avis ofgëtt.

Dat Ganzt fënnt natierlech ex ante statt. Ier d'Texte also an déi legislativ Prozedur kommen, gi se iwwert dës Mesuren gekuckt a se ginn analyséiert. Dat Ganzt fir erauszefannen, wat fir en administrativen - ergo och finanziellen - Opwand oder Impakt se op d'Betriber hunn oder och net hunn. Duerch dës Mechanismus soll verhënnert ginn, datt et bei de Betriber zu enger administrativer a finanzieller Méibelaaschtung kënnt.

Dat mat de Fiches d'impact, Här President, klappt jo méttlerweil ganz gutt, an de Comité de coordination huet bis haut méi wéi 30 Avisen zu deene verschiddene Gesetzesprojeten a Reglementer geschriwwen. Datt dës Prozedur mat der Fiche d'impact eeschtgeholl gëtt an net eng lästeg Pflichtaufgab vun de Verwaltungen a Ministère ass, beweist zum Beispill dat neit Daterschutzgesetz; iwwerens eent vun deene ganz wichtege Gesetze - an ech mengen den Här Minister huet schonn driwwer geschwat -, fir den Ofbau vun den administrativen Chargen ze realiséieren.

De Comité national pour la simplification administrative huet am Kader vun deene Prekonsultatiounen en Avis vun iwwer 60 Säite geschriwwen. Dat war iwwerens déi éischt Prekonsultatioun an deem Mooss hei zu Lëtzebuerg. Duerch seng Remarquen a Recommandatiounen konnt duerno am Text selwer de Verwaltungsopwand fir d'Betriber substanzuell reduzéiert ginn.

Dir gesitt, Dir Dammen an Dir Hären, dës nei Prozedur mécht also Sënn. An ech war wierklech frou, Här Minister, wéi ech op der Sait 59 vun Ärem Dokument „Entfesselungsplang fir d'Betriber“ dat heite gelies hunn: «La fiche d'impact accompagnera dorénavant les textes législatifs et réglementaires tout au long du processus législatif.»

Ech selwer hunn - an dat obwuel et dës Fiche d'impact schonns méi laang gëtt, oder et gëtt weinstens scho méi laang driwwer geschwat, eng länger Zäit driwwer geschwat - nach ni eng gesinn. Dat, wat elo am Text steet, war schonns bei verschiddenen Debatten hei am Plenum och eng Forderung vu mir.

Ech ginn dovun aus, Här Minister, och wann den Text dat net explizit hiergëtt, datt et sech hei ëm d'Fiche d'impact plus den Avis vum Comité de coordination handelt, déi de legislative Prozess begleet sollen. Doduerch, datt dës Suggestioun elo erfëllt gëtt, kann d'Chamber sech mat Sécherheet schonns am Virfeld e bessert Bild maachen, wat den administrativen Impakt vun deem engen oder anere Gesetz op d'Betriber ass. An esou kann ee sech och munch Iwwerraschung fir duerno erspueren.

Och de Prinzip Deklaratioun anstatt Demande d'autorisation kënne mir als CSV an enger éischer Phas voll ënnerstëtzen. An enger zweeter Phas kéint ee souguer ouni Deklaratioun auskommen, wann d'Virgab, fir eng Autorisatioun ze kréien, genee a korrekt beschriwwen ass.

En anert Instrument vun der administrativer Vereinfachung sinn déi sougenannten „Fiches ex post“. Duerch dës Instrument kënne souwuel d'Betriber wéi och d'Verwaltungen Virschléi maachen, wat een an an un de bestehende Gesetze a Reglementer méi einfach ka maachen. D'Iddi, déi hei hannendrustécht, ass, datt ee sech bei all Prozedur Gedanke maache soll, ob se Sënn mécht oder ob se net ka vereinfacht ginn. Dat verlaangt natierlech bei de Beamten - an ech hunn dat scho gesot - an an de Verwaltungen en Ëmdeanken, well se sech permanent hannerfroen mussen, ob dat, wat se scho jorelaang ëmmer no deemselwechte Schema traitéiert hunn, net ka vereinfacht respektiv verbessert ginn.

D'Betriber kréien duerch dës Prozedur d'Geleeënheet, op hir Problemer opmierksam ze maachen, a kënne sech alt mat Verbesserungsvirschléi aktiv un der Simplification administrative bedeelegen. Dat Ganzt kann een esou ugesinn als eng Aart Meckerkëscht. Dat heescht awer och, datt d'Betriber souwuel bei der Fiche d'impact wéi och bei der Fiche ex post Responsabilitéit mat iwwerhuele mussen.

Et ass dann net méi fir bei all Problem oder iwwerall do, wou et net klappt, ëmmer mam Finger op de Gesetzgeber ze weisen. Hei sinn an Zukunft all Acteuren an der Responsabilitéit. An och mir als Chamber mussen eis dorunner bedeelegen. Mä fir a voller Transparenz ze sinn an aus dem Souci eraus fir eiser Responsabilitéit och en Inhalt ze ginn, ass et wichteg, datt mir déi Dokumenter - Fiche d'impact an Avis vum Comité de coordination - och zu Gesichts ginn.

Wat elo déi konkret Verbesserungsvirschléi ugeet, wollt ech op déi eng oder aner hiweisen, déi schonns ëmgesat sinn, awer iwwert déi dobausse weider net geschwat gëtt. Esou kann ee sech zum Beispill um Site simplification.lu an enger Newsletter aschreiw an en Tableau de bord opruffen, wou een ëmmer iwwert déi neisten Entwécklungen a Saachen administrativer Vereinfachung an d'Bild gesat gëtt. Leider muss ech soen hu sech mengen Informatiounen no eréischt 350 Acteuren aus Entrepreisen oder Verwaltungen an dës Newsletter ageschriwwen.

En anert gutt Beispill, wat scho realiséiert ginn ass, sinn d'Homepage vun de Marchés publics, wou d'Entrepreisen all Informatiounen a Formalitéiten op enger eenzeger Plaz erfëmfannen. Den Här Minister huet och nach anerer opgezielt, déi säi Ministère - de Ministère des Classes moyennes - betreffen.

Aner Propositionen, déi zum Deel nach an der Realisatiounsphas sinn, sinn d'Codificatiounen vum Gesetzgeber. De Code du Travail huet en Ufank gemaach; anerer sinn amgang realiséiert ze ginn. Och dat heescht konkret Simplification administrative. An dësem Kontext wier et interessant emol e Code d'entreprise zesummenzesetzen, wou genee opgeléicht gëtt, wat fir eng Obligatiounen d'Betriber hunn oder net hunn. Op där Basis kéint een da kucken, wou de Schong dréckt, an deementspreechend kéint een och awierken. Ech mengen, esou e Code géif nach munch Iwwerraschung un d'Dageslicht bréngen.

E wichteg Punkt ass och de Grondsatz vun «transposer la directive et rien que la directive». Leider war et an der Vergaangenheet esou, datt mer an der Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven dacks méi dichteg wollt sinn a méi helleg wollt si wéi de Poopst selwer, oder wéi Bréssel et virge-

schriwwen huet, a mer nach weider zousätzlech Dispositiounen an déi verschidde Gesetze ageschriwwen hunn. Dës zousätzlech Bestëmmunge gongen da ganz dacks, oder weinstens zum gréissten Deel, op d'Käschte vun de PMEen. Esou wéi et an der Tripartite ofgemaach gouf, kann an d'äerf d'Guideline fir d'Zukunft prioritär nëmme nach eng Eent-zu-eent-Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven sinn. Heimadder soll verhënnert ginn, datt mer eise Betriber nei - zum Deel och onnëtz - Chargen operleeren.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wa mer eng substanzuell administrativ Vereinfachung fir d'Betriber hei am Land wëllen errechen, da muss een och de Kader dofir schafen. Verschidde Konditiounen mussen hei awer am Virfeld schonns erfëllt sinn. Dat neit Daterschutzgesetz - ech hat virdu schonns driwwer geschwat - ass e séier wichteg Gesetz. D'Virundreiwe vum eGovernment, déi elektronesch Ënnerschrëft oder nach d'Afféierung vun engem Identifiant unique amplaz vun eiser aktueller Matriculesnummer si weider Préalabelen, déi mussen erfëllt ginn, wa mir eng weitestgehend administrativ Vereinfachung fir d'Betriber wëllen errechen.

Mä dat ass - an ech hunn et virdu schonns erwähnt - méi einfach gesot wéi gemaach. Eleng de System vum Identifiant unique ass e schwierigen Dossier. Dës System muss awer stoen, an zwar bommesécher stoen, éier deen ale System vun der Matricule ofgeschaaft gëtt oder ka ginn. Dat ass mat Sécherheet net esou einfach. Hei kënnt nach vill schwéier Denkarbecht op déi Beamten duer, déi dat opbaue sollen oder opbaue mussen. Pannen an dësem System hätte mat grousser Wahrscheinlechkeet verheerend Folge fir déi betreffend Persounen.

#### (M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wichteg erschénkt mer awer och, wann een iwwer Simplificatioun, Zäitopwand, wat jo erëm finanziell Belaaschtung heescht, schwätzt, datt een net drëm erëmkënnt, eng kleng Reorganisatioun vun enzelne Ministère an Administratiounen virzehuelen. An ech wëll mech do och explizéieren, Här President.

Et ass jo näischt méi frustrant, wann een op eng staatlech Stell telefonéiere soll oder wëllt, meeschtens aus iergendengem Grund da muss dohinner telefonéieren, an et hieft da keen den Telefon op, oder et gëtt een dräi-, véier-, fënnf- alt sechsmol weiderverbonnen. Tëscht deene verschiddene Verbindungen lauschtert een dann emol schéi gemittlech e puer Minutte Musek, seet da säi Sprécherchen op a kritt da gesot, datt dee Büro oder dee Beamten net zoustänneg wier. An da gëtt een alt erëm weiderverbonnen. An esou geet dat da weider a weider, bis een entweder dee richtige Beamten um Telefon huet oder bis ee ganz frustriert den Telefon anhängt.

Ech mengen, hei misst een d'Carrière oder d'Formatioun vum Portier oder vum Réceptionniste ganz zolidd iwwerdenken. Dat misst a mengen Aen eng Persoun sinn, déi méi oder wéineger iwwer alles, wat am Ministère oder an der Verwaltung leeft, misst am Bild sinn. Fir dann deen, deen erantelefonéiert, awer och op déi richteg Plaz kënne weiderzeleeden oder ze verbannen, misst se och Kenntniser driwwer hunn, ob dee betreffende Posten oder Büro, dee se wëllt uschellen, och besat ass oder net besat ass.

Ech sinn iwwerzeegt, mat e bësse guddem Wëlle wier hei eppes ze maachen oder weinstens verschidde Saachen ze korrigéieren. Et kéim mat Sécherheet de Betriber zegutt, wat den Zäitopwand ugeet, a well et e Sprécherwuert gëtt, Zeit ist Geld, hätt et selbsterständlech och en Impakt op de finanzielle Volet.

Mä net nëmme d'Betriber géifen heivunnen zolidd profitéieren. Och vill Privatleit géife sech glécklech schätzen, wann eng Verbesserung op dësem Volet kéim, an zu gudder Lescht, géif ech mengen, géif den Image vum Stat selwer a senge Beamten an den Ae vu ville Leit ganz zolidd ugehewe ginn.

D'Regierung ass awer trotz deene puer Kritiken, déi ech hei ubruecht hunn, mat hirem Entfesselungsplang fir d'Betriber selbsterständlech um richtige Wee. D'Weihe si gestallt an de Zuch ass op der Schinn.

Verschidde Punkte sinn elo schonns realiséiert...

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Maacht dass den Zuch net entgleist!

» M. Lucien Clement (CSV).- Oh, maacht lech emol keng Gedanken driwwer, Här Gira!

Dir kënnt jo vill mathëllefen, datt en net entgleist.

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mir ginn eis Méi.

» M. Lucien Clement (CSV).- Well Dir gitt lech wierklech Méi, ëmmer méi Réglementatioun ze kréien. Doranner gitt Der lech Méi.

D'Weihe si gestallt an den Zuch op d'Schinn...

» Une voix.- Mir sinn net an der Regierung.

» M. Lucien Clement (CSV).- Jo, et kann een awer mathëllefe konstruktiv.

Also verschidde Punkte si schonns realiséiert, anerer sinn an d'Wee geleet an elo muss mat aller Konsequenz, an ech widderhuele mech, mat aller Konsequenz weider an dës Richtung geschaff ginn, fir datt et an absehbarer Zäit och zu deene Simplificatiounen kënnt, déi mer eis heibannen alleguerten wënschen an déi de Betriber dann och zeguttkéimen.

An dësem Sënn, Här President, wëll ech dann och nach eng Motioun déposéieren, déi d'Regierung opfuerdert, mat hiren Efforten an där heiter Richtung, wat d'Reduktioun vun de Charges administratives ugeet, weiderzefueren, an datt an Zukunft all supplementar Chargen dans la mesure du possible wierklech évitéiert solle ginn.

#### Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant le plan national de réforme dans le cadre de la stratégie de Lisbonne qui entend rendre l'environnement des entreprises plus compétitif;

- considérant la charte européenne des PME qui met en exergue les actions clé meilleure législation et meilleure réglementation;

- considérant la volonté du Gouvernement de développer les études d'impact pour les nouvelles initiatives législatives;

- considérant que le Gouvernement accorde une priorité à la simplification des formalités administratives qui freinent le rendement et l'esprit d'initiative des PME;

- considérant l'importance des PME dans l'économie nationale;

- considérant la lourdeur de certaines démarches administratives à effectuer par les entreprises;

- saluant la volonté du Gouvernement de mettre en place les fondements d'une politique de simplification administrative en faveur des entreprises et une approche meilleure réglementation par le biais du «Entfesselungsplang fir Betriber»;

- considérant les simplifications réalisées par le Gouvernement sur le plan administratif des entreprises depuis la mise en place du Comité National pour la Simplification Administrative des entreprises;

invite le Gouvernement

- à poursuivre ses efforts de simplification afin de réduire la charge administrative des entreprises au strict minimum;

- à veiller à ce que dans ses initiatives législatives et réglementaires toute charge administrative supplémentaire pour les entreprises soit évitée dans la mesure du possible.

(s.) Lucien Clement, Ben Fayot, Françoise Hetto-Gaasch, Jos Scheuer, Lucien Thiel.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss soen ech lech dann awer nach Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Clement. D'Wuert huet den Här Meisch.

» M. Claude Meisch (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Regierung en Entfesselungsplang fir Betriber virleet, da seet dat jo emol schonn eppes. Namlech seet dat, datt d'Erkenntnis duerchgedrongen ass, datt d'Betriber bis ewell gefesselt waren, datt se sech net fräi konnten dévelloppéieren, datt se gehemmt ware fir weider hirer Aktivitéit kënnen nozegoen, fir hir Aktivitéit auszebauen, fir nei Aktivitéite kënnen ze dévelloppéieren, fir eben Innovativen ze hu fir alles wat ee brauch, fir an der grousser an och klenger Konkurrenz kënnen ze bestoen.

Wann dann en Entfesselungsplang virgelleucht gëtt, dann heescht dat awer och, datt d'Selbsterkenntnis duerchgedrongen ass, an dat ass jo den éische Wee zur Besseerung, esou datt déi doten Initiativ emol vu vireran ze begréissen ass.

Leider muss een awer och feststellen, datt et bis ewell bei villen Ukënnegunge bliwwen



ass. Well wann ee mat de Betriber uechtert d'Land schwätzt, mat den Handwiersbetriber virun allem, dann ass dee Message, deen ee kritt - deen ech op jidde Fall kritt hunn, a ganz ville perséinleche Gespréicher, och am Laf vun deene leschte Wochen a Méint -, dass d'Situatioun eigentlech nach ëmmer schlimmer géif ginn, am-plaz dass mer an déi richteg Richtung géife fueren.

Nun, u wat läit dat? Et huet mat Sécherheet villfälteg Ursaachen. Mir wëssen, dass mer hei an engem Domän sinn, wou d'Kompetenze ganz breet gefächert sinn, wou ee muss vill Instanzen, vill Regierungsinstanzen, vill Verwaltung mat aschleisse fir zu konkrete Verbesserungen ze kommen. Et ass also en Travail de longue haleine, dee muss gemaach ginn, mä duerfir muss en zügeg ugepaakt ginn a virun allem muss déi néideg politesch Volontéit op allen Niveauen do sinn, fir dass mer konkret Resultater kënnen virweisen.

Ee ganz wichtige Punkt, fir wierklech ganz konkret Resultater kënnen ze erzielen, ass fir endlech dat Arsenal, op dat mer laang waarden, scho kënnen disponibel ze maachen, nämlech d'Signature électronique.

#### (M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Wa mer vun der Informatik wëlle profitéieren, fir eis d'Liewen ze vereinfachen, fir de Betriber an de Bierger hei am Land d'Liewen ze vereinfachen, fir de Kontakt tëscht Bierger, Entreprise a Verwaltung a Ministère ze vereinfachen, da brauche mer déi Signature électronique, an den 20. Juli 2006 hunn d'Ministere Krecké a Wiseler jo op enger Pressekonferenz annoncéiert, dass d'Firma LuxTrust chargéiert ginn ass fir déi Infrastructure à clé publique - wéi et heescht - ze schafen, déi indispensable ass fir den eCommerce, fir den eBanking an den eGouvernement kënnen ze développéieren.

Nun, ech wëll an dëser Debatt dann och froen, wéi wäit mer domadder sinn. Ech hunn de Wirtschaftsminister virdrun heibanne gesinn; vläicht kann en eis herno do Opklärung ginn. Well mir wëssen, dass dat doten eent vun den zentralen Elementer ass, fir wierklech zu enger Entfesselung vun de Charges administratives kënnen ze kommen. D'Potenzial an deem dote Beräich ass extrem grous.

Den Entfesselungsplang, wéi e presentéiert ginn ass, verweist dann op eng ganz Rei vun aneren Instrumentarien, wéi zum Beispill den „common assessment framework“, dee jo scho besteet fir zum Deel eng Auto-évaluatioun kënnen ze maachen, fir déi bestehend Prozedure kënnen ze analyséieren an an den einzelnen Organisatiounen an Administratiounen Verbesserungen ze proposéieren. E Programm d'ailleurs, dee scho vun der leschter Regierung proposéiert an agefouert gi war.

Dës Regierung huet dann d'Fiche d'impact agefouert, déi eigentlech bei de Projets de loi respektiv bei de Reglementer, déi op den Instanzewege ginn, soll bemoossen, wat d'Charge administrative, déi zousätzlech, souwuel fir de Stat wéi och fir d'Betriber ass.

Allerdéngs stellt ee fest, dass net bei all Projets de loi esou eng Fiche d'impact derbäi ass an dass, virun allem och wa mir hei an der Chamber eis Diskussiounen féieren, wann aner Instanze wéi d'Chambres professionnelles zum Beispill hir Avisen ofginn, oft déi Fiche d'impact do feelt. Mir hunn oft eng Fiche financière derbäileien. Mä dass geet awer eleng net duer fir och en connaissance de cause kënnen hei als Législateur Décisiounen ze huelen.

Mir brauchen also och déi doten Instrumentarien, net nëmme bei sougenannte Projets d'envergure, mä mir brauche se vill méi wäit eran.

Mir sollen och vläicht emol an d'Nopeschlänner kucke goen, wat do schon existéiert, wat fir eng Modeller do entwéckelt gi sinn. Am leschte Rapport vun der OECD vun 2006, deen heescht «Éliminer la paperasserie: des stratégies nationales pour simplifier les formalités administratives», gëtt virun allem e „modèle des coûts standard“ proposéiert, wéi en zum Beispill an der Belsch an an Holland schonn a Kraaft ass an do eigentlech ganz flott a ganz positiv Resultater bis ewell bruecht huet.

Dee Programm gesäit vir, dass eben opgrond vun enger Rei vun Donnéeën dann d'Präisser vun der Charge administrative kënnen ausgerechent ginn. D'Donnéeë kënnen zum Beispill d'Salaire sinn, et kann d'Zäit sinn, déi muss fir administrativ Virgäנג opbruecht ginn, et kënnen d'Quantitéit an de Volume vun der Aarbecht sinn, et kann d'Frequenz vun deene Virgäנג sinn a viles aneschters méi.

Et kéint ee sech virstellen, dass ee Programm wéi deen doten och hei zum Standard kéint erkläert ginn. Et ass mëttlerweil schonn e Réseau entstanen tëschent England, Norwegen, Schweden, Dänemark, der Belsch, Holland, Frankräich, Ungarn, Italien, der Tschechei, Polen an Estland. Firwat kéint net och Lëtzebuerg hei matmaachen? A well eis Benelux-Partner jo do scho matwierken, kéint een zum Beispill och iwwer de Wee vun der Benelux kucken, sënnavoll Informatiounen ze kréien. An eigentlech kéint dat eng Approche sinn, déi mer generaliséieren.

Mir müssen hei am Land net alles nei erfannen. Mir kënnen och kucke goen an d'Nopeschlänner, an aner Länner, méi no oder wäit, wéi déi un d'Problematik vun der Lourdeur administrative erugaange sinn a wat fir eng Solutiounen se fonnt hunn. Do kann een da wierklech an engem Échange vun „best practices“ kucken, wat fir Lëtzebuerg applicabel ass.

An där TNS-ILReS-Émfro, déi jo bei 500 Kleng- a Mëttelbetriber duerchgefouert ginn ass, ass virun allem ëmmer vun de Betriber kritiséiert ginn, dass se am administrativen Opwand, wat d'Produzéiere vun Zuelen ubelaangt, erstécken an dass se do ganz vill Zäit domadder verbréngen, an Zäit heescht nun eben emol fir e Betrib ganz oft och Käschen.

Nu kann ee sech virstellen, dass een do zu enger Vernetzung vun Donnéeë kënn, dass ee Verwaltung ka mat de Betriber besser vernetzen, woubäi do natierlech den Datenschutz muss garantéiert bleiwen. An natierlech brauch een och do erëm eng Kéier déi nei Informatiounstechnologien an -instrumentarien, déi ech virdrum genannt hunn, fir d'Sécherheet kënnen ze garantéieren, nottamment eben d'Signature électronique.

Wann ee kuckt, wat dat vu Käschen fir d'Betriber generéiert a wat fir eng Betriber eigentlech ganz besonnesch duerch déi Charge administrative betraff sinn, da stellt ee fest, dass et déi Kleng- a Mëttelbetriber sinn, déi besonnesch domadder ze kämpfen hunn.

D'Chambre des Métiers hat am September 2004 eng Etüd virgeluecht, déi heescht «L'artisanat et les charges administratives», déi dokumentéiert huet, dass zënter 1999 an 2004 eng Steigerung vun den Aarbechtsstonne fir d'Charges administratives vu 34% konnt festgestallt ginn. Wa mer dat a Geld ëmrechnen, souguer vu 65%. Do ware ganz besonnesch déi kleng Betriber par rapport zu hirem Chiffre d'affaires betraff, nämlech 3,6% vum Chiffre d'affaires hunn déi kleng Betriber misse fir déi Charges administratives opbréngen.

D'Betriber mat tëschent 10 an 99 Beschäftegter, do ass et schonn drastesch erofgange, nämlech 0,62% vum Chiffre d'affaires, a fir déi mat iwwer 99 Beschäftegter souguer op 0,47%. Dat weist, dass et wierklech déi kleng a mëttelgrous Betriber sinn, déi am meeschte blockéiert ginn, déi am meeschte Problemer begéinen am Émgang mat de Verwaltungen, mat dem Stat.

Ech wëll op ee Problem ganz besonnesch hiweisen. Ech hu virdrum gesot, fir e Betrib ass d'Zäit ganz oft direkt Geld, a wann ee keng Äntwert kritt vun enger Administratioun, wann iergendwou en Dossier schleeft, da mierkt de Betrib dat ganz, ganz schnell.

Duerfir si mer nach wie vor der Meenung, dass ee ganz konkret Délaie soll definéieren an de Gesetzer, wéi laang eng Administratioun Zäit huet, fir eng konkret Äntwert ze ginn, eng positiv oder eng negativ Äntwert. Wa mer dat net duerchgesat kréien, da wëll ech wierklech nach emol op déi Proposition de loi vu mengem Fraktiounskolleeg Henri Grethen verweisen, déi hien 1992, also scho viru 15 Joer, hei abruecht huet, nämlech iwwer de Silence administratif, wou d'Regel jo éischer elo ass, dass, wann no dräi Méint keng Äntwert vun enger Verwaltung komm ass, dann en Antrag als negativ beäntwert gëllt.

Nu menge mir awer, dass d'Verwaltung esou muss strukturéiert ginn, dass se no dräi Méint misst eng Äntwert ginn hunn, a wa se da keng ginn hätt, da wär se als positiv ze bewäerten. Dat schéngt eis nach ëmmer e ganz valabelen Usaz ze sinn.

Wann een op eng aner Richtung wéilt goen, da kéint een och Délaie definéieren, a wann déi vun der Verwaltung net géife respektéiert ginn, dass dann och eng Kéier de Stat duerno misst haftbar kënnen gemaach gi fir déi Fraisen, déi zousätzlech op déi eenzel Betriber doduerch duerkommen, well wéi gesot staatelech Verwaltungen net mat Zäiten eng konkret Äntwert ginn hunn.

Aus där TNS-ILReS-Etüd geet dann och ervir, dass ganz vill Betriber nach ëmmer Problemer mat der Kommodo-Inkommodo-Prozedur hunn. Wann een d'Kommodo-

Inkommodo-Prozedur nach emol analyséiert, dann ass dat och net verwonnerlech. Eigentlech geet de Prinzip vun esou enger Autorisatioun fir verschidden Etablissementer jo op d'Joer 1800 oder op virun d'Joer 1872 zrëck, an d'Nomenclature vun deenen Etablissementer, déi ënner enger Autorisatioun falen, besteet aus net manner wéi 363 Punkten an nach enger ganzer Rei vun Énnerpunkten.

Mir mengen also als Demokratesch Partei, dass mer déi Nomenclature enger Revisioun missten ënnerzéien. Zum Beispill kann ee sech virstellen, dass mer eng Kategorie vun Entreprises, vu Betriber definéieren, bei deene wierklech e reelle Pollutiounsrisiko, also e reellen Émweltrisiko, och wierklech e reelle Sécherheitsrisiko besteet, déi een dann aneschters handhaabt, wéi eng Rei vun aneren Entreprises, wou dee Risiko an der Regel net besteet, fir déi ee sech eigentlech vill méi einfach an och manner zäitopwändig Prozedure kéint virstellen.

Aner ganz konkret Problemer begéinen Entreprises zum Beispill, wa se Bürosgebaier bauen. Dofir brauch een eigentlech d'Autorisatioun schonn ier een d'Travaux de gros œuvre ufänkt. Elo weess een awer zu deem Zäitpunkt net ëmmer, wien herno den Nutzer vun deene Raimlechteeten ass, well den Investisseur nach keng konkret Kontrakter ofgeschloss huet, an et weess een dann och net onbedéngt, wat fir eng Obligatiounen een alleguerte muss erfëllen.

Wann dann zum Beispill eng gewëssen Aktivitéit drakënn, déi vill Informatikréseauen huet, Informatikmaterial huet, Maschinnen dostoen huet, brauch een eng Klimaanlag; da bräicht een eigentlech eng aner Autorisatioun, wéi wann aner Büroe géifen drakommen. Alles dat ass net ëmmer direkt am Virfeld ze wëssen, an dann ergi sech awer schwéierfällg Modifikatiounen, déi noutwendeg si vun deenen Autorisatiounen, déi da schonn ausgestallt sinn. Dat riskéiert dann de Projet ze verschleefen, zrëckzegeheien an och Ressourcen dee Moment ze blockéieren.

Do kéint ee sech virstellen, dass an engem Règlement grand-ducal ganz kloer och virgesinn ass, u wat sech déi Bauhäre musse konforméieren, wa se esou Gebaier oprichten, a Fonctiounen och vun den Aktivitéiten, déi herno drakommen, an dass eigentlech net d'Autorisatioun am Virfeld gi gëtt, mä duerno dann e Contrôle ex post stattfënn, een da kuckt, ob eng Klimaanlag, wa se noutwendeg wär, och do ass, een da kuckt, ob e Rückhaltebecken, wann et noutwendeg ass, och do ass, een da kuckt, ob genuch Fluchtweeër do sinn, etc.

Dann ass et fir de Betrib opwändig, d'Kommodo-Inkommodo-Dossieren zesammenzestellen. Et ass och fir d'Verwaltung opwändig, d'Kommodo-Inkommodo-Dossieren ze beschafen. Et gëtt net manner wéi zwielef verschidde méiglech Prozeduren an déi Dossiere si jo wierklech extrem voluminéis. Och hei gëtt et jo all Kéiers e Moment, wou de Public déi Dossiere konsultéiere ka kommen a sech informéiere ka kommen an eventuell och Reklamatiounen kann eraginn.

Mir stellen eis och do vir, dass déi nei Technologien dat dote wesentlech kënnen vereinfachen. Mä nach emol gesot, dofir brauche mer d'Signature électronique, soss komme mer och an deem doten Domän kee Schrëtt weider. Et kann ee sech virstellen, dass d'Dossieren iwwer E-Mail respektiv per CD-Rom kënnen agereecht ginn an dann och iwwer déi dote Weeër herno kënnen dem Public zougänglech gemaach ginn, fir an der Konsultatiounsphas kënnen agekuckt ze ginn.

Och do menge mer awer, dass d'Gemeengeverwaltung sech kënnen mat ëmstellen an hire Bierger och déi nei Technologien zur Verfügung stellen, fir iwwer deen dote Wee d'Dossiere kënnen anzekucken.

Den Entfesselungsprogramm gesäit dann och vir, dass de Staff vum Commissaire de Gouvernement, deen zoustänneg ass fir déi dote Reformen an d'Weeër ze leeden, soll opgestockt ginn. Déi Proposition kënnen mer deelen.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet och him a senger Equipe villmools Merci soe fir déi Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass. Dass war mat Sécherheet eng Fläissaarbecht, fir all déi dote Punkten och beieneen emol esou opzelëschen.

Allerdéngs si mer wierklech der Meenung, dass déi eenzel Punkten, déi elo opgefouert sinn, musse Schrëtt fir Schrëtt an d'Tat ëmgesat ginn, an dat bedeit natierlech ganz konkret Aarbecht, well all eenzelne Punkt ëmzesetze bedeit vill méi Aarbecht, wéi en nëmmer opzelëschen. Do muss e Suivi gemaach ginn, an och do brauche mer erëm Zäit, déi muss investéiert ginn.

Mir stellen och fest, dass ganz vill Aarbechtsgruppe geschaf gi sinn, wat wichtig ass, well all Kéiers verschidde Regierungsinstanzen zoustänneg si fir déi doten Domänen. Mä op där anerer Säit där et awer och net bei den Aarbechtsgruppe bleiwen. Ze vill Aarbechtsgruppe riskéieren och heiansdo den Initiativgeescht ze erstécken an iergendwa wäert eng Kéier een dorënner leiden, nämlech d'Reforme administrative oder déi jeeweileg Verwaltungen.

An deem Sënn ass d'Demokratesch Partei och der Meenung, dass mer an de Ministère musse kucken, genuch kompetent Leit ze hunn, déi op den europäeschen Dossiere schaffen. Déi Leit, déi dat haut maachen, maache mat Sécherheet eng exzellente Aarbecht, mä trotzdeem wësse mer, dass d'Komplexitéit vun enger Rei vun europäeschen Dossieren an d'Technicitéit vun enger Rei vun europäeschen Dossieren ëmmer méi zouhuelen, an dass deene Leit, déi an de Ministère respektiv bei der permanenter Verriedung present sinn an déi op deenen Dossieren do schaffen, eben net ëmmer déi Moyenen zur Verfügung stinn, déi ee bräicht, fir da wierklech och vu vireran déi Dossieren am Interessi vu Lëtzebuerg ze suivéieren a fir dass mir als Lëtzebuurger och kënnen direkt intervenéieren.

Eng Rei vu Prinzipien sinn da sécherlech richteg a gültig, mä si ginn net duer. Ee vun deene Prinzipien ass mat Sécherheet, bei der Ëmsetzung vun Direktiven d'Direktiv, an och nëmme d'Direktiv ëmzesetzen. Den Här Clement huet et gesot, an ech si frou, dass och de Spriecher vun der CSV dat esou gesäit, dass mer eng Rei vu Kéieren iwwer d'Zil erausgeschoss hunn a bei der Ëmsetzung vun enger Rei vun Direktive gemengt hunn, mir kéinten deen een an deen anere Punkt nach eranhuelen. Dat war mat Sécherheet ëmmer gutt gemengt, mä d'Konsequenzen dovunner waren net ëmmer richteg iwwerluecht.

Mir kënnen zrëckgräifen op d'Correspondants européens à la simplification administrative, mä och do wësse mer, dass deen Austausch zwar eppes bréngt, mä awer dass dat, wat et bréngt, limitéiert ass. Also musse mer wierklech déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, fir net herno all Kéiers musse à chaud a ganz schnell op esou Dossieren ze reagieren.

Am Entfesselungsplang ass dann och proposéiert, dass et zu enger Codificatioun vun enger ganzer Partie vu Gesetzestexten soll kommen. - Och dat eng gutt Approche. Allerdéngs menge mer schonn, dass et net duergeet, hei Gesetzestexten zesammenzeféieren, zesammenzeleeeën, mä et soll ee sech och emol eng Kéier d'Fro stellen, wat fir eng Gesetzestexten een direkt kann ofschafen, déi eigentlech haut hir Bedeitung net méi hunn an déi mer doduerjer kéinten aus eisem Gesetzesarsenal eraushuelen.

Mir sinn awer gläichzäitig dann amgang, bei alle gudden Virsätz, déi mer eis ëmmer erëm hei an anzwousch aneschters huelen, nei Gesetzer ze stëmmen, déi et och de Betriber am Land net méi einfach maachen. Do musse mer och als Chamber, als Gesetzgeber nach méi virsiichteg ginn an och bei grouse Gesetzer, déi virun allem den Émgang mat de Betriber, virun allem d'Relation Stat/Betriber betreffen, ganz, ganz virsiichteg ginn, wéi wäit mer d'Betriber be-laschten.

Ech ginn e puer Beispiller:

Zum Beispill war dat lescht Marchés-publics-Gesetz sécherlech an engem gudden Sënn ausgeschafft, an enger gudder Intentioun gestëmmt ginn, mä et mécht et de Betriber net ëmmer méi einfach. Dat neit Gesetz ass ënnerwee - gesitt Der -, mä et huet awer eng Rei vu Jore gedauert, well d'Betriber hir Problemer domadder haten; an ech mengen net nëmme d'Betriber, mä och eng ganz Rei vun Administratiounen.

))) **Une voix.** - Dat wäert jo och laang daueren.

))) **M. Claude Meisch (DP).** - Beim Gesetz iwwer den Aménagement communal - ech wëll hei net op déi ganz Problematik agoen - war virun allem d'Baubranche ganz staark betraff. An do hu mer nach keen neit Gesetz, wat um Wee ass, wat dann déi Lacunen aus dem 2004er Gesetz



soll strächen. Mä mir hoffe jo, datt dat och schnellstens kënt.

De berühmten Artikel 17 aus dem Naturschutzgesetz, wou jo d'Ausféierungsbestimmungen och Ulass zu enger ganzer Rei vu Kritik ginn hunn.

Dat sinn nëmme Gesetzer, déi an deene leschte Jore vun dëser Chamber gestëmmt gi sinn an déi d'Betribler wierklech belaaucht hu mat enger grousser Incertitude, mat administrativem Opwand, mat Zäitverloscht virun allem.

A wann ech beim Zäitverloscht sinn, da wëll ech awer och ganz kuerz nach emol op de Pacte «logement» hiweisen, well mer wierklech der fester Iwwerzeegung sinn, datt esou wéi de Pacte «logement» elo proposéiert gëtt - e Package vu Mesuren, fir virun allem dem Stat an de Gemenge méi Handhab um Wunnensmaart kënnen ze ginn -, en net herno dozou wäert féieren, datt méi schnell wäert gebaut ginn.

Mä mir fäerte wierklech, datt et, vun deem Zäitpunkt un, wou dee Pacte «logement» do a Kraaft trëtt, bis datt déi éischt Haiser da wierklech vu Stat oder Gemenge gebaut sinn, ganz, ganz laang ka brauchen. Mir hate viru kuerzem dat emol eng Kéier duerchgerechent un engem typesche Beispill: Wann eng Gemeng géif Terrainen kafen a vun all deenen Hëllef géif profitéieren - d'Autorisatioun bräicht fir zum Beispill de PAP ze kréien, fir sech selwer d'Baugenehmung kënnen ausstellen, fir déi aner Autorisatiounen ze kréien, fir dann och wierklech herno kënnen ze bauen an ze verkafen -, géif et bal aacht Joer daueren! Wann een elo pessimistescht hätt wëlle rechnen, wier et nach méi laang gewiescht; e bësse méi optimistescht vläicht méi kuerz. Mä e Richtwäert vun aacht Joer schéngt eis dach plausibel ze sinn.

Fir datt mer elo net nach eng Kéier déi Feeler widderhuelen, déi mer a rezente Gesetzer gemaach hunn, solle mer och opasse beim Statut unique. Mir wësse jo, datt d'Entreprises, virun allem déi mëttelstänneg Entreprises, alles anescht wéi begeeschtert si vun deem Statut unique. Nun, wann en awer kënt, soll en net dozou féieren, datt d'Belaaschtung - net nëmme déi finanziell, mä och déi administrativ Belaaschtung - fir d'Betribler méi grouss gëtt.

Beim Statut unique ass et jo esou, datt virun allem op Betribler, déi vill Aarbechter beschäftegen, elo wäert eng zousätzlech Charge duerkommen, well se den Absentisme selwer solle géréieren. Also och do nei Aufgabe fir d'Betribler. Do brauch een Infrastrukturen. Do brauch ee Formatioun fir d'Betribler. Wann déi Gestiou do soll an d'Hand vun de mëttelstänneg Betribler goen, da brauche se och déi Moyens de bord, fir déi nei Obligatiounen kënnen ze erfüllen.

Ee kuerzt Wuert nach, well et och an dësem Zesammenhang awer ubreucht ass, iwwert d'Zone-d'activitéen, déi...

#### (Interruption)

...queesch uechtert d'Land bestinn. Jiddferree vun eis weess et, datt ganz vill Entreprisé momentan op der Sich no Terrainen sinn, fir kënnen nei ze bauen, fir kënnen auszubauen, fir sech selwer esou kënnen opstellen, datt se an der Konkurrenz kënnen bestoen, mä datt awer oft déi Zone-d'activitéen, déi nach Terrainen hunn, wou Terrainen disponibel sinn, einfach net esou ausgeriicht sinn, och well de Stat et eben aneschters definéiert huet, a se dem reelle Besoin vun de Betribler am Land oft net entsprechen. Och do huet een heiansdo d'Impressioun wéi wa mer eis selwer - eiser Ekonomie an de Betribler - géife Bängelen tëschent d'Bee geheien.

Wa mer iwwert d'Simplification administrative fir d'Betribler schwätzen, da mussen mer och ganz uewe beim Stat ufänken. Wéi kënnen mer de Stat aneschters organiséieren an esou organiséieren, datt e méi schnell op d'Demandé vun de Betribler ka reagéieren?

Nun, dat geet wahrscheinlech nëmme dann, wa mer och d'Kompetenzen op Regierungsniveau bündelen. Déi Regierungsmemberen, déi Ministèren, déi zoustänneg si fir eenzel Wirtschaftszweiger hei am Land, funktionéieren elo dach zimlech onofhängeg vuneneen.

Mir hunn en Ekonomiesministère. Mir hunn e Mëttelstandsministère, deen och nach fir Landwirtschaft an Tourismus zoustänneg ass; wat jo schonn iergendwéi awer vläicht doranner passt. Mir hunn dann en anere Ministère, dee fir d'Kommunikationsbranche zoustänneg ass. Mir hunn e weidere Ministère, dee fir déi ganz Finanzwelt zoustänneg ass.

Firwat net awer iergendwann eng Kéier de Schrëtt woen, fir e grouss Wirtschaftsministère ze schafen? Eng Proposition, déi d'ailleurs och - ech gesinn - de jëtzege Wirtschaftsminister ëmmer vertratt huet. Och am Wahlprogramm 2004 vu senger Partei - der LSAP - war déi Proposition dran, mä leider ass se bis ewell net ëmgesat ginn.

#### (Interruption)

Mä wa mer wëllen zu Erliichterunge kommen, da solle mer an der Organisationsstruktur uewen ufänken an dann déi Organisationsstruktur vun uewen erof deklinéieren, datt se wierklech och e Sënn mécht an datt se den Demandé vun de Betribler Rechnung dréit.

» M. Charles Goerens (DP).- Hien huet kee Vertrauen an den Här Boden, den Här Krecké.

» M. Claude Meisch (DP).- Huet den Här Krecké kee Vertrauen an den Här Boden?

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Neen. Entschëllegt, ech hu just gesot, wat richtig ass. Dat do stoung an eisem Programm an dat hunn ech ëmmer verdeedegt. An ech verdeedegen et och haut nach.

» M. Xavier Bettel (DP).- Kritt Der lech net duerchgesat an der Regierung, oder wéi?

» M. le Président.- Den Här Meisch huet ganz eleng d'Wuert elo!

#### (Interruptions diverses)

» M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President.

» M. Xavier Bettel (DP).- Qui ne dit mot consent!

» M. le Président.- Här Bettel, den Här Meisch huet ganz eleng d'Wuert!

#### (Interruption)

» M. Claude Meisch (DP).- Den Här President huet ganz Recht. Ech wëll dann och nach schnell zu menger Konklusioun kommen.

Mir stelle fest - an d'Virriedner hunn et gesot - an ech mengen och, datt do e ganz grouss Konsens hei am Haus besteet, datt mer mussen munches an d'Weeër leeden, fir d'Charge administrative fir eis Betribler ofzebauen.

Nun, de Wee wéi mer et maachen, do hu mer un engem konkrete Beispill gesinn, datt mer eis nach net esou eens sinn an datt do awer nach munch Diskussioun muss gefouert ginn. Op jidde Fall brauche mer en Ofbaue vun deene Chargé fir d'Betribler, fir Konkurrenzfähig ze bleiwen. Esou en Entfesselungsplang däerf net an engem intellektuellen Usaz stieche bleiwen, mä e muss konkretiséiert ginn. E muss un der Basis gespuert a gelieft ginn.

Och wann de Minister, deen dofir zoustänneg ass, ganz gären entfesselt, d'Betribler mussen dat och matkréien, well soss bréngt et näischt. Déi Entfesselung däerf net nëmme an homeopatheschen Dose geschéien. Deen Entfesselungsplang muss sech erofdeklinéieren bis op den Terrain. Alibi-Diskussiounen hëllef mat Sécherheet de ville Betribler hei am Land, déi mat den Administratiounen a mat den administrativen Démarchen hir Problemer hunn, net weider.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Ech soen dem Här Meisch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

#### (Interruption)

» M. Lucien Clement (CSV).- Et war erëm den Här Bettel, Här President.

» M. Xavier Bettel (DP).- Ech hunn näischt gesot, Här Clement.

» M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech zur Eier komm sinn, fir zu dësem Thema ze schwätzen, hunn ech mech dokumentéiert.

Ech hunn de Computer ugemaach an dee faszinanten Term „Entfesselung vu Betribler“ eraginn. Deen éischten Numm, dee mer do begéint ass, war den Numm „Michel Wolter“.

#### (Hilarité)

Du sinn ech erfieert an ech hu geduecht, ob den Term «Simplification administrative» och elo identsch wär mam Term «Simplification territoriale». Ech hunn awer du gemengt, dat wär net de Fall, an hunn e bësse weidergefuersch. Dunn ass dann den Numm vum Minister Fernand Boden komm an eng ganz Serie vun Dokumenter. Do war ech berouegt.

#### (Interruptions diverses)

» M. le Président.- Den Här Scheuer huet ganz eleng d'Wuert!

» M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen eis eens ginn iwwert...

» M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Da fuert esou virun.

» M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech fänken eréischt un, Här Minister. Dat do war net ugefaangen.

Mir mussen eis eens ginn iwwert de Sënn vum Term «Simplification administrative» an iwwert den Inhalt vun dëser Debatt. Simplification administrative ka vill Applikatiounen hunn. Den Term huet vill verschidde Bedeutungen. Et kéint ee schwätzen iwwer Europa. Et kéint ee schwätzen iwwert den Impakt vun de Gemengen op de Secteur. Et kéint ee schwätze vum Pacte «logement» a vum Kommodo-Inkommodo, etc.

Mir diskutéieren haut - dat muss ganz kloer sinn - iwwert d'Veinfachung vun de Relationen tëschent dem Secteur public an de klengen a mëttlere Betribler. A virun allem diskutéiere mer iwwert d'Rapporten tëschent de PMEen an dem Lëtzebuurger Stat, de Lëtzebuurger Verwaltungen.

Et ass ganz kloer, datt PMEen dee wichtigste Tissu vun der Lëtzebuurger Ekonomie duerstellen an datt och fir dese ganze Secteur politesch zwee Ministèren en charge sinn: de Ministère des Classes moyennes an de Wirtschaftsministère. De Mëttelstandsminister ass federführend bei dëser Debatt. De Mëttelstandsminister ass also den Entfesselungskünstler fir de Secteur.

Déi Problematik vun der Simplification administrative ass fir d'éischt intensiv opgetaucht an thematiséiert gi vum Conseil européen zu Lissabon, an dat huet dozou gefouert, datt eng europäesch Charta erstallt ginn ass, eng Charta fir kleng Entreprises - den Här Meisch huet et och schonn ugeschwat. Am Ufank ware 15 Länner, déi déi Charta ënnerschriwwen haten. Et sinn der elo 35. Ech mengen dat erméiglecht eis dann och Echanging ze maache mat Länner, déi vergläichbar sinn, an dat dierft eis och op deem laange Wee, dee mer nach virun eis hunn, hëllef zu engem gudden Resultat ze kommen.

De wirtschaftleche Wäert vum Secteur vun de klengen a mëttleren Entreprises ass net ze ënnerschätzen an entsprechend huet dann och am Programme gouvernemental gestanen, datt eng Simplification géif virgeholl ginn. Ee vun deenen interessantesten Texter, Här Minister, déi ech an dësem Kontext gelies hunn, ass déi Konferenz, déi Dir gehalen hutt am Joer 2005, wéi Lëtzebuerg d'Présidence hat. Een interessante Moment war de Réckbléck bis zréck op 2000, an deemools ass schonn de Punkt gemaach ginn. Ech mengen, haut ass am Fong d'Continuatioun vun deem, wat tëschent 2000 an 2005 schonn en vigueur war. Haut hu mer e Plang. Wann een e Plang huet, fir en Haus ze bauen, dann huet een eng Etapp zréckgeluecht an duerno gëtt eréischt gebaut.

Ech hunn am Kader vun deene puer Recherchen, déi méiglech waren, mer emol ugekuckt, wat d'Chambre des Métiers geschriwwen huet a wat d'Chambre des Métiers och de concert mat der Chambre de Commerce oder mat deene concernéierte Milieuë gesot huet, wat fir een Impakt déi Verwaltungskäschten op d'Betribler hunn.

An zwar sinn déi Verwaltungskäschten op d'Joer 2004 gerechent ginn an et ass einfach impressionnant, datt e kleng Betrib 3.873 Euro am Joer par personne occupée huet missen opréngen, wann dee Betrib manner wéi 20 Persounen hat, an dat geet dann degressiv erof bis op 1.034 Euro pro Joer, wann eng Entreprise méi wéi 100 Persounen schaffen huet. A wann een dann d'Augmentatioun derbärechent, déi 34% ass, mä wou een dann d'Inflatioun awer

misst ofrechnen, da versteet een, wann d'Entrepreneuren engem soen, wéi wichtig eng Vereinfachung ass.

Ech hu mer nach eng Fro gestallt am Virfeld. Mir hunn Dokumenter kritt. Also et gëtt scho vill Diskussiounen an der Chamber hei wou mer net iwwert déi gutt Dokumentatioun verfügen, déi mer hei hunn, mä et ass bestëmmt eng Dokumentatioun, déi ee parteiintern kaum zur Kenntnis hëlt.

Hei geet et net ëm parteipolitesch Orientatiounen. Hei geet et drëm, datt déi Kräften, déi d'Lëtzebuurger Land féieren, um selwechte Strang zéien. Fir datt d'Chamber awer ka mat agebonne ginn an dee Prozess, muss een, wann ee de Suivi mécht vun dëser Debatt, derfir suergen, datt déi Aarbechten, déi elo kommen, an déi eenzel Aarbechtsgruppen dann awer och vun der Chamber net nëmme gehéiert ginn, mä datt déi Aarbechten an der Chamber diskutéiert ginn. Da kréien déi Aarbechten och en Offentlechkeetswäert a si ginn dobaussen éischer zur Kenntnis geholl, wéi wa verschidden Administratiounen, verschidde Ministèren a verschidde Berufsgruppen dann „zesammen“ hantéieren, fir Virschléi ze maachen.

Déi Aarbecht, déi verlaangt gëtt, ass eng Aarbecht vun Experten a bestëmmt net vu Parteipolitiker. Mir mussen schaffen op deene Proposen, déi vun hinne kommen, an da stellt sech an engem bestëmmt Moment d'Fro, awéieren de Législateur gefuert ass. Wéini gëtt et noutwendeg, datt mir e Gesetz maachen? Wéini gëtt et noutwendeg, datt Reglementer gemaach ginn, Règlements grand-ducaux, déi dann och duerch d'Chamber ginn?

An där Motioun, déi den Här Clement depouéiert huet an déi ech och mat ënnerschriwwen hunn, steet mengen ech als leschte Saz, «dans la mesure du possible» géif ee reforméieren. Da soll d'Chamber awer och intervenéieren.

E puer Wuert zum Pabeier, zum Entfesselungsplang, an och zu där Conférence, déi sech am beschte liest, wann een den Text hëlt vun der Pressekonferenz, déi de Minister ginn huet. An där Conférence de presse sinn déi verschidden Aktiounen opgezielt ginn, déi an deem Plang dra sinn. An zwar am Ganze 76 Aktiounen. Wat enorm ass. Wat och weist, wat fir een Handlungsbedarf bestanen huet, a wat och weist, wat fir een Handlungsbedarf nach ëmmer besteet.

13-mol gëtt gesot, datt déi Aktiounen en voie de réalisation wäeren, 29-mol gëtt gesot, à réaliser - dat ass also nach Matière à discuter -, an 19-mol wäeren Décisionen vum Regierungsrat gefrot. Mech interesséiert elo perséinlech, an ech mengen et wier fir all Deputéierten interessant ze wëssen, wat fir eng Projeten dat sinn, bei deenen de Regierungsrat gefrot ass. Ech ginn dovun aus, datt dat och Retombéeë fir d'Aarbecht an der Chamber huet.

Ech wollt e puer Saachen erausgräifen, déi een zréckféint an deem Plan d'action, e puer Analysen oder Kritiken, déi sech aus der Analys erginn, déi d'Chambre des Métiers gemaach huet vum Entfesselungsplang fir Betribler.

Déi éischt Remarque, déi d'Chambre des Métiers mécht, ass eng äusserst interessant Remarque. Si soen, mir kënnen probéieren, fir en anere System an déi bestehend Reglementatioun a Gesetzgebung eranzebréngen, mir probéieren, fir ze vereinfachen. Mä dat Alleréisch, wat mir verlaangen, ass eng Reduktioun vun de Charges administratives. Dat heescht, eier mer ufänken ze vereinfachen, kucke mer wat iwwerflësseg ass, kucke mer wat mer kënnen ofschafe respektiv wat mer ofschafe mussen. An dowéinst soe se, wat virläit ass e Rapport d'étape, mir sinn nach net um Zil ukomm. Mir sinn um Wee zu eppes, zu engem Resultat, dat awer nach op sech waarde léisst.

Si froen «des mesures continues et à un rythme accéléré». Do stellt sech d'Fro dann direkt hannendrun nom Timing. Wéini gesäit een d'Luucht um Enn vum Tunnel bei deene Punkten, déi nach opstinn, respektiv wéini ass, vun deem, wat realiséiert gouf, eng Evaluatioun do? Ech mengen, wann ee sech agliddert an de Prozess vu Lissabon, dann ass d'Fro nom Timing natierlech och ginn.

Si lëschten dann déi grouss Secteuren op, déi hinne Suerge maachen. Déi sinn am Detail vu menge Virriedner duergeluecht ginn, et brauch een dat net méi ze maachen, déi Säit schloe mer ëm.

Si schwätze virun allem vun der Sécurité sociale a vun der Santé, an erwähnen d'ganz Fiscalitéit. Dat sinn déi Secteuren, wou PMEen am meeschten Aarbecht dra stiechen hunn, wou si an meeschte mussen investéieren. Hiert Raisonement ass ganz einfach: time is money! D'Geld gëtt am Betrib oder an eng Fiduciaire investéiert. Wann



déi Simplificatioun gräift, da verléieren d'Fiduciairen. Ech mengen, dat muss een esou soen. Dat Geld, wat gespuert gëtt, dat ka produktiv investéiert ginn.

Eng aner Fro, déi ech wollt stellen: Natierlech gëtt vun de Berufschambere begréisst, datt eng Analyse d'impacte vu Gesetzter a Reglementer gemaach gëtt. Si froen zwou Saachen. Dat éischt ass: Si hätte gärden d'Publikatioun vun der Analys. Si froen, fir d'office matgedeelt ze kréien, wat déi Analys erginn huet. An da gëtt et nach eng Fuerderung oder eng Suggestioun, woubäi et interessant wier fir d'Meenung vun der Regierung ze héieren: Déi Impaktstudie, déi gëtt jo vu Beamten aus de verschiddene Ministère gemaach a si gëtt der Regierung ennerbreet. De Ressortminister, dee ka se dem Secteur ennerbreen, mä hie muss awer net. Ech loosse mech berichtege, Här Minister.

D'Chambres froen, fir vun Ufank u mat agebonnen ze ginn an dee Konsultatiounsprozess. Déi Zäit, déi een ex ante investéiert, déi géif een ex post dann aspueren, a gläichzäiteg kéint de Beruff sech da schonn éischer drop virbereeden, wat op en duerkennt.

Da kënnt och nach eng Suggestioun vun de Chamberen, nämlech fir eventuell e Secrétaire d'État anzesetzen, dee sech dann ëm d'Simplification administrative këmmert. Ech mengen, all Leit heibannen, mat e puer Ausnahmen - beim Här Meisch war et relativ zweedäiteg -, sinn d'accord, datt een net soll eng Administratioun schafen, déi d'Simplification administrative virundreift.

Déi Aarbecht, déi gemaach gëtt, ass jo eng horizontal Aarbecht. Dat heescht, si steet a fält mat der Kollaboratioun, déi téschent den eenzelne Ministèren a mat de Berufsgruppen zesumme gemaach gëtt. A wann een esou eppes géif maachen, da misst een déi Administratioun scho beim Statsminister usiedelen. An do hu mer - beim Aménagement du Territoire, zum Beispill - relativ schlecht Erfahrungs gemaach, wéi dat deemools de Fall war.

#### (Interruption)

Quitte datt ee vum Prinzip a vun der Philosophie hier vum Opbau vun engem Stat kéint des Meenung verrieden. En fait ass déi Aarbecht, déi hei verlaangt gëtt, d'Aarbecht vun Administratiounen, vu Ministèren a vu Leit, déi dat um Terrain ëmsetzen; dat heescht de Beruff.

Berufsverriedunge bréngen dann och de Begrëff „better regulation“ an d'Diskussioun a froen dann Ëmsetze vun den Direktiven eent zu eent. Dat ass ëmmer ee fromme Wunsch. Jiddereen ass der Meenung, datt dat soll gemaach ginn. Loosse mer emol ofwaarden, ob d'Regierung dat packt, ob all Ressortminister et packt, fir d'Direktiven eent zu eent ëmzesetzen. Dat wär enner Garantie en Avantage fir eis Verwaltung, fir eis Ministèren, an ech menge fir d'Betriben och.

Ech hunn dann nach aus där Pressekonferenz e puer Punkten erausgepickt, déi äusserst interessant sinn, an zwar de ganze Volet vun der elektronischer Dateverarbeitendung an de Wee, deen ee muss goen, bis datt een zu engem wierklech effiziente Guichet unique kënnt. Dee Guichet unique, wou dann alles gebündelt gëtt, wat een digital vun doheem aus kann erleedegen, woubäi ee sech net méi ze déplacéiere brauch. Dat Ganzt ënnert dem Stéchwuert: Modernisation de l'État.

Dir Dammen an Dir Hären, den Entfesselungsplang fir Betriben kéint een elo nach am Detail esou weiderdeveloppéieren, mä da seet een näischt Neies. Ech sinn der Meenung, datt mir als Chamber wierklech all Intérêt drun hunn, fir relativ fréi gewuer ze ginn, wéini ee légiféiere muss an a wat fir enge Beräicher légiféiert gi kann. Dat heescht, wann de Minister elo, oder d'Ministèren, dem Regierungsrat 19 Propose virleeën, dann ass et wichteg, datt mir domadder befaasst ginn.

De Minister huet a sengem Virspann gesot, d'Simplification war eng Sisyphus-Aarbecht. Dat ass et net. De Sisyphus war e Mann, deen huet e fuerchtbar décke Steen ëmmer op e Bierg gerullt, a wann hien uewen op der Spëtz war, ass de Steen erofgefall a vläicht souguer iwwer hie gelaf. Dat ass dat hei net. Ech gleewen drun, Här Minister, datt d'Simplification administrative eng Aarbecht ass, déi bestëmmt derwäert ass e Resultat ze kréien. Wann ech lech elo soen, datt ech Vertrauen hunn an des Regierung, datt och dat Resultat kënnt, da wonnert dat lech net.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci. Ier ech dem Här Kox d'Wuert ginn, géif ech nach d'Madame Brasseur bieden, eng Resolutioun hei ze deponéieren.

## 7. Dépôt d'une résolution par Mme Anne Brasseur

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt eng Resolutioun hei déposéieren, wou mer als Chamber ons Commission de l'Éducation nationale sollen domat chargéieren, fir ze kucken, wéi ee kann eng Éducation aux valeurs an allen öffentleche Schoulen hei zu Lëtzebuerg aféieren. Ech weess, et ass elo net Plaz, fir et ze diskutéieren, mä dat ass de But vun där Resolutioun.

Déi ass ënnerschiwwen vun deenen Hären Adam, Gibéryen, Bodry a vu mir selwer. Et ass nach eng Ennerschrëft op. Also, wann nach een déi Resolutioun wëllt ënnerschréien, ass hie wëllkomm. Ech bieden lech, Här President, des Resolutioun dann eng Kéier op den Ordre du jour ze setzen, fir dass mer kënnen driwwer diskutéieren an ofstëmme.

### Résolution

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que les valeurs humaines constituent le fondement de notre vie en société;*

- *considérant que ces mêmes valeurs sont à la base de tout comportement civique et moral;*

- *considérant que l'éducation aux valeurs fondamentales proclamées par la Déclaration universelle des droits de l'Homme doit constituer une préoccupation majeure de l'enseignement;*

- *constatant que le besoin d'une éducation spécialisée fondée sur les valeurs se fait de plus en plus sentir en une époque où nombre d'enfants, d'enseignants et de parents constatent la montée de l'incivisme et de la violence ainsi qu'un manque de solidarité croissant;*

*décide*

- *de charger la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle d'explorer la possibilité de l'introduction de l'éducation aux valeurs pour tous les écoliers et élèves fréquentant l'école publique luxembourgeoise.*

(s.) *Anne Brasseur, Claude Adam, Alex Bodry, Gast Gibéryen.*

Ech soen lech villmools Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Brasseur Merci. Als nächste Rieder ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

## 8. Débat de consultation sur la simplification administrative en faveur des entreprises au Luxembourg (suite)

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'21. Jorhonnert huet a sech en neit Zäitalter vun der industrieller Entwécklung agelaut. En Zäitalter, dat besonnesch duerch d'Kommunikatioun an d'Vitesse vun Informationsaustausch gekennzeechent ass. Besonnesch an den héich industrielle Länner, zu deene bekanntlech och Lëtzebuerg zielt, sinn et net méi déi grouss industriell Produktiounsanlagen, déi am Mëttelepunkt stinn, mä déi vill kleng a mëttelgrouss Betriben. Betriben, déi sech spezialiséiert, innovativ a flexibel um stänneg wandelnde Marché mussen nei positionéieren.

E Secteur, deen dobäi ëmmer méi an de Mëttelepunkt réckelt, ass dee vun den Déngschtleeschungen. D'Déngschtleeschungsservicer, déi sech stänneg an d'Bedürfnisser vun der Gesellschaft mussen upassen. Mä et sinn net nëmme déi reng Déngschtleeschungsservicer, déi hei viséiert sinn, mä den Déngscht um Client selwer.

D'Produkt eleng ass nach laang net de Garant fir en erfollegräicht Wirtschaften. Et ass haut méi verlaangt, wéi just e Verkaf. Erfollegräich ass deen, deen et versteet, sech als Ganzes duerstellen, säi Produkt an e Kontext ze stellen, sech enger Philosophie ze verschreiwen an esou dem Client

dat néidegt Vertraue vis-à-vis vum Betrib, dem Produkt oder der Déngschtleeschung ze ginn. Betriben, Produkter oder Déngschtleeschungen, déi dobäi de Lien mat besserem Ëmweltschutz oder manner Ressourcéverbrauch opzeweisen hunn, wäerten den héchsten Zouwuess an den nächste Joren opweisen. En Défi, deen eis Gesellschaft am Ganze muss ugoen.

Dese Mentalitéitswandel betrëfft awer net nëmme d'Betriben eleng, mä sämtlech Secteuren vun eiser industrieller Gesellschaft. Besonnesch eis öffentlech Verwaltungen mussen sech dem Défi stellen. Lëtzebuerg ka sech duerch seng kuerz Weeër e Kompetitivvirdeel verschafen. E Virdeel, dee mir awer kennen an och ausspille mussen. Dese Virdeel kann awer nëmme da gräifen, wann och de Stat respektiv sämtlech öffentlech Instanzen sech deem Mentalitéitswandel stellen. Ewech vun der oft rigider Genehmigungsbehörde - esou wéi eis däitsch Kollegen dat géife soen - hin zu méi enger Déngschtleeschungsbehörde.

De Prinzip vum Service um Client respektiv den Déngscht un der Gesellschaft muss méi staark an de Verwaltung verankert ginn. Dese Prinzip ass fir déi Gréng ee vun de wichtegste Punkten innerhalb vun esou enger Simplification administrative. De schnellen, effikassen an zilorientéierten Oflaf innerhalb enger Verwaltung, ouni - an ech betounen - op Ëmwelt respektiv sozial Errongenschaften mussen ze verzichten, fënn dofir bei de Gréngen eng breet Ennerstëtzung.

Oft, ze oft gëtt dobäi d'Form mat Inhalt verwiesselt. Dobäi ginn da gärden Errongenschaften mam Ëmweltschutz als Virwand fir e komplizéierten administrativen Oflaf beschëllegt. Et ass net den Inhalt, deen hei zur Debat steet; et ass grad an deem Beräich, wou d'Form vun der Bearbechtung ausschlaggebend ass. Bei kloer definéiertem a koordinéiertem Virgoe sinn d'Gewënner op ville Plazen ze fannen.

Dese Punkt war jo och bekanntlech vu grousser Interess bei der 2004er Regierungserklärung, an do ass och nozeliesen - ech zitieren: «Le Gouvernement accordera une priorité à la simplification des formalités administratives...» A weider ass duerno ze liesen: «...s'occupera à réduire d'une façon substantielle les charges administratives...» E Grondsaz, esou wéi scho virdu vermerkt, deen och bei de Gréng voll Zoustëmmung fënn. Dräi Joer méi spéit schéngt awer de grouss Worf, zumindest dat, wat um Terrain bei de Kleng- a Mëttelebetriben u Simplification administrative ukomm ass, nach net esou richtig gelongen ze sinn.

Den Entfesselungsplang fir d'Betriben huet säi Mérite. E Mérite vun enger héich intellektueller Approche, deen eng systematesch Analys iwwer eng Hällewull vun Problemer respektiv och Prozeduren festleest a beschreift. Ee Sous-groupe gëtt dobäi vun engem anere Sous-groupe ennerstëtzt, dee sengersäits sech erëm iwwer e Sous-groupe ennerstëtze léisst. Eng regelrecht Gruppendynamik, déi een éischer am Beräich vun den OGMe fënn, ONGe - pardon! - fënn.

### (Hilarité et interruption)

Dat ass e groussen Ennerscheed, e ganz groussen.

### (Interruption)

Ee Buschaf nëmme, mä e wichtige Ennerscheed, Merci.

Dese Entfesselungsplang fir d'Betriben kann deemno just eréischt eng Zwëschenetapp duerstellen. Dee Rapport mat senger villen Zilsetzungen huet deemno nach grouss Etappen ze bewältegen. Déi grouss Biergetappe sinn nach ze bewältegen. Fir des Biergetappen ze packen, brauch een awer Konditioun a Loft - vill Loft!

Ee vun de groussen Problemer respektiv Hemmnisse, fir méi e schnellt an effikass Virgoen ze erreechen, ass an eisen Aen d'Kompetenz vum „Mister Simplification administrative“. D'Identifikatioun vum Problem ass eng richtig a wichteg Etapp. D'Ëmsetzung respektiv d'Nohaltegkeet vun der Reduktioun vun der administrativer Charge ass eng aner Saach. D'Gefor ass grouss, datt d'Ëmsetzung sech elo erëm an de selweche Ministèren a Verwaltungen verleeft. En „Mister Simplification administrative“ pro Ministère ass sécherlech och eng gutt Saach an eng Hëllefstellung, fir de Prozess ze beschleunegen.

Dest eleng geet awer aus eiser Siicht net duer. Hei muss, an do kënnen mir de Minister nëmme ennerstëtzen, dee sougenannte Mentalitéitswandel erfollegen. E Mentalitéitswandel, deen awer och net duerget, wann en nëmme um enneschten Niveau duerchleefft, wann déi politesch Responsa-

bel net och an d'ärselwechter Hierarchie a Philosophie schaffen.

Vläicht just ee Beispill aus dem Ëmweltberäich, méi speziell d'Ennerstëtze vun den erneierbaren Energien. E Beispill, wou déi politesch Responsabel sech selwer an de Féiss stinn a schlussendlech selwer déi gréissten administrativ Hürd duerstellen. D'verwaltungstechnesch Behandlung vun engem Thema an ennerschiddleche Ministèren ass predestinéiert fir onnéideg administrativ Aarbechten.

Kaum war d'Regierungserklärung iwwert d'Simplification administrative gelies, goufen d'Reglementer vun den erneierbaren Energien, an hei besonnesch am Beräich vun der Fotovoltaik, esou geännert, datt zousätzlech Formulären an ennerschiddleche Ministèren ugefrot hu misse ginn. Statt d'Kompetenz an engem Ministère ze regruppéieren an de veraltungstechnesch Opwand ze reduzéieren, gouf grad de Contraire gemaach. Vläicht politesch nach ze verstoen, wann et zwee Ministeren aus ennerschiddleche Parteie sinn; onverständlech a mengen Aen, wann et sech ëm déiselwech Partei handelt.

Et gouf an et gëtt nach ëmmer e schreckleche veraltungstechnesch Opwand bedriwwen. Vill Betriben kënnen lech e Liddchen dovu sängen. Esou Aktiounen sinn déidlech, besonnesch wann et sech dobäi ëm e jonken an am Opbau befennende Secteur handelt, deen op Innovatioun an Zukunftstechnologie setzt. E Secteur, deen et jiddefalls de Moment ganz schwéier huet, dobaussen erëm Fouss ze faassen. Dat ass ëmsou méi onverständlech, wa grad dee Secteur als deen Zukunftsmarché identifizéiert gëtt mat deem héchsten Zouwuess.

Mir brauchen dofir och keng Delegatioun an d'Ausland ze schécken, fir mam Helikopter iwwer Wandmillen ze fléien an eis do Ökobetriben unzekucken, wa mer et net fäerdeg bréngen, virun der eegener Dier ze kieren. Mir brauchen och net iwwer Simplification administrative ze schwätzen, wann de politesche Wëllen net do ass, och déi néideg Hëllefstellung ze leeschten. Da wann ech gelift de politesche Courage a soen, et ass Schluss, statt de Wee iwwer veraltungstechnesch Hürden esou ze verlängeren an ze komplizéieren, datt e Stierwen op Raten erfollegt.

Schued, nach eng Kéier schued ëm déi verpasste Chance, zesumme mat de Betriben eng regelrecht Offensiv ze starten an e Zukunftsmarché ze stabiliséieren, statt Messeraue vis-à-vis vun deenen ze schüren, déi ee klengen awer en hoffnungsvollen Erfolg opzeweisen haten an hunn. Dee Mentalitéitswandel brauche mer dofir net nëmme an der Verwaltung: Och an de Käpp vun de politeschen Responsabelen ass e Mentalitéitswandel néideg.

Här President, Dir Dammen an Hären, e positivt Element vun deem Entfesselungsplang fir d'Betriben ass sécherlech d'Prozedur, déi schonn am Virfeld vun der Redaktioun vun de Gesetzter a Reglementer sech Gedanken iwwert d'Simplificatioun mécht. Eng Prozedur, déi an engem sougenannte Stade ex ante duerchlafte gelooss gëtt, fir d'administrativ Chargen ze identifizéieren a méiglechst ze reduzéieren. Déi Fiche d'évaluation d'impact ass sécherlech e wichteg a richteg Instrument. Déi Fiche huet awer nëmme dann de richtige Impact, wa se de ganze legislative Wee duerchleefft. Et ass duerfir noutwendeg, bei sämtleche Gesetzter a Reglementer niewent der Fiche budgétaire och déi Fiche d'impact bis an d'Parlament respektiv d'Chambres professionnelles derbäizeloossen.

Och eng Nohaltegkeetsfiche, déi den Impact op d'Ëmwelt an de Ressourcéverbrauch ennersicht, wéi hei op der Plaz schonn e puermol undiskutéiert, ass aus Siicht vun de Gréng gradesou wichteg. Leider ass hei elo net déi richtige Plaz, méi déif an ausféierlech op déi Thematik anzegeen.

Déi Fiche d'impact just innerhalb vun der Exekutiv, sprich Regierung a Verwaltung dréinen ze loosse, ass awer en Dréinen an dem eegene Saaf a kritt duerfir mat der Zäit och en ellene Bäigeschmaach. Ech sinn och duerfir frou ze liesen, datt déi Fiche elo och dee ganze legislative Wee an der Zukunft soll duerchlafen.



Besonnenesch bei der Ëmsetzung vun Direktive stelle sech ëmmer nees déiselwecht Fro bezüglech enger Ëmsetzung nom Prinzip: «La directive et rien que la directive», dee vun der Regierung a besonnenesch vum Wirtschaftsminister ëmmer nees verlaangt gëtt.

Kommt, mir halen op, eis stänneg an d'Täsch ze léien an un engem Prinzip festhalen ze wëllen, dee vu vireran a sech net ze halen ass an och net agehale gëtt. Ech hoffen, datt d'Erkenntnis méttlerweil ukomm ass, datt eng Eent-zu-eent-Ëmsetzung net duerchgeföhrt ass. D'Ëmsetzung vun der Stroum- a Gasdirektiv ass grad d'Paradebeispill, wéi lännerspezifesch Elementer hu misse berücksichtegt ginn. E Komproméss vu 27 Länner zréckzedeklinéieren a Lëtzebuerger Recht an ëmzesetzen ass net eent zu eent méiglech. Et sief dann, mir akzeptéieren d'Kommissioun zu Bréssel als Regierung an d'Parlament zu Stroossbuerg als déi legislativ Instanz vun Europa, déi d'Gesetzter jee weils och fir déi 27 Länner gläichzäitig matmaachen.

Wichtig a mengen Aen ass et, a besonnenesch bei der Ëmsetzung vun den Direktiven, ze identifizéieren, wou a firwat a mat wéi engen Argumenter eng Eent-zu-eent-Ëmsetzung net méiglech, wëschenswäert oder och ubruecht ass. Et ass d'Transparenz, déi hei spille gelooss muss ginn. Duerfir huet déi Fiche d'impact e ganz wichtige Rôle am legislative Prozess an dierf dowéinst dem Parlament och net virenthale ginn.

Eng Fiche d'impact bleift awer ëmmer nach Lettre morte, wann net och gläichzäitig déi néideg Prozedure festgeluecht ginn, déi eng Simplification administrative an der Praxis zur Folleg hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, es bleibt noch viel zu tun nom Motto „just do it“ - esou kéint een a sech de Rapport vum Entfesselungsplang fir d'Betribler résuméieren. Et fénnst een eng Hällewull vu gudden Usätz, déi awer elo mussen a Musek ëmgesat ginn.

En eLuxembourg ass richtig a wichtig, fir méiglechst schnell an effikass iwuer Internet un déi néideg Formalitéiten ze kommen. Wann awer d'Reduktioun vun der Formalitéit net gläichzäitig ugepaakt gëtt, hëllef och de beschten Internet a Computer näischt. Et ass elo un der Detailarbecht an den einzelnen Ministèreen, wou Neel mat Käpp gemaach muss ginn. D'Lésch vum de Revendikatiounen vun de Betribler ass nach relativ laang.

Guichet unique, Guichet unique électronique, Identifiant unique, Évaluation vun den administrative Chargen a Schlüsseldomänen wéi Sécurité sociale, Sécurité et santé, TVA, Fiscalité directe an esou weider an esou fort, mat hire respektiven Analyse fir zu enger Reduktioun vun de Chargen, Formalitéiten a Prozeduren ze kommen.

Aus Siicht vun de Betribler sinn dat eng ganz Rei vu konkrete Chantieren, déi nach ze bewältege sinn. „An den Taten werden sie uns messen“: Besonnenesch déi kleng Betribler waarden op ganz konkret Resultater. Et bleift also, nach vill Chantieren ze beschaffen, déi, wa se effikass an nohalte, nach bis zum Enn vun dëser Legislaturperiode sollen ëmgesat ginn, nach vill Konditioun a Loft verlaangen. Ech hoffen am Numm vun de klengen a méttelstännige Betribler, datt déi Loft lech net awer nach zum Schluss ausget.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Kox Merci. Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen, Dir Hären, wann een dat Wuert „Entfesselungsplang fir Betribler“ ënnert d'Lupp hält, da kënnst een eigentlech zur Konkursioun, datt doran den Aveu enthalten ass, datt eis Betribler de Moment - op d'mannst deelweis - gefesselt sinn an hirer Fräiheet fir sech ze dévelopéieren a fir hirer Energie an hirer Imagiatioun fräie Laf ze loosse. An datt se duerch eng extrem administrativ Surcharge

an duerch onnéideg laang a komplizéiert Prozeduren onnéideg belaascht ginn.

Et muss ee sech d'Fro stellen: Wien ass dorunner schold? Well nach bis an d'70er Joren, kann ee mat rouegem Gewësse soen, war déi Situatioun wäit vun deem ewech, wéi se haut ass. Mä am Laf vun de Joren ass ëmmer an ëmmer méi derbäikomm.

D'Chambre des Métiers - an ech mengen, et ware scho Virriedner, déi dat och hei gesot hunn - huet 2004 eng Etüd ënner hire Betribler gemaach. Si hunn erausfonnt, datt en Duerchschnittsbetribler hei am Land 1.728 Euro pro Beschäftegten u Chargen huet, déi e fir de Stat normalerweis opbréngt. Dat ass bei grouesse Betribler evidenterweis manner. Bei Betribler, déi méi wéi 100 Persounen hunn, sinn dat ëmmerhin awer nach 1.034 Euro pro Joer. A besonnenesch bei de klengen Betribler - an et ass jo do, wou et wéideet -, déi manner wéi zéng Persounen beschäftegt hunn, do sinn dat 3.873 Euro, datt heescht bal 4.000 Euro pro Joer wat e Betribler muss opwende fir administrativ Chargen.

D'Gesamtcharge vun eisen Handwierksbetribler läit 2004 bei eppes iwuer 100 Milliarden Euro. Dat si 4 Milliarden där aler Frang, oder 1,28% vum gesamten Ëmsatz. Tëscht 1999 an 2004 ass inflatiounsberengengt en Uwuesse vun deene Chargé vun 18% festgestallt ginn, wat 3,3% pro Joer ausmécht. An do géif ech gäre soen: Dat kann an dat därerf dat net sinn!

Här Minister fir d'Ekonomie, Dir hutt löblicherweis eng Initiativ gestart, wou Der deene jonke Leit suggéiert, wou Der se opfuert: „Trau dech!“ Dat ass eppes, dat kann een nëmme mat zwou Hänn ënnersträichen, mä da muss d'Ëmfeld awer och stëmmen, soss feelt d'Glawierdegkeet.

De Stat, Här President, ass sécher net do, fir d'Betribler ze schikanéieren a se an hirer Kompetitivitéit ze bremsen, mä fir hinnen ze hëllef an hinnen an hirer Entwécklung esou vill Fräiraum wéi méiglech ze verschaffen. Genee de Géigendeel ass awer de Fall. An da muss een d'Fro no den Ursache stellen, wann ee wëllt eng Äntwert drop ginn. Ass dat politesch gewollt? Ass et d'Resultat vun enger Welt, déi per se ëmmer méi komplizéiert gëtt? Oder ass et awer, méinstens zum Deel, d'Resultat vu Verwaltungen, déi sech verselbststänneg hunn a scho vu sech aus d'Tendenz hunn, fir déi Charge ëmmer méi ze vergréisseren?

Ech si bei menge Recherchen op d'Parkinsons-Gesetz gestouss. Dat huet näischt mat der Krankheet Parkinson ze doen, mä de Cyril Northcote Parkinson war en Auteur, dee sech och mat der Wirtschaft befaasst huet. Hien huet 1957 e ganz berühmte Buch publizéiert. Hien huet do e Grondsatz opgestallt, datt d'Beamten an de Verwaltungen sech géigesäitig géife mat Aarbecht versueren an domadder zur Vermehrung vun hirem eegene Berufsstand géife bäidroen. Domadder kéint ee jo dann nach eventuell liewen, wann net Réduktiounen fir d'Betribler do wären, déi doduerch mat ëmmer méi Aarbecht geplot ginn.

Ech hu mer e puer Zitater hei erausgeholl, well et esou schéin ass. Hie schreift: „Die einzige Ratio, der seine Protagonisten folgen, ist die, sich selbst zu erhalten und die Verwaltung.“ An da seet den Auteur hei: „Bei Parkinson ist die Administration reiner Selbstzweck. Ob eine Tätigkeit sinnvoll ist oder nicht, kümmert niemanden.“ A weider: „Parkinson verstarb 1993 in Canterbury, und wenn es möglich sein sollte, die Welt aus dem Jenseits zu betrachten, wird er still lächelnd beobachten, wie sich die Verwaltung in vielen menschlichen Institutionen getreu seinem vor fast 50 Jahren aufgestellten Gesetz munter und ungebremst weiter vermehrt.“

Dat ass e bëssen dat Gefill, wat vill Leit, awer virun allem och vill Betribler, dobaussen hunn. Ech hu mat vill Interesséierten Interview gelies, deen de Marc Hostert, dee jo Exekutivpresident vum Comité national pour la Simplification administrative en faveur des Entreprises ass, am „Handwerk“ 6/2005 ginn huet. Hie seet, d'Viraussetzung fir den Erfolleg vun där ganzer Aktioun ass eischtens: De politesche Wëlle muss do sinn. Elo kéint ee jo och viraussetzen, datt de politesche Wëlle op alle Bänken do ass. Ass e wierklech do? Oder gi vill Sonndesriede gehalen, awer an der Praxis gëtt sech net dru gehalen? Geet et duer, Comitéen anzusetzen a Programmer opzestellen?

Ech géif soen, et fänkt tatsächlech bei de Politiker un, bei de Gesetzter, déi aus de Ministère kommen, wou leschtennens a Politiker - de Minister - duerfir riichtsteet, an natierlech och hei an der Chamber, wat mat deene Gesetzesprojete geschitt. Projete si ganz dacks - ech mengen, dat spiere mir alleguer - vum Bürokratievirus infizéiert wa se op den Instanzewege ginn. Duerfir gesi

mir als ADR d'Noutwendegkeet, Projete scho virun Dépôt vun enger spezialisierter Instanz just op den Aspekt vun der Minimiséierung vun administrativen Opwand an der Maximiséierung vun Käschtenopwand fir d'Betribler ze préiwen.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

D'Chamberskommissiounen - an do solle mer éierlech sinn - sinn och meeschtens net capabel fir do radikal Remedur ze schafen, well se de Projet total missten ëmschreiwen. Leider läit och bei ville Politiker d'Bestriewung uewen, fir d'Perfektioun op d'Spëtzt ze dreiwien. An et ass e bëssen d'Bestriewung fir ze mengen, d'Ham misst an der Mëllech gekacht ginn. Ganz dacks feelt och d'Erfahrung wat et heescht, sech dagdeeglech an der Praxis mat deene Bestëmmungen erëmzeklappen. Leider, muss ee soen, huet eis Gesellschaft sech dohin entwéckelt, datt och ëmmer manner Fräiberuffler sech an der Politik erëmfinden an hir Erfahrung do kënnen mat erabrëngen. Et muss een och feststellen, datt d'Koordinatioun vu verschiddene Gesetzesprojete mat bestehenden Texter feelt.

Da muss een och soen, datt leider d'Performance vun der Chamber dobaussen un der Zuel vun de Gesetzter gemooss gëtt, déi hei gestëmmt ginn. Eigentlech misst et ëmgekéiert sinn. Eigentlech misst d'Chamber dru gemooss ginn, wivill iwuerflësseg Gesetzesbestëmmungen datt se am Laf vun enger Sessioun oder enger Legislaturperiode ofgeschafft huet.

Kuckt emol wivill an deene leschten zéng oder 20 Joer de gesamte Volume vun de gesetzlechen a reglementareschen Texter gewuess ass! Ech hu mer soe gelooss - dat war an enger Réunioun, déi mer hei haten -, an Holland wär eng Bestëmmung, datt nëmme dann dierft en neit Gesetz gestëmmt ginn, wann en aalt gläichzäitig géif ofgeschafft ginn. Vläch misste mer eis dat och emol zum Prinzip maachen.

Wie wonnert sech dann, Här President, wann de jonken Handwierker oder Entrepreneur oder Geschäftsmann oder Bauer resignéiert, d'Knëppele bei d'Tromm gehäit an och dohi wëllt schaffe goen, wou Virschräfte fir déi aner gemaach ginn.

Hei ass virun allem d'Politik gefuert, an ech mengen et steet an der Bibel: „Nicht an ihren Worten, sondern an ihren Taten sollt ihr sie erkennen“, oder et misst een hei besser soen: „sollt ihr sie messen“.

Da seet den Här Hostert als zweete Punkt, d'Verwaltungen mussen sech op dese Prozess aloossen.

Do muss een déi éischt Fro stellen: „Wéi wäit hunn d'Politiker - ech denken un d'Regierungsmemberen - d'Verwaltungen am Grëff?“ respektiv: „Ass et haut net éischer ëmgekéiert?“

An ech sinn zréck kucke gaange bei den Débat iwuer déi sougenannt Dysfunktionement an der Santé - 02.04.98 -, an do hunn ech eng ganz Partie flott Zitater fonnt. Do ass gesot ginn: „Wat fir e Betribler weltwäit ka vum éischen op den zweete Stack ee versetzen? De Lëtzebuerger Stat kann dat net. Ech kann emol net een aus enger Verwaltung, déi dem Aarbechtsministère ënnersteet, an en anere Ministère versetzen.“, an esou weider.

„Wann ech een déplacéiere vun engem Büro an en aneren, da kréien ech de Prozess gemaach, well gesot gëtt, dat do wär en Déplacement, deen enger Sanktioun géif gläichen. Et ass net fir d'éischt wou dat mer géif geschéien. Et ass pausenlos amgang ze geschéien.“

Am Regelfall verléiert een dës Prozesser opgrond vum Statut, deen Einzelner zu enger intangibeler Gréisst hei am Land wëllen erklären.“

» **Une voix.** - Wien hat dat gesot?

» **M. Robert Mehlen, (ADR).** - Ech kommen nach drop.

An déiselwecht Persoun seet: „An da gitt Der an Äre Statut kucken, verzweifelt, well mer jo alles hunn, an da liest Der eemol, wat Der do sollt maachen. Da fannt Der eraus, datt Der eigentlech net ganz vill kënnst maachen.“

An dann zum Schluss seet deeselwechte Regierungsmember: „Mä wat ech mengen wat mer brauchen, dat ass e Ministergesetz. Ech fannen e moderne Stat brauch e Ministergesetz, wou d'Chamber ganz genau draschreift, wou d'Responsabilitéit vum Minister ufänkt a wou d'Responsabilitéit vum Minister ophält.“

Dat zu deem Volet. Dat war den deemolegen an heitege Regierungschef a Statsminister Jean-Claude Juncker.

» **Une voix.** - Ah!

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Ech menge mir waarden alleguer drop, datt dee Problem do, deen hien awer hei wierklech als e grave Problem dohinnergestallt huet, ugepaakt gëtt.

Wou ass dat Ministergesetz? Wat mécht e Minister - et sinn der entre-temps dräi hei, et ass och nach een dobaussen -, wa seng Verwaltungen sech net op dee Prozess do aloossen? Wann en Deel vun de Beamte matzéien, anerer awer net?

Geet et duer ëmmer erëm en Appel ze maachen, wa sech net vill ännert? Well, an dat muss een och soen, et ass jo net nëmme d'Verschlankung vun den Texter an de Prozeduren. Et ass och d'Ästellung vun einzelnen Beamte vis-à-vis vun hiren Interlocuteurs an de Betribler: Frëndlechkeet, Disponibilitéit, Hëllefsbereitschaft, Service au client.

Leider muss een dës Ästellung vill ze dacks mat der Lupp siche goen.

Den Här Hostert seet, an hie muss et jo bal wëssen: Et ass mir kloer, datt dëst am Vergläich zur aktueller Situatioun e Mentalitéitswiesseel viraussetzt, wat ni eng einfach Saach ass.

An als drëtt seet en: Mir brauchen déi finanziell Méttel an déi néideg Manpower, fir eppes an dësem Beräich ze bewegen.

Dir Häre Ministeren, ech huelen net un, datt Dir et dorunner feele loosst.

Op wat fir Achse muss dës administrativ Vereinfachung geschéien?

Et ass sécher, datt een e konkreten Timing muss hunn a kloer definéiert Ziler, déi an engem festgeluechten Délai mussen erreecht ginn. Et muss eng regelméisseg Evaluatioun driwwer gemaach ginn, wéi d'Ëmsetzung vun dësen Ziler erreecht ginn ass, a woufir se eventuell net erreecht gi sinn.

Um legislative Plang bei neie Gesetzter muss e spezielle Filter geschaf ginn, deen dës Texter ënnert dësem Aspekt analyséiert; och d'Concordance mat bestehende Gesetzter. Europäesch Direktiven eent zu eent ëmsetzen an net mengen, mir missten hei nach eng Kéier eng Partie droptässelen.

D'Noutwendegkeet, fir an eisem konkurrenzellen Ëmfeld déi administrativ Chargen esou wäit wéi méiglech ze reduzéieren, ass besonnenesch wichtig fir eis kleng Betribler. Dat stäerkt d'Kompetitivitéit vun eise Betribler. Dat encouragéiert awer och eis jonk Leit fir sech selbststänneg ze maachen oder e Betrib ze grënne respektiv ze iwuerhuelen. De Slogan „Trau dech“ ass nëmme da glaubwürdeg.

Dir Häre Ministeren, den Ufank ass sécher gemaach. De meeschten Deel vum Wee bleift nach zréckzeleeën an et ass ganz sécher e Prozess, deen ni zu Enn ass.

Ech wollt zum Schluss nach, well och den Här Landwirtschaftsminister hei ass, weisen, wéi dat Ganzt an der Zäit evoluéiert ass.

Wéi ech bei mengem Papp an d'Leier gaange sinn am Betrib, dunn hate mer een eenzege amtlecht Dokument, dat war e Véibuch. Dat huet ee bei der Gemeng fir 200 Frang - wann ech mech gutt erënneren - ze kafe kritt. Do sinn d'Béischte mat der Ouermark drageschriwwen ginn a se sinn erëm ausgemaach ginn, wa se aus dem Betrib erausgaange sinn.

(**Interruption**)

Här Clement, Dir sidd jo och an der Agrarkommissioun: Dëst Joer hu mer deen Dossier hei presentéiert kritt, wou d'Bauern erkläert kréien, wat se alles mussen maachen, fir datt se kee Feeler bei de Paperasse maachen. E puer honnert Säiten Erklärungen fir datt se kee Feeler solle maachen an dann och nach e finanzielle Schued doduerch erliden, datt se eng Strof kréien.

Ech halen op, Här President, mat engem Spréchwuert: „Manche Leute halten den Unternehmer für einen rüudigen Wolf, den man totschlagen müsse. Andere sehen in ihm eine Kuh, die man ununterbrochen melken könnte. Nur wenige erkennen in ihm das Pferd, das den Karren zieht.“

Dat staamt vum Sir Winston Churchill. An ech géif menge mir sollen deem Pärde wat d'Kar zitt net d'Brems nach zousätzlech bäidreien, fir datt et nach méi schwéier muss zéien!

» **M. le Président.** - Ech muss leider mat Ärer Zäit bäidreien!

Merci, Här Mehlen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.



» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Merci, Här President. Nodeem dass jo hei des Laangen an des Breeden iwwert d'Wichtigkeet vun de Betriber diskutéiert ginn ass, brauch ech jo net méi dorop anzugeen an ech wäert och net an iergendeng Fonction-publiques-Phobie verfallen, fir de Problem vun der administrativer Vereinfachung hei duerzestellen.

Ech menge mir wëssen alleguer, dass et wichteg ass, dass d'Betriber mussen iergendwéi ënnerstëtzt ginn an deem Beräich, andeem dass se mat hire Paperassen entlaascht ginn. Wann et och ass fir d'Kompetitivitéit ze stäerken, da kann ech och nach dermat d'accord sinn, zumools wann et dës Kéier ausnahmsweis och eng Kéier geet, ouni dass d'Salariéen d'Käschte mussen dovun droen. Da kann ech dat och voll ënnerstëtzen.

Mä wat ech awer hei an d'Diskussioun wëll erabrénge: Wa mer vu Kompetitivitéit schwätze vun de Betriber, da wëll ech dann awer och emol eng Kéier iwwert d'Kompetitivitéit vun de Salariéer schwätzen, wat déi sech dann haut nach kënne mat hirer Kompetitivitéit, mat hirem Mindestloun oder mat hirem Mindestakommes leeschten.

Och eng Kéier doriwwer muss mer eng seriö Diskussioun féieren. Dass et net nëmme geet, dass gekuckt gëtt, dass déi eng gutt iwwert d'Ronne kommen. Mä dass mer och mussen kucken, dass alleguer d'Acteuren aus der Wirtschaft iwwert d'Ronne kommen. An dass et och esou ass, dass net nëmme d'Betriber d'Päerd sinn, déi d'Kar zéien, mä d'Kar gëtt vun en alleguer gezunn; och vun deene Leit, déi an de Betriber schaffen. Si mussen d'Kar zesummen zéien an dofir misst och gekuckt ginn, dass se zesummen an alle Beräicher entlaascht ginn.

An dofir wëll ech am Sënn vun der administrativer Vereinfachung dann och emol net nëmme iwwert d'administrativ Vereinfachung vun de Betriber schwätzen, mä iwwerhaapt vun der administrativer Vereinfachung insgesamt. Well et ass jo awer net nëmme esou, dass d'Betriber gehäit gi mat den administrative Constraints, mä all eenzelne Bierger.

Wann ech un d'Salariéen denken oder wann ech un d'Assurée bei der Sécurité sociale denken oder soss iergendeen, deen nëmme eng Demande mécht fir naturalisiert ze ginn, wat déi mussen hin an hier lafen, vu Ministère zu Ministère a vun Eck zu Eck fir iwwerhaapt hir Pabeieren eranzekréien, ech géif mengen da soll een emol insgesamt iwwer eng administrativ Vereinfachung schwätze fir jiddferen!

Wann ech gesi wat mer haut Instrumenter hunn, déi dat kéinten erméiglechen, iwwer Internet, iwwert déi nei Medien, Kommunikatiounsmëttel, ech géif mengen da misst een emol kucken, dass een do kéint ukommen. A wann een dat seriö ugeet an et mécht een dat mat engem globale Konzept fir jiddferen, ech géif mengen dat wär méi sénnvoll, wéi elo einfach op eng Kategorie vu Bierger ze kucken.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass d'Beamte beim Stat alleguer verantwortungsbewusst genuch sinn - et ass jo och an hirem Sënn, wann eng Vereinfachung kënnt -, fir dat ze maachen, wa se gesinn, dass dat am Sënn vu jiddferengem ass, an ech mengen, dass och all Beamte verantwortungsbewusst genuch ass fir ze wëssen, dass en am Déngscht vum Bierger steet an net a sengem eegenen Déngscht. Ech géif mengen dann hätte mer och kee Problem fir dat doten duerchzezéien an da brauchen d'Ministerer och keng extra Sanktiounen dofir auszuschwätzen.

» **M. le Président** - Merci, Här Jaerling. Zum Ofschluss vun der Debatt huet den Här Minister Fernand Boden d'Wuert.

» **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn am Ufank vun der Debatt zimlech am Detail op déi ganz Approche vun der Simplification administrative agaangen an och op de Plang: wéi e geduecht ass, wat soll gemaach ginn a wéi mer laangfristeg an nohalteg der Simplification administrative wëllen hëllefen e gudder Sprong no vir ze maachen.

Ech soen hei op jidde Fall all deenen, déi intervenéiert sinn, Merci fir dës konstruktiv Debatt. Ech géif soen, jiddferen ass mat dem Zil d'accord, dass mer mussen kucken, e Mentalitéitswiessel ze kréien, fir datt mer erëm d'Land vun de kuerze Weeër ginn.

Ech mengen, déi meescht Leit hu gesot, datt se d'accord sinn, datt dat en Travail de longue haleine ass, datt et net einfach ass, méi liicht gesot wéi gemaach ass, datt et eng Sisyphus-Aarbecht ass.

Här Scheuer, ech hu gesot, et wär eng Sisyphus-Aarbecht wat den Detail ugeet. Mir hoffe schon, datt dee Plang erfollegräich ass, mä e wäert ni en Enn kréien, wéi och dem Sisyphus seng Aarbecht keen Enn kritt huet.

#### (Interruption)

Mir si schon der Meenung, datt ëmmer heirunner geschafft a gehuwelt muss ginn, an ech si wierklech frou, datt, wat d'systematesch Approche ubelaangt, jiddferen d'accord ass, datt, wa mer wëllen eng nohalteg Vereinfachung kréien, mer mussen Neel mat Käpp maachen, datt heescht, mir mussen fir d'éischt emol eng Organisatiounsstruktur hunn, déi zolidd ass.

Den CNSAE ass allgemeng begréisst ginn. Dat ass d'Plattform, wou d'Betriber mat drop sinn, wou se kënne hir Doléancé presentéieren, wou se nogelauschtert kréien, wou déi Doléancen examinéiert ginn zesumme mat de Verwaltungen a mat de Ministären.

Et ass wichteg, datt mer d'Transparenz spille loosse. Mir hunn en Internetsite opgebaut, wou genee d'Aarbecht vum CNSAE opgeléicht ass, wou de ganzen Tableau de bord vun deenen Doléancen, déi vun de Betriber komm sinn, opgeléicht sinn, an och, wat domadder geschitt ass.

Ech mengen, dat ass emol e wichteg Element, fir datt d'Betriber Vertraue kréien, datt se d'Impressioun hunn, hei, et gëtt eis nogelauschtert an et kënnt lues a lues e Mentalitéitswiessel, et gëtt matenee geschwat iwwert déi Problemer, déi bestinn.

Dann ass et wichteg, datt mer eng Rei vu Préalabelen erfüllt kréien, fir wierklech kënne grondleeënd an nohalteg Vereinfachungsméiglechkeeten ze schafen. An do ass och jiddferen d'accord mat där Approche, déi gemaach ginn ass, datt mer zum Beispill mussen den Identifiant unique kréien, datt mer mussen d'Signature électronique kréien. Ech hunn lech gesot, datt déi Démarchen do ugelaft sinn.

Datt dat en Travail de longue haleine ass, ass jo och hei unerkannt ginn. Do mussen eng ganz Rei vu Gesetzer ëmgeännert ginn, mä wann ee gären hätt, datt et en Erfolleg gi soll, da muss dat hieb- und stichfest sinn. Dat ass mat vill Aarbecht verbonden. Ech si wéi gesot frou, datt dat unerkannt ginn ass.

Et ass jo e puermol hei gesot ginn, op der Basis wär nach net villes dovun ukomm. Dat ass vläicht méiglech, mä et sinn awer schon eng ganz Rei konkret Moosnamen ëmgasat ginn. Ech kann lech just soen, datt, nodeem datt den Entfesselungspang fir Betriber veröffentlecht ginn ass, diskutéiert ginn ass. Den Här Hostert ass bei d'Chambre des Métiers gaangen, bei d'Fédération des Artisans, bei d'Chambre de Commerce an ech mengen och bei d'Confédération du Commerce. Déi Echoen, déi duerno komm sinn, si ganz anescht gewiescht. Ech mengen, si hunn elo erkannt an agesinn, wat fir eng Prozeduren a wat fir Aarbechte mussen an Virfeld gemaach ginn, fir datt sech och eppes Zolittes bei de Betriber kann erëmfannen.

Déi Echoen, déi do komm sinn, si ganz positiv, an ech denke schon, datt och si dohannerstinn, datt se wëssen, datt se mussen e bësse waarden, ier wierklech méi grondleeënd Resultater och um Terrain ze verzechnen sinn.

Also, ech mierken, datt do eng aner Meenung zu eiser Approche ass, wéi dat virun de Fall war. Wéi gesot, ech wëll net nach eng Kéier am Detail op déi ganz Problematik agoen, awer vläicht op eng Partie vun de Suggestiounen a Remarquen, déi hei gemaach gi sinn, an och op Froen, déi gestallt gi sinn.

Den Här Clement an, ech mengen, den Här Meisch, den Här Scheuer an den Här Kox och, hunn op d'Wichtigkeet vun der Fiche d'impact higewisen. Ech mengen, dat ass jo wesentlech, datt ee sech am Virfeld, wann e Gesetzes- oder Reglementsprojet ausgeschafft gëtt, muss lwwerleeunge maachen an eng Fiche d'impact ausfüllen, wat ass den Impakt vun deem, wat ech hei vun Oplagen dramaachen, op d'Betriber, datt dat sech iwwerleucht gëtt an datt déi Fiche d'impact och muss derbäi sinn, wann de Projet oder de Gesetzesprojet an de Regierungsrat geet.

Bis elo huet d'Regierung nach net décidéiert, datt déi Fiche d'impact muss de gesamte gesetzeleche Wee mat virgoen. Déi Fiche d'impact ass nei gemaach ginn. D'Regierung wollt de Leit an de Ministären eng gewëssen Zäit loosse, fir datt se sech dorobber kënne astellen an dat kënne zolidd an uerdentlech ausfüllen, mä et ass och net verbueden, fir se mat op de Wee ze ginn.

Dir hutt vläicht gemierkt, datt bei deem engen oder anere Projet, deen d'Regierung

op de Wee ginn huet, déi Fiche d'impact derbäi war. Dat heescht, dat ka gemaach ginn, mä dat muss nach net gemaach ginn, mä ech gräifen dat op, wat hei vun alle Fraktiounen praktesch gefrot ginn ass, an ech wäert de Regierungsrat froen, fir déi Décisioun ze huelen. Dat ass eng vun deenen 19 Décisiounen, Här Scheuer, déi de Regierungsrat muss huelen, ob déi Fiche d'impact muss derbäigeluecht ginn oder net muss derbäigeluecht ginn. Ech menge schon, datt et sénnvoll wär, dat och ze maachen.

Dann ass vum Här Clement gefrot ginn, ob deen Avis, deen déi puer Leit aus den Hauptministère maachen, déi concernéiert sinn - déi déi Fiche d'impact noliesen an déi en Avis maachen dozou -, net och soll mat derbäigeluecht ginn.

Dat ass en Avis, deen ass intern fir de Regierungsrat, grad wéi d'IGF en Avis mécht fir de Budgets- a Finanzminister, wéi zum Beispill de Service du personnel en Avis mécht fir de Minister vun der Fonction publique, wou d'Problemer aus deem Beräich dra sinn. Ech mengen net, datt deen Avis soll mat virgoen. Dat wär éischter kontraproduktiv, mä déi Fiche d'impact, mengen ech, kann ouni Problemer mat op den Instanzewege goen.

Den Här Meisch huet och iwwert den „Standard Cost Model“ geschwat. Mir hunn do eppes net ënnerschriwwen, mir maachen awer bei där Saach do mat. Ech hunn drop higewisen, den „Standard Cost Model“ ass en europäesch unerkannte Modell, dee bei staarke Belaaschtungen op d'Betriber ka genee moossen, wat de Käschtepunkt ass vun deenen heiten an deenen doten Oplage fir d'Betriber.

Ech hunn och gesot, wa mer elo e Gesetz kréien, wat e staarken Impakt op d'Betriber huet, wäerte mer och deen „Standard Cost Model“ uwend loosse. Dat gëtt entweder vu belschen oder hollänneschen Bureau-d'étudé gemaach, déi eng gewëssen Erfahrung doran hunn.

Deen eenzege Problem an déi Suerg, déi mer heibäi hunn, och als Regierung, dat ass - an och Dir hätt dat jo gären -, mir hätte gären d'Gesetzesprojete méiglechst schnell, d'Reglementer méiglechst schnell. Dat heescht, et muss ee kucken, datt am Virfeld déi Ex-ante-Prozeduren awer net dat Ganzt vill méi an d'Längt zéien. Duerfir muss een also kucken, schon zolidd Saachen ze maachen, d'Fiche d'impact zolidd auszufüllen, mä et dierf awer net esou ee laange Wee ginn, datt mer Wochen a Wochen oder Méint a Méint brauchen, ier mer dat Gesetz kënnen op de Wee kréien.

Ech hunn lech drop higewisen, déi Prekon-sultatioun, déi huet beim Dateschutzgesetz sechs Méint gedauert. Dat war natierlech eng ganz komplex Affär. Dat huet och dozou gefouert, datt munch Vereinfachunge komm sinn, mä mir kënne deen dote Prozess net bei all Gesetzer maachen, well soss kréie mer net esou léigiféiert, wéi Dir et am Fong an d'Bierger dobaussen och gären hätten. Mä ech sinn d'accord domat, datt mer heiansdo sollen, wann et wichteg ass, deen „Standard Cost Model“ och ausschaffe loosse an eng Berechnung maachen, wat den Impakt vun de Moosnamen ass.

Et ass elo hei e puermol geschwat gi vun där Etüd vun der Chambre des Métiers vun 2004. Wann een esou Berechnunge mécht, da muss een och genee wëssen an dobäi soen, wat dann eng administrativ Charge ass. Wann ech mer eng Kontabilitéit maache loosse fir mä Betrib, ass dat eng administrativ Charge oder ass et keng? Kann déi honnert Prozent als Charge, déi vum Stat operleucht ass, dohinnergestallt ginn oder ass et am Intérêt vum Betrib, fir esou eppes ze maachen?

Duerfir hätt ech jo gären, datt mer dee Käschtepunkt fir d'Betriber emol fixéieren, definéieren an da kann een och vergläichbar an der Europäescher Unioun kucken: Wat sinn dann d'Chargen, déi op de Betriber leien, Chargen, déi vum Stat aus operleucht gi sinn?

Duerfir mengen ech awer schon, datt et wichteg ass, fir de genee Definitionen ze hunn europawäit an dat ass jo och amgaange gemaach ze ginn, fir e Modell ze kréien, dee vu jiddferengem och deemno an d'nämlechte applizéiert gëtt.

Wann och gesot ginn ass, et wär nach net vill bei de Betriber ukomm vun deene Saachen, déi gemaach gi sinn, wëll ech niewent deem Beispill, wat ech virdu scho genannt hunn, nach en anert Beispill soen, wat ech selwer kennen. Dat ass den Droit d'établissement.

Virun 2004 huet et am Schnëtt, ier een eng Handelermächtigung kritt huet, sechs Woche gedauert. Mir hunn 2004 d'Gesetz

ëmgeännert a gewëssen Oplagen, fir Dokumenter bei den Enregistrement ze schécken a bei d'Steieren ze schécken, erausgeholl aus dem Gesetz. Dat muss net méi obligatoresch dohinnergoen. Domadder hu mer dräi Woche gespuert. Dat heescht, duerch dat Gesetz ass déi Dauer vu sechs Wochen dräi Wochen erofgaangen. Am Ufank vun 2006 ass eise Service vun der Autorisation d'établissement Iso-certifiéiert ginn, Iso 9000. Duerch déi Dokumentatioun, déi do gemaach ginn ass, hu mer eng Woch an der Prozedur gewonnen. Mir sinn elo also am Schnëtt op zwou Wochen, déi eng Handelermächtigung dauert, ier de Betrib se kritt.

Mir sinn amgaang, e Programm ze maachen, wou en neie Logiciel, deen och interaktiv ka schaffen, applizéiert gëtt. Dat wäert vun Ufank 2008 u kommen. Dann denken ech, datt mer am Schnëtt op eng Woch kommen, ier e Betrib, wann e seng Donnéeën all richtig dobannen huet, eng Autorisation ka kréien. Also, ech menge schon, datt, wa mer a kuerzer Zäit vu sechs Wochen op ronn eng Woch erofginn, dat awer e Schrëtt ass, deen de Betrib ganz staark entgéintkënt. Mir ginn nämlech pro Joer esou eng 11.000 Handelermächtigungen eraus. Et sinn also ganz vill Betriber dovunner betrafft. Dat ass nëmme een zousätzlech Beispill dofir, datt awer och scho munches gemaach ginn ass.

Dann hunn e puer Leit hei op d'Hitparad higewise vun de Chargen. Ech wëll nach eng Kéier soen, datt déi Hitparad opgestallt ginn ass vum CNSAE opgrond vun der TNS-ILReS-Émfro bei 500 Betriber an och opgrond vun deene Problemer, déi d'Betriber dem CNSAE duergeluecht hunn.

Déi Hitparad seet aus, datt dat éischt de Kommodo-Inkommodo ass, also d'Établissements classés; Liewensméttelsécherheet, do ass et den HACCP, wat jo jiddferengem bekannt ass; den Étiquetage vun de Liewensméttel an d'Traçabilitéit, wat mat Oplage verbonden ass; duerno koum d'Offallpolitik; duerno d'öffentlech Ausschreibungen an dann d'sozial Sécherheet. Mä hei ass e puermol d'Problematik vun der Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung ernimmt ginn. Effektiv sinn ech der Meenung, datt do nach munches ka verbessert ginn.

Ech wëll awer soen, et ass och do scho villes geschitt. Viru fénnef Joer, wann ee mat der Chambre des Métiers zesummeekom ass, war deen éischte Problem, dee si ernimmt hunn, de Kommodo-Inkommodo. Dat war de Schreck vun alle Betriber. Dat gëtt nach ernimmt, net datt et kee Problem méi ass, mä datt ass awer laang net méi déi Problematik, déi et war. D'Gesetz ass jo schon eng Kéier ëmgeännert ginn.

Et si Standardformularen ausgeschafft ginn, déi e Bäcker e Metzler muss eraginn, wann hie wëllt eng Bäckerei oder eng Metzlerlei opmaachen. Dat heescht, do ass munches geschitt, mä et huet nach villes ze geschéien. Dat wëll ech och kloer soen.

Duerfir ass och ee vun deenen Aarbechtsgruppen am Beräich vun den Établissements classés agesat ginn, also vun der Kommodo-Inkommodo-Prozedur. Deen Aarbechtsgrupp muss dem Regierungsrat seng Aarbechte virleeën, an deen hält dorobber dann d'Décisiounen. Ech hoffen, datt d'Décisiounen, déi do kommen, an engem Gesetz hiren Nidderschlag fannen, sou datt déi dozou féieren, datt déi do Prozeduren nach méi einfach gemaach ginn. Dat ass dach eng Problematik, duerch déi eng Rei vu Käschten op d'Betriber zoukommen, déi net onbedéngt missten op se zoukommen.

Den Här Kox huet gesot, et géif net den Inhalt zur Debatt stoen, mä den Oflaf. An ech mengen, hien huet do un den Artikel 17 geduecht. Dat ass ee Beispill wou ee ka munches méi einfach maachen. Den Artikel 17 ass hei vun der Chamber mat vill Begeescherung gestëmmt ginn.

En ass souguer nom Här Lux sengen Aussoen hei an der Chamber verschäerft ginn. Dat heescht, do ass e Wëlle gewiescht, fir den Impakt op d'Ëmwelt méi staark ze examinéieren. Dat huet awer herno an der Verwaltungstechnik zu abusiven Interpretatiounen gefouert. Dee Sträit ass no annerhallwem Joer oder zwee Joer Diskussiounen mat der Agrikultur bäigeluecht ginn, well do



Kloerheet geschaf ginn ass. Op elo all Problemer geléist sinn, sief nach dohigestallt. Mä op d'mannst ass elo eng Solutioun fonnt ginn.

Mä et ass hei, ech mengen och vum Här Meisch, gesot ginn, mir hunn awer Problemer mam Artikel 17 wat d'Bebauungspläng ueget. A mir haten an der Diskussioun iwwert d'Gesetz vum Pacte «logement» och Diskussiounen doriwwer. Den Här Halsdorf huet jo - fir och dat ze soen, well den Här Meisch jo op dat Gesetz do higewisen huet - gesot, hie géif fir d'Enn vum Joer weider Vereinfachungen am 2004er Gesetz virleeën, fir do d'Prozedure méi einfach ze maachen.

Mä an deem Kader misst ee sech awer och iwwerleeën, wéini disse Artikel 17 dann applizéiert gëtt. An do ass eng Suggestioun komm - ech mengen ënner anerem vum Här Gira -, ob een net soll higoen a soen, mä wann den neie PAG gemaach gëtt, da sollen d'Ëmweltverwaltung an den Ëmweltministère aktiv ginn a soen, do an do si fir eis wichteg Biotopen, si Saachen, déi fir eis schützenswäert sinn, déi ginn dann identifizéiert, dat gëtt am PAG festgehalen, an da brauch bei zukünftege PAPen, déi gemaach ginn, net all Kéiers deen Artikel 17 nogekuckt ginn. Well et ass anscheinend elo esou, gëtt mer gesot, dass, wa praktesch all Prozedure fäerdeg sinn, op eemol den Ëmweltministère oder d'Ëmweltverwaltung kommen a soen, hei ass awer nach ee Problem an do ass awer nach ee Problem. Da gëtt déi Prozedur erëm verlängert.

Dat heescht, duerno muss een also kucken. An do huet d'Chamber jo dann hei a kuerzer Zäit, géif ech soen, d'Méiglechkeet, fir do Verbesserungen ze maachen, wa se dat wëllt maachen. Ech wëll domadder soen, dass mer solle genau festleeën wéini den Artikel 17 bei deene Problemen do applizéiert gëtt a wéini en dann net méi applizéiert gëtt. Domadder ass vill Zäit ze gewinnen.

#### (Interruption)

Dat wier och vläicht e bëssen iwwerdrüwen, fir e ganz erauszehuelen. Dat ass jo och net duerchgaangen, wat Dir proposéiert hat.

Mä ech menge schon, dass do munches ka verbessert ginn.

An, Här Mehlen, well Dir schonn hei dertëscht schwätzt, wëll ech och soen, dass Dir jo erëm eng Kéier eng Attack op d'Beamte gemaach hutt.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, neen.

» M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Och den Här Jaerling huet et awer esou verstanen. Et hunn och anerer...

#### (Hilarité et interruptions)

» M. Robert Mehlen (ADR).- Ech hunn den Här Statsminister hei zitéiert.

#### (Interruptions)

» M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Et hunn och anerer et esou verstanen.

Ech wëll lech just soen,...

» M. Robert Mehlen (ADR).- Ech hunn den Här Statsminister hei zitéiert.

» M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Ech wëll lech just soen, dass an der TNS-ILReS-Ëmfro - an ech géif lech bieden, dat op der Sait 66 nozeliesen; déi Ëmfro ass bei 500 PMEe gemaach ginn - festgehale ginn ass - an ech zitieren dat dann: «Au niveau des relations avec les administrations on doit relever les taux particulièrement élevés de réponses positives, notamment pour les domaines qui touchent beaucoup les entreprises...»

Dat heescht, d'Relatiounen um mënschleche Plang si vill besser a gi vill besser emfonnt vum de Betriber, wéi zum Beispill déi Chargen, déi se operluecht kréien an heiansdo wat d'Utilitéit vu gewëssene Chargen ubelaangt.

Do si jo zum Beispill d'Statistiken ernimmt ginn. Ech hunn och éinescht gesot, dass d'Betriber am Fong net richtig de Sënn an den Zweck vum där Aarbecht do agesinn, fir musse Statistiken auszufüllen. Do ass et wichtig, an dat ass festgehale ginn, dass ee muss eng Opklärungsarbecht bei de Betriber maachen, woufir dës Statistike wichtig an néideg sinn an och oft an hirem Intérêt sinn an da jo och vun der Europäescher Gemeinschaft villfach gefrot ginn.

Mä ech mengen, och do ass awer festgehale ginn, dass déi Relatiounen mat de Verwaltungen net esou schlecht sinn, wéi dat heiansdo dohinnergestallt gëtt.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Ech hunn net verallgemeinert.

» M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Domadder sinn ech d'accord, mä et war awer och kee Luef fir d'Beamten, dat wëll ech awer op d'mannst soen.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Wann do kee Problem wier, dann hätt den Här Statsminister deemools dat net opgeworf.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Gott sei Dank hu mer déi Verwaltung bei där Regierung.

#### (Interruptions diverses)

» M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Ech géif mengen, ech hätt domat op déi meeschte Froen, déi opgeworf gi sinn, geäntwert.

#### (Interruptions)

Wéi gesot, ech soen lech nach eng Kéier Merci fir eng ganz konstruktiv Debatt, déi och - mengen ech - deene Leit, déi un deem Entfesselungs- an Aktiounsplang fir d'Veinfachung vun der administrativer Aarbecht fir d'Betriber geschaff hunn, de Réck stäipt, déi deenen och Courage gëtt, fir weiderzefueren. Ech sinn d'accord domat, dass mer alleguer mussen un engem Strang zéien, dass et net duergeet, fir e Plang opzestellen, dass en och muss zilstrebeg ëngesat ginn, an ech denken, vu dass d'Regierung an der Regierungserklärung gesot huet, dat war eng politesch Prioritéit, dass jiddferen dohannert steet an dass mer och kënne weiderkommen.

An där Motioun, déi hei déposéiert ginn ass, gëtt dat och gefrot, duerfir kënne mer se och akzeptieren, an ech si frou, dass se deposéiert ginn ass.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun där Debatt. D'Wuert kritt elo nach kuerz den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Jo, Här President, just fir op déi Fro vum Här Meisch, déi hien u mech geriicht huet, ze äntwerten, wat LuxTrust ubelaangt. Do ass et esou, dass ee jo op där enger Sait de B to B huet, dat heescht, wat d'Entreprises ubelaangt, do ass et esou beim MultiLine, dass mer am Beräich vun de Phase-piloté sinn; dat heescht, dass mir - den Här Wiseler an ech, mir sinn en charge vu LuxTrust, dat wësst Der - rechnen, dass dat Ufank 2008 mat den Entreprises ufängt normal ze lafen. Mir sinn an de Phases pilotes do. Dat heescht, et sinn eng ganz Rei Entreprises, déi et scho gebrauchen, mä nach net regelméisseg.

Da kënnt déi zweet Phas, dat ass déi vum B to C, wat deen normale Consommateur ubelaangt, do hânt et e bëssen dovun of, wéi schnell mer virukommen. Mir hunn elo nach Gespréicher muer an an deenen nächsten Deeg mam eBanking, do ass dat gréisste Potenzial bei de Banken. D'Banke sëtze jo och mat um Dësch bei LuxTrust, a wat mer do méi schnell virukommen, wat et méi einfach gëtt.

Mir probieren op alle Fall vu Säite vum Stat e Maximum selwer ze maachen doduerch, dass mer jo schrittweis der Fonction publique wäerten d'Signature électronique mat deem Certificat aushändegen. An dann hânt et e bëssen dovun of, dass d'Banken nozéien. Dat geet och net vun engem Dag op deen anerem, dass d'Bank ëmstellt, mä dat wäert eng Zäitchen daueren. Ech ginn awer dovun aus, dass dat Ganzt elo am Joer 2008 rullt.

Et ass schwéier, vu dass et individuell Décisiounen vun de Betriber sinn, fir genau ze soen, wat fir en Dag dat ass. Dat muss se selwer entscheiden. Heiansdo leeft eppes bei hinnen aus an da wissele se. Mä vun eiser Sait weess ech, dass elo schonn am Registre de commerce de Certificat

gebraucht gëtt. E gëtt bei der „Paperless Douanes“ gebraucht. E muss muer beim Guichet unique virtuel gebraucht ginn. Dat heescht, wann ee Portail entreprise ëmgewandelt gëtt an e Guichet unique virtuel, da muss e souwisou gebraucht ginn.

» Une voix.- Bei der TVA.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Bei der TVA selbstverständlech. Mä ech mengen, den Här Wiseler an ech, mir haten eis ofgeschwat. Hie probiert et um Niveau vun der Fonction publique. Déi Applikatiounen, déi elo musse lafen, musse souwisou e Certificat hunn, soss kënne se net lafen. Souwäit ech weess, ass de Centre informatique amgaange vill där Applikatiounen virzugesinn, esou dass mer dovun ausginn, dass dat do d'nächst Joer och - loosse mer soen - fir den eenzelne Konsument dann erreechbar ass, an dass deen eenzelne Konsument et och ka gebrauchen.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat ass d'Debatt ofgeschloss.

#### Motion 1

Mir hunn eng Motioun virleien. Den Här Minister Boden huet gesot, dass d'Regierung déi Motioun kann unhuelen. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

#### (Assentiment)

Da maache mer dat.

#### Vote

Wien d'accord ass mat där Motioun, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech gesinn, d'Motioun ass eestëmmeg uegholl.

Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer zum éischte Projet de loi fir haut de Mëtteg. Et ass d'Diskussioun iwwert de Projet iwwert d'Sécherheet an den Tunnelen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Clement.

## 9. 5666 - Projet de loi concernant les exigences de sécurité minimales applicables à certains tunnels routiers et modifiant la loi modifiée du 15 mai 1974 portant réorganisation de l'Administration des Ponts et Chaussées

### Rapport de la Commission des Travaux publics

» M. Lucien Clement (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stënnen haut iwwer e Gesetzestext of, mat deem d'Direktiv 2004/54/CE ëngesat gëtt, där hiert Zil et ass, e Minimum u Sécherheetsuspräich a verschidde Tunnelen festzeleeën. De virleien Text ass de 4. Januar 2007 vum Bauteminister, dem Claude Wiseler, hei an der Chamber deposéiert ginn. De Statsrot huet zwee Avisen zu deem Gesetzestext ofginn; deen éischten de 24. Abrëll an deen zweeten de 6. Juli. An der Sitzung vum 7. Mee sinn ech vun der Bautekommissioun als Rapporteur fir dëst Gesetz bestëmmt ginn.

Nodeems de Statsrot säin Avis ofginn hat an doranner verschidde Saachen am urspringlechen Text ze beanstanden hat, hu mir an der Kommissioun während zwou Sitzungen iwwert dem Statsrot seng Virschléi a Suggestiounen diskutéiert a beroden an hu schlussendlech an der Kommissioun zwee Amendementer formuléiert an och uegholl, déi hirersäits de 25. Juni erëm un de Statsrot gaange sinn. A sengem Avis complémentaire huet déi héich Kierperschaft sech mat deenen Amendementer averstane gewisen. An der Sitzung vum 10. September hu mir deenen zwee Avis nach emol gekuckt, an de 25. September huet d'Bautekommissioun de Rapport zu deem Gesetzesprojet uegholl.

Här President, nodeem ech alles gesot hunn, wat den Historique ueget, wëll ech awer och nach kuerz zum Projet de loi selwer Stellung huelen. Mir kënnen eis alleguer un déi Serie vu schwéieren Accidenter erënneren, déi tëscht 1999 an 2001 a verschidde Tunnelen uechtert d'Welt geschitt sinn. Als Beispill kann een hei deen trageschen Accident am Mont-Blanc-Tunnel am März 1999 nennen, mat net manner wéi 39 Doudegen. Doropshin huet d'Europäesch Kommissioun an hirem Wäissbuch iwwert d'Transportpolitik vum September 2001 ënnerstrach, dass et néideg wier, eng Direktiv auszuschaffen, déi zur Harmonisierung vu minimale Sécherheetsnormen

an den Tunnelen vum europäeschen Autobunnsréseau féiere soll. Sënn an Zil vun deeser Direktiv ass et, fir den Autofuerer an de Motocyclisten, de Benotzer also vun deenen Tunnelen um transeuropäesche Réseau e gewëssene Sécherheetsniveau ze garantieren.

D'Europaparlament an de Conseil hunn den 29. Abrëll 2004 d'Direktiv 2004/54/CE uegholl, mat der Virgab, verschidde Exigence a Virschréften, sief et um organisationelle Plang oder um technesche Plang, anzeféieren. D'Direktiv bezitt sech virun allem op Tunnelen, déi um transeuropäesche Réseau leien an déi méi wéi 500 Meter laang sinn. Duerch dës Moosname sollen d'Benotzer vun deenen Tunnelen beschtméiglech viru Gefore geschützt ginn, insbesondere virun deenen immensen Tragödien am Fall vun deem Accident am Tunnel. Mir hunn alleguerten heibannen nach déi tragesch Momenter a Biller virun Aen, déi sech an deene leschten Tunnelsaccidenter ofgespillt hunn. Hei war d'Accident selwer nëmmen en Deel vun der Tragédie.

Esou eppes ka jo och ausserhalb vun engem Tunnel passéieren. Mä, Här President, dat, wat richtig schlëmm an tragesch war, ass, dass bei deenen elo just genannten Tunnelsaccidenter déi meescht Leit duerch Feier, wat entstanen ass, an och bedéngt duerch déi enorm Hëtzt, déi doduerch am Tunnel opkomm ass, ëm d'Liewe komm sinn. Datselwech géllt iwwregens och fir d'Rettungsequipen, egal ob dat d'Pompjeeë sinn, d'Protection civile ass, de Service d'aide médicale, d'Ambulanzen, d'Sécurité routière oder och d'Police. Dofir ass gekuckt ginn, fir d'Ëmwelt, d'Ëmfeld an och d'Tunnelinstallatiounen selwer ze schützen. D'Direktiv beschreift och Modalitéiten, déi fir d'Sécherheetskonzepter solle virgesinn an approuvéiert ginn, an natierlech och wéi se an den Tunnelen sollen uegwannt ginn an och esou zum Droe komme sollen.

Des Weidere schreift d'Direktiv vir, dass am Fall vun engem Accident musse Rapporten un déi europäesch Instanze weidergeleet ginn an och a regelméissegem Ofstänn technesche Kontrolle gemaach musse ginn. Zur gudder Lescht regelt d'Direktiv och nach d'Konditiounen iwwert d'Bescheldung virun den Tunnelen a selbstverständlech och an den Tunnelen.

Fir d'Ëmsetzung vun all dese Moosnamen ze garantieren, verdeelt d'Direktiv d'Responsabilitéiten tëscht dem Gestionnaire vum Tunnel, deen e Sécherheetsagent och muss designieren, an der Autorité administrative de surveillance, déi kann op dréit Kontrollinstanzen zrëckgräife fir en Deel vun de Sécherheetsmissiounen och ze erfëllen. Dir gesitt, et handelt sech hei ëm eng äusserst technesch an och eng äusserst komplex Direktiv, wou ech an e puer Sätz déi wesentlech Elementer dorauer beschriwwen hunn, esou dass ech op deeser Plaz net weider wëll op dee ganze Volet do agoen.

Erlaabt mer awer, dass ech nach kuerz op d'Situatioun, wéi se hei zu Lëtzebuerg ass, aginn, mat där sech och de Projet de loi, dee mer haut hei ofstëmmen, beschäftege wäert.

Hei zu Lëtzebuerg sinn et just zwee Tunnelen, déi concernéiert sinn an um transeuropäesche Stroossennetz drunhänken. Et sinn dat d'Tunnelen Markusberg a Mondorf, alle béid op der Saarautobunn, op der A13. Den Text gesäit awer och vir, dass déi vun der Direktiv festgehale Sécherheetsmoosname via Règlement grand-ducal op aner Tunnelen kënnen applizéiert ginn, déi eng Längt iwwer 500 Meter hunn. An deem Fall géifen d'Tunnelen Gousselberg a Grouff op der Nordstrooss, den Hellegegescht-Tunnel an den Tunnel tëscht der Rocade vu Bouneweg an dem Rond-point Gluck drënnerfalen.

Wat elo d'Definitioun an d'Verdeelung vun den Aufgaben ueget, wéi et an der Direktiv virgesinn ass, do huet d'ITM d'Funktionsvun der Autorité administrative a muss folglech d'Mise en service vun den Tunnelen genehmegen. D'Ponts et Chaussées hirersäits sinn da Gestionnaire vun de staatlechen Tunnelen. De Stat huet dann och d'Aufgab, fir en Agent de sécurité fir d'Tunnelen ze ernennen, deen awer virdu vun der ITM muss akzeptéiert ginn. Wéi säin Numm et scho seet, muss dese Beamte sämtlech Moosnamen, déi d'Sécherheet vun den Tunnelbenotzer an dem Personal, dat sech drëm këmmert, betrëfft, garantieren a selbstverständlech och koordinieren.

Ofschléissend wëll ech nach kuerz op d'Aarbecht vun der Bautekommissioun an deem Dossier agoen. A sech hate mer geduecht, mir kéinten dese Projet nach virum Summer evaküieren, mä de Statsrot hat eng Herd vu Remarquen a Propositions de texte gemaach, esou dass mer eis nach



emol iwwert de Summer domat ausernee-gesat hunn. De Statsrot hat sech ganz vill Gedanken - muss ech soen - iwwert dësen Text gemaach an ongeféier 25-mol direkt oder indirekt proposéiert, den Text zum Projet ze änneren. Deelweis hunn dës Propositionen eng Ännerung mat sech bruecht, déi dann awer duerch de ganzen Text huet missen ëmgesat ginn. Mir hunn an der Kommissioun den Avis vum Statsrot ganz gewëssenhaft analyséiert an och ongeféier 13 Stéck vu senger Propositionen ugeholl.

Dernieft hu mir nach déi zwee Amendementen ugeholl; eemol ass e virhandenen Textfeeler richteggestallt ginn; dat war am Artikel 3. Am Artikel 9 huet d'Kommissioun eng Präzisioun gi par rapport zum initialen Text. De Statsrot war, wéi ech scho gesot hunn, mat dësen Amendementen averstanen, a schliesslech konnte mer den Text unhuelen.

Wéi schonns gesot, handelt et sech ëm e ganz techneschen a komplexe Projet, deen awer mat grousser Sécherheet zu wesentlech méi Sécuritéit an den Tunnelle wäert féieren. Eis Hoffnung wäert a muss, no-deems mer dësen Text heibanne gestëmmt hunn, doranner bestoen, dass esou schrecklech Tunnelsaccidenter sech an Zukunft net méi widderhuele wäerten.

Esou vill, Här President, géif ech soe vu menger Sait. Ech wënsche mer selbstverständlech als Rapporteur, dass dësen Text, dee wichteg ass, eng Unanimitéit beim Vote krit. Ech brénge selbstverständlech awer och nach den Accord vum der CSV-Fraktioun a soen lech alleguer Merci, dass Der mer nogelauschtert hutt.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Wëllen d'Fraktiounen zu deem ausféierleche Bericht vum Här Clement nach Stellung huelen?

(Négation)

Ech gesinn, dass dat net de Fall ass, dass den Här Clement d'Saache kloer an däitlech gemaach huet. Deementspriedend géif ech lech proposéieren, wann d'Regierung och d'Ausféierunge vum der zoustänneger Chamberskommissioun an hirem Rapporteur deelt, dass mer zum Vote vum dësem Projet de loi kéimen.

(Assentiment)

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5666 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par Mme Martine Stein-Mergen), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 10. 5596 - Proposition de révision de l'article 16 de la Constitution - Discussion générale et second vote constitutionnel

Mir kommen dann zum zweete Vote constitutionnel iwwert d'Revisioun vum Artikel 16 aus eiser Verfassung. D'ADR hat gefrot gehat, fir dass mer hei nach kéinte Stellung huelen. Wie freet beim zweete Vote constitutionnel iwwert d'Revisioun vum Artikel 16 d'Wuert?

Den Här Meyers, den Här Henckes an den Här Bodry. Da fänke mer mam Här Meyers un. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber huet den 3. Juli vum dësem Joer mat enger grousser Majoritéit eng Ofännerung vum Artikel 16 vum der Verfassung am éischte Vote gestëmmt.

Den Artikel 16 - fir et ze rappeléieren - gesäit vir, dass d'Privateigentum geschützt ass. Eng Enteeegung kann nëmme virgeholl ginn an ass nëmme méiglech am allgemengen Intérêt. Déi Persoun, déi enteegent gëtt, huet d'Recht op eng gerecht Entschiedegung, déi no dem bestehenden Text am Virus misst bezuelt ginn.

Duerch d'Ofännerung vum Artikel 16 soll d'Wuert „préalable“, dat heescht d'Ausbezuelen am Virus vum där Indemnitéit, am Text vum Artikel 16 gestrach ginn.

Ech kommen net méi op d'Ursaachen an d'Hannergrënn vum dëser Verfassungsännerung zrëck. Dat ass ausféierlech geschitt an deem schrëftleche Rapport an och an de mëndlechen Interventiounen hei an der Chamber den 3. Juli an de Riede vum deenen eenzelne Parteisprecher.

Allerdéngs mengen ech wier et noutwendeg fir nach eng kéier op e puer Punkten a Froen anzegoen, déi notament bei der Diskussioun, awer och an der zoustänneger Verfassungskommissioun opgeworf si ginn. Ënner anerem war d'Fro gestallt ginn, ob et duer géif goe fir d'Verfassung ze änneren oder ob een och misst d'Gesetzter iwwert d'Expropriation, notament d'Gesetzter vum 1967 an 1979, ofänneren oder upassen.

D'Kommissioun vum den Institutionen an der Verfassungsännerung huet dofir d'Regierung gebieden nozekucken, wéi eng Problemer sech an de leschte Joren am Zusammenhang mat der Expropriation gestallt hunn an doriwwer och der zoustänneger Kommissioun Opschloss ze ginn.

D'Kommissioun huet am Virfeld vum där heiter Diskussioun de Bauteminister an eng Rei héijer Beamte gehéiert, déi och der Kommissioun Opschloss ginn hunn iwwert d'Prozeduren an op d'Art a Weis, wéi d'Expropriation an de leschte Jore vir sech gaang ass; wuelwëssend, dass an deene leschte fënnef, sechs Joer keng Expropriation wéinst deene bestehende verfassungsrechtliche Problemer méi konnt stattfannen.

D'Froen, déi gestallt gi sinn, sinn haapt-sächlech vum dräi Kategorien, déi een esou kann zesummefaassen: 1. Sinn d'Garantien - déi am Intérêt vum der Persoun, déi enteegent gëtt - genügend? 2. Entstinn duerch d'Ofschafe vum dem Wuert „indemnité préalable“ keng Retarden am Ausbezuelen vum der Indemnitéit? 3. Wat ëmfaasst d'Indemnitéit? Ass déi, esou wéi d'Verfassung et virgesäit, juste? Dat heescht, ass se gerecht?

Bei der éischter Fro iwwert d'Garantien zugschicht vum de Propriétaires, déi enteegent ginn, stellt d'Kommissioun fest, dass et eng ganz Rei vu Gesetzter gëtt, déi de Propriétaire am Fong geholl schützen.

De Minister huet ënner anerem hei och an Erënnerung geruff, dass laut dem Gesetz vum 13. März 2007, dat d'Direktiv 97/11 hei zu Lëtzebuerg ëmsetzt, d'Regierung gehalen ass, Impaktstudien ze maachen an iwwert dee Wee, och bei gréissere Projete vu Stroossen, vum Eisebunnen an anere gréissere Projeten, d'Leit ze informéieren. D'Gesetz gesäit genee Prozedure vir. Ech kommen net méi drop zrëck, well ech huelen un, dass all d'Kollegen, déi heibanne sinn an dat bei deem Vote am Ufank vum Joer genee gekuckt hunn, sech nach genee an Erënnerung ruffen, wat déi Prozeduren och sinn.

De Minister huet och drop higewisen, dass d'Enteeegung den Ausnahmefall duerstellt. Dat heescht, wann d'Regierung e gréissere Projet wëllt realiséieren, fänkt se net un ze expropriéieren. Mä wa se Terraine brauch, wa se Immobilië brauch, da gëtt fir d'éischt versicht, sech à l'amiable mat dem Propriétaire ze eenegen. Wann dat net méiglech ass, muss natierlech de Stat oder d'Gemeng zu der Enteeegungsprozedur gräifen. Kënnst et zur Enteeegung, muss fir d'éischt d'Noutwendegkeet vum der Expropriation an engem Arrêté grand-ducal festgehale ginn. Dësen Arrêté grand-ducal, deen opgrond vum engem Avis vum Statsrot geholl gëtt, muss och d'Utilité publique feststellen.

Ech weisen drop hin, dass zënter der Aféierung vum engem Verwaltungsgericht all Particulier, deen en Intérêt huet, géint deen Arrêté grand-ducal iwwert d'Expropriation ze kloen, och d'Recht huet, e Recours virum Verwaltungsgericht unzestengen. Dee Moment och iwwert d'Utilité publique. Dat heescht, d'Verwaltungsgericht kann och kucken, ob d'Utilité publique ginn ass, ob déi Terrainen déi sinn, déi wierklech gebraucht ginn, oder ob et och aner Méiglechkeete gëtt.

D'Verwaltungsgericht huet also d'Méiglechkeet, deen Arrêté grand-ducal och ze ënnersichen an doropshi säin Uerteel ze huelen.

Schliesslech sinn an de Gesetzter vum 1967 an 1979 Prozedure virgesinn, déi virun allem dem Propriétaire, deen enteegent gëtt, besonnesch Garantien bitt.

Et kann een dofir op déi éischt Fro - Sinn d'Garantien genügend? - eng positiv Äntwert ginn. Et gëtt keen, deen enteegent gëtt, virun e Fait accompli gestallt. Hien ass am Virfeld informéiert iwwert déi Mesuren an hie kann och deementspriedend seng Recours géint déi Mesuren do huelen.

Déi zweet Fro betrëfft den Délai, dat heescht den Zäitraum an deem d'Indemnitéit ausbezuelt gëtt. De Stat muss bei der Enteeegung d'Indemnitéit op d'Caisse de consignation iwwerweisen, wann en duerch Uerteel vum Gericht dozou opgefuerdert gëtt. Vun deem Ablack an ass d'Indemnitéit, déi den Exproprié zegutt huet, och zu senger Verfügung. Si ass disponibel fir déi Persoun, déi enteegent gëtt, an déi kann iwwert d'Gericht d'Ausbezuelen vum engem Deal oder vum där ganzer Indemnitéit froen. Dat geschitt och wann den Exproprié kann nowiesen, dass deen Terrain fräi vum Hypothéiken an anere Privilegien ass. Déi si jo eigentlech nëmme geholl am Intérêt vum eventuellen Drëttpersonen.

D'Ofännerung vum Artikel 16 vum der Verfassung bréngt also keng Retarden am Ausbezuelen vum der Indemnitéit.

Drëtt Fro: Ass dann déi Indemnitéit gerecht? D'Verfassung seet, si muss „juste“ sinn. Wat heescht dat? D'Gerichter hu bei der Festsetzung vum der Indemnitéit e grouse Pouvoir d'appréciation. Si kënnen net nëmme de Maartwäert vum deem Immeubel festsetzen an och der Indemnitéit, deen et dobaussen normalerweis huet, deen och duerch en Expert virgeschloen oder ausgerechent gëtt. Derniewent kann d'Gericht och anere Schued, deen dem Exproprié entsteet, notament um wirtschaftleche Plang oder am Berufsliewen, an d'Indemnitéit mat eranhuelen.

D'Verfassungskommissioun ass zur Schlussfolgerung komm, dass zu deem heitegen Zäitpunkt déi Bestëmmunge vum de Gesetzter vum 1967 an 1979 ausräichend sinn, fir dem Exproprié entgéintzekommen, dass also duerch d'Ofännerung vum der Verfassung deene Leit, déi enteegent ginn, keen zousätzleche Schued entsteet. Déi Gesetzter, esou wéi se elo bestinn, ginn duer als Garantien fir den Exproprié.

Duerfir ass och d'Kommissioun an hirer grousser Majoritéit zur Schlussfolgerung komm, dass d'Chamber deen zweete Vote vum Artikel 16 ka virhuelen, ouni dass d'Gesetzter iwwert d'Expropriation mussen ofgeännert ginn, an ech géif och d'Chamber bidden, sech där Recommandation vum der Verfassungskommissioun unzeschleissen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Bodry.

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass interessant ze gesinn, dass mer hei en Thema behandelen, wat jorzéngtelaang, jorhonner-telaang fir wéineg Opreegung gesuergt huet an duerch eng Décision vum eisem Verfassungsgericht am Joer 2003 eigentlech eréischt an de Mëttelpunkt vum Diskussiounen erakomm ass.

Et muss een nämlech gesinn, dass mer, zënter dass de Code civil hei zu Lëtzebuerg besteet, d'Expropriation pour cause d'utilité publique kennen an dass dat éischt Gesetz an där doter Hisiicht 1859 scho geholl ginn ass an dass e puer Joer méi spéit, 1868, och den Artikel 16 an der Verfassung eng wesentlech Bestëmmung vum deem Gesetz do iwwerholl huet, an ähnlechen Termen, wéi dat schonn de Code civil virdu gemaach hat.

Hei zu Lëtzebuerg sinn applicabel haapt-sächlech d'Gesetz vum 1979 iwwert d'Enteeegung an awer och d'Gesetz vum 1967 iwwert d'Grande voirie an iwwert de Fonds des routes. Et ginn awer ëmmer erëm nei

Texter gestëmmt, an d'Chamber huet dat gemaach am Joer 2004 mat engem neie Gemeengesetz, engem Entwécklungsgesetz, wou och eng Referenz gemaach gëtt op d'Expropriationsprozedure wéi mer se am Text vum 1979 kennen. An dat Gesetz iwwert de Pacte «logement» gesäit erëm eng kéier eng Bestëmmung vir, déi och eng Referenz mécht op eis allgemeng Gesetzgebung iwwert d'Expropriation.

Et bleift, dass mer elo véier Joer laang an enger juristescher onhaltbarer Situation waren, well mer Gesetzter haten, déi d'Enteeegungsprozedure virgesinn, awer Décisionen hu vum eisen ieweschte Gerichter, déi gesot hunn, déi dote Gesetzter sinn net konform zur Verfassung, déi kënnst Der an der Praxis net méi uwenden. Esou dass mer der Meenung sinn, dass et effektiv iwwerfällig ass, dass mer deen heite Schrëtt maachen. An et huet sech erausgestallt an Diskussiounen, dass de beschte Wee, deen einfachste Wee, fir déi dote Fro ze léisen, eben eng Ofännerung vum Artikel 16 vum eiser Verfassung ass. Mir kënnen parallel déi aner Gesetzestexter fir de Moment zumindest bestoe loosse. Et gëtt keen zwéngende Grond, fir och an deenen Texter nach Modifikatiounen virzugesinn.

Fir eis als Partei ass et wichteg op där enger Sait ze wëssen, dass d'Privateigentum geschützt ass, mä op där anerer Sait awer och ze wëssen, dass et en Instrument gëtt, wat applicabel ass a wat et méiglech mécht, an alle Froe vu Grondbesëtzer dem allgemengen Interessi Virrang ze gi viru reng privaten Interessen. Dat ass keen Text, deen een all Dag uwernt, mä et ass awer en Text, deen ee muss hunn, fir a wichtige Projete vum öffentlechem Intérêt och kënnen virunzekommen.

Dobauss soll gewosst sinn, dass mer mat där Ännerung hei um Fong eigentlech näscht änneren. All déi Gesetzgebungen, déi mer hunn, bleiwen tel quel applicabel wéi se vum der Chamber an der Zäit gestëmmt si ginn. Déi Interpretatioun, déi d'Gerichter ginn hu vum deenen Texter an der praktescher Uwendung, bleift och déiselwech.

Wichtig bleift, dass een net ka geschiedegt ginn duerch eng Expropriation, well de Code civil, d'Constitution an eis Gesetzter virgesinn, dass déi Indemnisation, déi muss bezuelt ginn, gerecht muss sinn. Gerecht heescht, dass all negativ Konsequenzen, déi duerch d'Enteeegung geschéien, soufern se direkt mat der Enteeegung zesammenhängen a soufern se och sécher sinn, integral indemniséiert muss ginn. Dorrinner ännert sech also näscht.

Hei gëtt zwar e Wuert erausgeholl, mä eigentlech ännert sech un der Substanz näscht par rapport zu deem, wat mer kannt hunn. Hei gëtt just reng rechtlech eng Situation berengegt, déi zënter gutt véier Joer elo onkloer war.

Et ass an deem Sënn, dass mir als sozialistescher Fraktioun och deen heiten Text wäerte stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Dann huet den honorabelen Här Braz d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Mir kënnen eis kuerzfaassen. Mir hunn als gréng Fraktioun d'Zoustëmmung gi beim éischte Vote a wäerten dat och elo beim zweete Vote maachen. Den Här Meyers an den Här Bodry hu schonn dat Allermeescht rappeliert.

Ech wëll just rappeléieren, dass et déi gréng Fraktioun war, déi initiéiert huet, dass mer dee Contrôle maache vum bestehende Gesetz, an deem Sënn, dass mer wollte préiwen, ob net opgrond vum der Verfassungsännerung an dem Sträiche vum Wuert «préalable» verschidde Garantien, déi d'Leit hunn, hätte kënnen méi kleng ginn an dat also eventuell eng Upassung vum Gesetz hätt missen oder kënnen mat sech bréngen.

Mir hunn dat an der Chamber esou zrëckbehalen, dass mer géifen deen Exercice do maache virum zweete Vote. Dat ass an der Kommissioun geschitt, an ech muss fir déi Gréng soen, dass mir der Meenung sinn,



dass déi Froen - ech wëll net soe Bedenken, mä déi Froen -, déi am Raum stoungen, eng zefridde stellend Äntwert kritt hunn.

Elo kéint een natierlech soen - an ech weess, dass dat de Kollege Henckes, dee jo och méi Riedezäit gefrot huet bei dësem Punkt, wäert déi d'Verfassung -, dass ee kéint am Gesetz verschidde Saachen änneren. Well ech virun him muss schwätzen, erlaben ech mer, schonn am Viraus op hien ze äntwerten, nach ier hien et selwer gesot huet.

Mir sinn där Meenung net - net, well mer déi Suerg net géifen deelen, dass ee wierklech soll oppassen, dass déi noutwendeg Upassung vun der Verfassung net och zu manner Rechter bei de Leit féiert. Et ass allerdéngs esou, dass déi Praxis, déi mer bis elo haten an där doter Matière, bis elo och kee contestéiert huet. An deen Examen, dee mer gemaach hunn an der Kommissioun, war fir erauszefannen, ob näischt ännert un där Praxis, an d'Äntwert, déi mer dorobber kritt hunn, sief et vun de Beamten, sief et och opgrond vu Jurisprudenzen, ass, dass à ce stade näischt erlaabt ze fäerten, dass et elo effektiv géif mat de Rechter no hanne goen.

Elo kann een natierlech - dat wat den Här Henckes wäert proposéieren - verschidde Saache wëlle schrëftlech an den Text vum Gesetz erabrénge. Allerdéngs bréngen déi Saachen eiser Meenung no am Moment näischt méi. Mir hunn eigentlech dat als Praxis - déi Praxis ass net schrecklech grouss, well et ass jo wierklech en Instrument, wat hei am Land nëmme seele gebraucht gëtt -, wat mer eis alleguere wünsch, an dat bleift och bestoen.

Duerfir si mir der Meenung, dass mer haut nach keng Gesetzesännerung brauchen. Mir müssen déi Saachen net an den Text schreiwen, well se iwwert d'Jurisprudenzen och zefridde stellend funktionéieren.

Sollt et awer an Zukunft zu neie Jurisprudenzen kommen, déi dann eventuell de Besoin géife schafen, fir iwwert de legale Wee ze reagéieren, da wäerte mir Gréng an eiser eegener Logik, déi mer beim éischte Vote och déi d'Verfassung net am Wee stoen. Au contraire.

Mä op den Dag vun haut menge mer effektiv, dass ee mat der Ännerung vum Verfassungstext eleng dee Problem geléist huet, dee mer haten, ouni awer duerfir en neie Problem ze schafen. Mir kënnen also domadder liewen, dass mer nëmme dës Ännerung maachen an der Verfassung, ouni elo schonn am Gesetz mussen Ännerungen ze maachen. Mä et soll een dat am A behalen, well et hântk dann och an Zukunft vu Jurisprudenzen of, a wéi eng Richtung dass et sech entwéckelt, an déi maache le cas échéant e Besoin dann op fir eng Textännerung am Gesetz, wat wéi gesot fir eis am Moment nach net de Fall ass.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Braz. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Anne Brasseur.

» Mme Anne Brasseur (DP). - Merci, Här President. Ech wollt am Numm vun der DP-Fraktioun och den Accord bréngen zu dësem Vote. Ech mengen, d'Virriedner hunn dat gutt explizéiert, souwuel de Rapporteur wéi d'Spriecher vun de Sozialisten a vun de Gréngen, an et soll wierklech hei keen Zweifel opkommen. Et geet hei net dorëm, un deem, wat besteet, iergendepes ze änneren. De Schutz vun der Privatpropriétéit ass absolut a soll absolut bleiwen a bleift och absolut duerch déi Modifikatioun, déi mer hei an der Verfassung bréngen.

Dat Eenzegt, wat mer maachen, mir änneren d'Constitioun, fir dass déi Gesetzger, déi mer am Moment hunn, och applicabel bleiwen. De Législateur hat de Wonsch geäussert, duerch déi Gesetzger vun der Expropriatioun, fir déi ze applizéieren. Or, mir krute gesot, dass déi net verfassungskonform wieren. Dat heescht, dass mer dat elo mussen duerch d'Sträichung vum Wuert «préalable» vum Paiement préalable verfassungskonform maachen.

Et geet hei drëm fir ze kucken, ob mer kënnen als Stat oder als Gemeng - als öffentlech Hand - effikass sinn. An dat hei, dat

dréit zur Effikassitéit bäi. Ech weess och, dass déi Gesetzger iwwert d'Expropriatioun jo nëmme an Noutfäll wierklech applizéiert ginn, vu déi ganz laang Prozedur. Mä et gëtt ons emol d'Méiglechkeet, dass eis Gesetzger an ons Verfassung och Aklang kommen.

Duerfir ginn ech och den Accord vun der DP-Fraktioun, mä nach eng Kéier betounend: Dat hei ass keng Ännerung wat de Schutz vum Privatrecht, vun der Privatpropriétéit ubelaangt. Dee muss nach wie vor bleiwen. An ech mengen, do ass och e Konsens heibannen.

» M. le Président. - Merci, Madame Brasseur. Als leschte Riedner hu mer den honorabelen Här Henckes, an duerno nach den Här Jaerling. Fir d'éischt den Här Henckes.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, d'Privatrecht, de Privateigentum ass ee vun deene wichtege Rechter, déi mer net nuren an onser Constitioun hunn, mä déi och am Artikel 17 vun der Europäescher Mënscherechtskonvention stinn. Do stinn haargenau déiselwech Wieder dran, dass d'Indemnitéit, wann ee muss expropriéiert ginn, gerecht muss sinn an dat se am Virfeld muss ausbezuelt ginn. Dat sinn déi Artikel, wéi se do stinn.

Mir hu just am Kader vun engem Arrêt vun onsem Verfassungsgericht héieren, dass si dat ganz strikt gesinn. Doduerch huet sech am Land eng Problematik gestallt. Mir versti ganz gutt a sinn och mam Prinzip d'accord, dass de Stat muss d'Méiglechkeet hunn, fir op Expropriatioun kënnen zréckzegräifen, wann dat noutwendeg ass, an dat dat an engem rasonnablen Délai muss kënnen geschéien.

Also vum Prinzip hier kënnen mer mam Wee d'accord sinn, quitta dat mir ons awer d'Fro gestallt hunn, ob d'Gesetzgebung net misst geännert ginn. Do si mer der Meenung, dass deen ablackelechen Text net deem entsprécht, wat der Europäescher Mënscherechtskonvention entsprécht, an och net deem, wat onser Constitioun entsprécht, an net deem entsprécht, wat een eng modern Demokratie nennt, a wou och déi eenzel Rechter vun de Propriétaires net ofgeschéiert sinn.

Fir d'éischt geet et ëm déi wichtegst Notion, déi, déi och elo nach an der Constitioun iwwreg bleift. Dat ass déi, ob d'Indemnitéit gerecht ass.

Wann een déi franséisch Cour de cassation kuckt, déi seet an engem Arrêt vum 25. Juli 1989: Pour être juste «l'indemnisation doit couvrir l'intégralité du préjudice, direct, matériel et certain, causé par l'expropriation...» An et gesäit een, dass iwwerall an deene Länner, wou mer deeselwechten Text hu wéi mir e kennen - a Frankräich, an der Belsch, och beim Europäesche Mënscherechtsgericht -, gesot ginn ass, dass d'Indemnitéit muss bezuelt ginn. Wann zum Beispill en Haus expropriéiert gëtt, da muss deen, dee vu senger Propriétéit privéiert gëtt, deen déi ewechgeholl kritt, erlaabt kréien, fir dat selwech Gutt deeselwechten Immeuble kënnen op enger anerer Plaz ze kafen.

Dat schéngt mer an der ablackelecher Formulierung, wéi dat elo gehandhaabt gëtt, net de Fall ze sinn, wann et op d'Gericht geet. Den Här Minister huet gesot, hie géif et esou maachen. Dat mag sinn an der Praxis, am Virfeld, mä wann et op d'Gericht geet, dann hunn d'Gerichter en Text ze applizéieren. An deen erlaabt ablackelech net, fir op dee Wee ze goen. Souguer d'Administratioun huet am Beispill vum Syrdall de Propriétaires d'Halschent vum Präis uegebueden, dee se fir hiert Haus bezuelt haten. Dat beweist also och, dass tëscht Theorie a Praxis nach munech Ennerscheeder sinn.

Dat Zweet, wat net virginn ass, dass sinn alleguerten déi accessoire Indemnitéiten, déi an allen Nopeschlänner sinn, wa muss bezuelt ginn, wann et ëm Expropriatioun geet. Dat ass d'Indemnitéit de emploi, dat sinn d'Frais de démenagement an an onsem Fall d'Frais d'avocat. Och dat ass net ginn. Dat ass souguer absolut. Am Gesetz steet kee Wuert doranner. Doduerch schéngt et ons, dass et besser gewiescht wier, fir d'Gesetzgebung an deem Sënn ze änneren oder wéinstens ze präziséieren, wann et esou gewiescht wier.

Dann huet de Rapporteur mat Recht drop higewisen, dass mer eng Debatt hunn, wéi de Bierger muss oder soll informéiert ginn, wann en expropriéiert gëtt. Bien entendu gëtt et verschidde Prozeduren, wou ee sech kann informéieren. Wann zum Beispill eng Zuchlinn iergendwou gebaut gëtt, da gëtt et munech Enquêtes, déi gemaach ginn. Mä et gesäit een awer och oft, dass e gudden Deel vun de Bierger sech net onbedéngt bewusst ass, dass déi Zuchlinn, déi gebaut gëtt, duerch hir Propriétéit wäert goen.

Duerfir hate mir an onser Iddi wéinstens virginn, dass de Stat, wann e wëllt expropriéieren, de Propriétaires direkt am Virfeld matdeelt, éier en den Arrêté de déclaration d'utilité publique hëlt, dass e wëlls huet, esou en Arrêté ze huelen an dat e se informéiert, dass hien Terrain op där Lëscht steet, wou et eventuell eng Expropriatioun gëtt. Dann ass och de Bierger deen Ablackelech direkt informéiert an en huet d'Méiglechkeet, wann den Arrêté kënnt, dass en da kéint reklaméieren. Et wier also fir dem Bierger méi Rechter ze ginn, well mer alleguere wëssen, dass dee Prinzip «nul n'est censé ignorer la loi» an der Theorie an an der Praxis awer nach munech Ennerscheeder opweist. Duerfir menge mer, dass et besser gewiescht wier, fir déi Gesetzgebung do ze änneren.

En drëtter Punkt, deen ons och wichteg schéngt, dat sinn d'Lenteuren an der Prozedur, notament wann et ëm Expertisen um Gericht geet. Do gesäit een, dass an anere Länner de Wee gesicht ginn ass vun engem Juge-commissaire, Juge-expert, deen op d'Plaz kucke geet an d'Indemnitéiten an enger éischter Etapp festleed. D'Rapports d'expertise mussen a gewëssenen a fixen Délaien zréckkommen.

Dat ass dat, wat net gemaach gëtt. Dat ass elo net esou vun der Regierung gewollt. Duerfir géife mir mengen, dass et wichteg ass, dass d'Gesetzgebung geännert gëtt. Vu dat dat net de Fall ass, vu dat d'Gesetzgebung net präziséiert gëtt, fir dem Bierger méi Rechter ze ginn a fir Abusen ze verhënneren, wäert d'ADR géint déi Modification constitutionnelle stëmmen.

» Une voix. - Très bien.

» M. le Président. - Voilà! Freet nach eent d'Wuert?

Dat ass net de Fall. Dann huet den Här Minister Wiseler d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics. - Merci, Här President. Ech wollt am Fong net schwätzen. Mä ech wëll awer trotzdem dem Här Henckes e puer Äntwerte ginn, well zu sengen Analysen, déi hien do mécht vun der Nécessitéit fir d'Gesetzgebung ëmzënnere gëtt et eng ganz Rei Argumenter, déi mech dozou féieren, fir déi wierklech net kënnen ze deelen.

Dat Éischt, wat ech wëll soen, ass dem Rapporteur - dem President vun der Kommissioun - villmools Merci fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass, an all de Gruppen, déi sech elo hei expriméiert hunn, déi a sech och déi Schwierigkeet vun deem Dossier gesinn hunn, wou mer tëscht zwou Nécessitéiten sinn.

Dat eent ass d'Privateigentumsrecht, an dat anert, dat ass awer d'Utilité publique vun enger Rei Projeten. Fir do en Equilibre ze fannen, dee just an dee gerecht ass, dat ass a sech dat, wat hei um Spill steet. An dat ass och hei wat jiddfere mat senger Sensibilitéit mat deene méi oder wéiniger selwechte Konklusiounen ausgedréckt huet.

Mir waren och alleguere zesumme ganz virsiichteg an deenen heite Changementer, well fir d'éischt emol gekuckt ginn ass, ob een iwwerhaapt eng Constitiounsännerung géif brauchen. Fir d'éischt huet d'Regierung déi ganz Gesetzestexte analyséiert, fir ze soen, kommt mir probéieren emol fir d'éischt d'Gesetz ëmzënnere. Mir sinn awer duerno zur Konklusioun komm, dass et keng effikass Ëmännerung vum Gesetz géif ginn, wa mer net déi constitutionnel Basis esou géife setzen, dass mer duerno eng korrekt Prozedur hätten.

Duerno ass zesumme mat der Chamber en Text gemaach ginn, wou den „préalable“, dee mer elo eraushuelen, nach ëmmer drageleescht ginn ass a mer eng wesentlech méi virsiichteg Formule fonnt hunn. Schlussendlech si mer op déi hei Formule komm, well de Conseil d'État an enger Rei gudder, laanger, juristescher Ausenansetzung gesot huet an zur Konklusioun komm ass, dass den „préalable“ aus der Constitioun hei eraushuele sécherlech konform wär zu all deenen Texter iwwert d'Droits de l'Homme, déi mer hätten, an do iwwerhaapt kee Problem géif vum Conseil d'État aus bestoen.

Dunn eréischt ass d'Kommissioun op déi do Pist gaangen, mat där juristescher Assurance an dat war och wichteg, fir grondleedend Diskussiounen direkt ze vermeiden an an de Gréff ze kréien.

Elo huet den Här Henckes eng Rei Suergen expriméiert an eng Rei Bedenken zum Ausdrock bruecht mat sengen Argumenter.

Ech wëll fir d'éischt soen, an ech hu gutt nogelauschert, wat déi eng an déi aner gesot hunn, et ass keng vun de Fraktiounen heibannen, déi déi Suergen net deelt, déi aus-

gedréckt gi sinn. Par contre sinn d'Äntwerten op déi Suergen, déi Dir ausgedréckt hutt, awer schonn an der Gesetzgebung enthalen, esou wéi mer se elo hunn.

Ech kommen duerno op den Detail, mä ech wëll just emol fir unzefänken einfach soen, dass déi Prozedur, déi mer elo duerch d'Ännerung vun der Constitioun erëm constitutionnel gemaach hunn an déi mer säit Joren haten, déi eng aus de 60er Joren, déi aner aus de 70er Joren, während all där Zäit, wou se applizéiert ginn ass, am Fong ni contestéiert ginn ass an am Fong och ni - an dat hu mer jo nogekuckt, an dat hat d'Chamber eis jo beim éischte Vote gefrot - zu gréisserer Problemer gefouert huet. An dat Eenzegt, wat mer hei maachen, dat ass eng Prozedur, déi ni contestéiert ginn ass, déi gutt geklappt huet, erëm en vigueur setzen, andeem mer hir constitutionnel Basis erëm herstellen.

Dann op déi eenzel Punkten agaangen. Dat Éischt ass d'Envergure vun der Indemnitéit, wou den Här Henckes seet, dass all déi aner Accessoiren - „les petits surplus“, hutt Der dat an engem Artikel iergendzwousch genannt - net kéinte mat a Rechnung gedroe ginn, wann dann esou eng Expropriatioun geschitt.

Fir d'éischt wëll ech emol soen, dass virun der Expropriatioun jo eng ganz Prozedur ass, wou normalerweis probéiert gëtt, vun der öffentlecher Hand aus, sech mat deem Propriétaire à l'amiable un den Dësch ze setzen an eens ze ginn. A wann ee wëllt mat engem à l'amiable eens ginn, da kommen natierlech an deenen Diskussiounen - an dat hutt Dir selwer gesot - ëmmer déi richteg Problemer op den Dësch, dat wat d'Leit als Suergen hunn, als Supplémenten hunn, als Problemer hunn, déi sech kënnen an der Realitéit stellen, an da gëtt schonn dorunner deem sécherlech Rechnung gedroen.

Da kënnt déi zweet Fro: Wa se net eens ginn an et kënnt eng Expropriatioun, wat geschitt dann? Do mengen ech ganz kloer, dass den Text, esou wéi en elo an der Constitioun steet, mat dem Ausdrock, dass déi Indemnitioun muss eng „indemnisation juste“ sinn, awer just duerch de Fait, dass en esou formuléiert ass, all deene Problemer, déi sech kënnen stellen, bei deene Spezifitéiten, déi eng Expropriatioun huet, duerchaus ka Rechnung droen.

A wann ech hei kann de Gaston Vogel zitieren, deen e Buch geschriwwen huet iwwert «L'Expropriation pour cause d'utilité publique», a just ee Passage virlesen, do steet: «Dans la fixation de l'indemnité, le magistrat est souverain. La loi s'est rapportée à son expérience et à sa sagesse pour apprécier la force et la sincérité des éléments de preuve qui lui sont soumis.»

» Une voix. - Dir misst och den Här Vogel virlesen, wat en zur Verfassungsännerung hei geschriwwen huet!

» M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics. - Ech wëll just soe wat en hei iwwert d'Applikatioun vum Gesetz gesot huet a wat sech genau vertritt op dat wat hei gesot ginn ass.

Et kann also, an dat ass d'Doctrine, Rechnung gedroe ginn, wann de Juge seng Indemnitéit fixéiert, net nëmme iwwert d'Valeur vénale vum Immeuble, mä och iwwert d'Valeur de convenance vum Immeuble an och iwwer aner Saachen, wéi d'Perte de revenus, d'Perte de clientèle an aner Zorten Indemnitéiten, a sécherlech och, wann et nogewise ka ginn, iwwer Froe vu Problemer, déi sech stellen, vun Déménagement an Ähnleches, wann dat kann „preuve à l'appui“ nogewise ginn a vum Juge justifiéiert gëtt.

Ech mengen och, dass de Fait, dass mer draschreiwen „juste“, an net eng genau Opleschtung vu wat nach als „wéi Dir sot“, „petits surplus“ ka sinn, vläicht éischter souguer eng virsiichteg Moosnam ass. Well wa mer alles géifen draschreiwen, da wär et limitativ sécherlech an da kéinte souguer do zousätzlech Problemer entstoen.

Duerfir soen ech, Här Henckes, ech verstinn déi Suerg, mä Dir hutt gefrot...

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech hätt gar eng Ännerung, Här Minister. Ech wollt just virdrun nach soen, dass meng Debatt dorobber higaangen ass, dass den Term „juste“ gerecht ass; dee fanne mer an allen internationalen an nationalen Texter erëm. Et ass just bei der Aart a Weis wéi d'Gesetz et virgesäit, wéi d'Indemnitéit definiert gëtt, wou mer eng Meenungsver-schiddenheet hunn.

» M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics. - Jo, genau dat. An dofir soen ech, dass ech mengen, dass, esou wéi d'Gesetz an d'Applikatioun vum Gesetz



gemaach gi sinn, op Basis vun där Constitutiounsännerung, déi mer elo hei hunn, déi Applikatioun, esou wéi mer d'Gesetz hunn ouni ze änneren, duerchaus kann deene Suergen, déi Dir richtegerweis als Suerg ausdréckt, entspriechen.

Mir hunn also eng Meenungsverschiddenheet net um Constitutiounstext, mä eng Meenungsverschiddenheet, ob de fait dat Gesetz muss geännert ginn oder net.

An ech soen, déi Suergen, déi Dir ausdréckt, kënnen mam aktuelle Gesetz ouni Problem beäntwert ginn. Dat gleeft Dir mir elo net, mä ech mengen, datt dat awer esou wär.

D'selwecht bei deenen anere Saachen, déi Der gesot hutt. Dat ass déi Informatioun préalable. Esou wéi Dir et elo duergestallt hutt, gesäit dat am Fong aus, wéi wann déi Leit, déi concernéiert si vun engem Projet, eréischt géifen informéiert ginn dann, wann d'Expropriatioun ugeet.

D'Expropriatiounsgesetz gesäit och déi Informatioun vir; ech kommen duerno nach drop zrëck. Mä d'Realitéit ass jo, datt, ier et zu enger Expropriatioun kënn, notament wat de Stroossebau ugeet, awer eng ganz Prozedur nach virdrun ass, fir iwwerhaapt zu enger Décisioun ze kommen. Déi ganz Prozedur vun der Direktiv 97/11/CE, déi mer viru véier Méint hei festgesat hunn, déi iwwerhaapt emol muss kommen, ier mer kënnen négociereren.

An da muss mer négociereren; da sinn d'Leit jo schonn informéiert duerch d'Prozedur.

Da muss mer négociereren, da si se informéiert duerch d'Négociatioun. A wa mer dann net eens ginn, nodeem datt se schonn zweemol d'Méiglechkeet haten, fir informéiert ze ginn an doduerch wëssen, wat lass ass, da komme mer eréischt an déi Expropriatiounsprozedur, an déi „97/11/CE“-Prozedur, fir d'Tracé festzeleeën.

Déi gesäit awer eng ganz Rei gesetzlech festgehale Méiglechkeete vir, wou d'Leit kënnen Awand huelen, wou se kënnen soen, ob se d'accord sinn oder net domadder d'accord sinn. Da gi se nach eng Kéier kontaktéiert, fir à l'amiable mat hinnen eens ze ginn, an dann eréischt komme mer un d'Expropriatiounsprozedur, wou nach eng Kéier an den Texter steet, datt se mussen informéiert ginn a wou souguer bei den Text vun '79 iwwert d'Expropriatioun fir den Héichbau drasteet, datt se och nach individuell mussen ugeschriwwen ginn, fir informéiert ze ginn.

Ech mengen, an deem ganzen Arsenal législatif, dee virdrun ass a während der Expropriatioun, sinn awer esou vill Kontakten, Explikatiounen, Méiglechkeete vun Awänn, déi se kënnen huelen! Op anere Plazen, wa mer Projeten net esou schnell virukréien, wéi mer et wëllen, notament an der Debatt vun de Simplifications administratives gëtt dann heiansdo gesot: Elo kommt Der net virun, wéinst all deene Prozeduren, déi lafen! An dat ass genau deen Typ vu Prozeduren, wou mer mussen mat de Leit schwätzen, déi ech par ailleurs richteg fannen. Dat zu där Saach.

Esou datt ech mengen, datt déi grouss Awänn, déi Der bruecht hutt, awer am Text, wéi mer en aktuell hunn, respektiv an Texter, déi sech bei Baute virun den Expropriatiounstext virduplanzen an déi ee muss an der ganzer Prozedur maachen, déi ganz Informatioun awer logesch a sënnvoll ass, esou datt ech déi do Meenung net kann deelen, obwuel ech d'Suerge verstinn.

Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Minister Merci. Mir sinn elo um Enn vun der Debatt. Mir stëmmen of iwwert den Text. Dir wësst, dass hei keng Votes par procuration kënnen gemaach ginn.

#### Second vote constitutionnel

D'Proposition de révision 5596 ass mat 50 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Marcel Glesener, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes, Charles Goerens, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

### 11. 5337 - Projet de loi portant création d'un congé individuel de formation et modification

#### 1. du Code du Travail;

#### 2. de la loi modifiée du 4 octobre 1973 concernant l'institution d'un congé-éducation;

#### 3. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

#### 4. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum zweete Vote constitutionnel vum Projet de loi iwwert de Congé individuel de formation. De 26. Abrëll huet d'Chamber eng éischte Kéier iwwert dëse Projet ofgestëmmt.

Wëllt nach een d'Wuert ergräifen?

Wann dat net de Fall ass, da komme mer och hei zum Vote.

#### Second vote constitutionnel

De Projet de loi 5337 ass am zweete Vote constitutionnel mat 51 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Marcel Glesener, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

Mir kommen dann zur Diskussioun vun deenen zwou Motiounen, zu där, déi den honorabelen Här Helminger déposéiert huet am Numm vum liberale Grupp an am Numm vum Grupp vun deene Gréngen, respektiv zur Motioun, déi den Här Fayot déposéiert huet.

Den Här Helminger huet d'Wuert.

### 12. Motion de M. Paul Helminger déposée au nom du groupe DP et au nom du groupe DÉI GRÉNG relative à l'amélioration et à la décentralisation des structures d'accueil pour personnes toxicomanes et à l'implantation d'un foyer d'accueil à Bonnevoie

#### Motion de M. Ben Fayot relative à la décentralisation des

### structures de traitement et d'accueil pour personnes toxicomanes

» **M. Paul Helminger (DP), auteur.** - Här President, wann elo fënnf Minutten erëm sinn, da géif ech lech bieden, nach eng Kéier op de Knäppchen ze drécken, well ech d'Riedezäit, déi fënnf Minutten, déi meng Fraktioun huet, och wëll gebrauchen, fir déi Diskussioun hei anzeféieren. Eng Diskussioun, vun där et jo net evident war, datt jiddferee se géif wëllen, mä wou et ganz den Uschäin huet, wéi wa mer eis herno eigentlech alleguerte misste félicitéieren...

#### (Interruption)

Elo si 26 Sekonne fort an et huet anscheinend nach kee mech héieren.

#### (Hilarité)

Fonctionnéiert de Mikro elo? Nach ëmmer net!

» **Une voix.** - Versicht méi haart ze schwätzen.

» **M. Paul Helminger (DP), auteur.** - Da fänken ech nach eng Kéier un.

Här President, ech wollt lech am Fong bieden, fir mer déi zéng Minutten ze ginn: déi fënnf, déi ech als Co-auteur vun der Motioun hunn, an déi fënnf Minutten, déi meng Fraktioun huet, fir dann duerno Stellung ze huelen. An ech wollt dann dozou iwwergoen fir ze soen, datt, wann déi Diskussioun hei och am Ufank vu Verschiddenen net grad jiddferee gëtt ginn ass, ech awer de Moment d'Impressioun hunn, wéi wa mer herno alleguerte frou wäeren, datt mer se haten.

Et geet em d'Fixerstuff an der Stad, em ee Projet also vun der Regierung, deen um Territoire vun der Stad realiséiert gi soll. Mä et geet och - an d'Diskussiounen vun deene leschte Woche schéngen dat ze beleen - drëm, fir feststellen, ob d'Politik vun der Regierung am Kampf géint d'Drogen an domat de Prinzip vun de Fixerstuffen, esou wéi se elo an der Stad virgesinn ass an déi jo vun där Politik nëmmen en Deel ass, nach déi richteg ass, an ob se virun allem vun de Majoritéitsparteien nach gedroe gëtt.

Wann ech héieren, datt et net zwou oder dräi Fixerstuffen an de groussen Zentren, mä vill méi klenger op vill méi Plaze solle ginn, wann ech héieren, datt een den Accueil an d'Fixerstuff vuneneen trenne soll, datt en fait d'Fixerstuffen eventuell souguer kombinéiert mat kontrolléierter Drogenabgabe an d'Spideeler sollen integréiert ginn, dann huet dat alles net méi ganz vill mat deem Projet ze dinn, deen de Gesondheitsminister ausgeschafft huet a fir deen de Bauteminister elo bei der Stad eng Baugenehmung gefrot huet.

Wann een dann déi Opreegung gesäit, déi dee Projet bei de Stater Leit, haaptsächlech zu Bouneweg, ervirgeruff huet, an zumools wéi do zum Deel och mat onschelechen a falschen Argumenter an neierdénge ganz offensichtlech op engem lokalpoliteschen Hannergrond d'Leit littéralement opgehetzt ginn, da verstitt Der, Här President, datt mer do wuel nach ëmmer bereet sinn, eis politesch Verantwortung ze huelen, mä datt mer awer net gewëllt sinn, d'Käschte fir aner Leit aus dem Feier ze huelen.

Hei muss all Mënsch seng Verantwortung huelen: d'Regierung, d'Chamber, de Stater Schäfferot an de Stater Gemengerot.

Datt de Stat dem Buergermeeschter am Endeffekt seng Ënnerschrëft ënner eng Baugenehmung setzt, ass nëmmen dee leschten Akt, an déi, déi emol schonn an enger Gemeengeverantwortung waren, a besonnesch déi, déi schonn emol wollte Buergermeeschter ginn, missten eigentlech wëssen, datt de Buergermeeschter déi Ënnerschrëft eenzeg an eleng opgrond vum Bautereglement vu senger Gemeng entweder muss ginn oder muss refuséieren. D'Gerichter hunn x-mol bestätegt, datt alles anescht en Abus de pouvoir wär.

Datt gesot - an ech hu vu geméischte Gefiller am Ufank geschwat -, bedauern ech ganz besonnesch, datt an engem Problem, dee wéi d'Toxicomanie virun allem e gesellschaftleche Problem ass, dee vill vun eise Matbierger op eng ganz schrecklech Manéier betrëfft an deen eis alleguer ka betreffen, dee parteipolitesche Konsens, dee mer eigentlech iwwer Joren haten, elo ze zerbréche schéngt.

Mir hunn iwwert d'Joren iwwert déi hei Problematik mat engem liberalen, duerno mat engem sozialistesche Gesondheitsminister, mat enger liberaler Erzéiungsministesch, duerno mat enger sozialistescher, mat chrëschtlech-soziale Bauteministere geschwat, an dat ënner zwee Stater Schäfferot, fir d'éischt blo-schwarz an dann elo

blo-gréng. Mir hunn eis all déi Joren intensiv mat den Associatiounen, déi um Terrain aktiv sinn, zesumme gesat, fir hir Aarbecht ze ënnerstëtzen, fir hinnen ze hëllefen hir Aktiounen besser ze koordinéieren. Mir haten e groussen Hearing organiséiert a maachen zënterhier mat alle Betraffenen am Kader vum Comité de prévention local ganz regelméisseg de Point vun de Situatiounen.

Mir sinn zesummen dee luesen a beschränkeleche Wee gaang, fir an enger éischer Etapp, dat war 2001, déi drogéiert Obdachlos am Wanter ënnerdaach ze kréien, duerno e provisoreshen Accueil op der Diddenuewener Strooss anzerichten, an deen dann den „Abrigado“ mat senger Berodung a mam Austausch vu Sprëtze mat agezunn ass an an deem zënter dem Fréijoer 2005 och eng provisoresh Fixerstuff funktionnéiert.

Mir waren eis all déi Zäit eens, datt et eist Zil wier, deene betraffene Leit ze hëllefen, virun allem awer der esou vill wéi méiglech vun der Strooss ewechzekeréien, mat all deenen Nuisancen, déi dat mat sech bréngt.

Wéi wär dann d'Situatioun zu Bouneweg an op der Gare, wann déi dausenden - leider, mä dat ass déi gesellschaftlech Realitéit - vu Schëss, déi ënner hygienesch einwandfreie Konditiounen an der Fixerstuff gesat ginn, dobaussen am Fräie géife gesat ginn? Wéi vill méi Sprëtze géife mer dann op den Trottoiren, an de Parken an op de Spillplazen erëmfannen? A wéi vill méi déidlech lwwerdosen hätte mer?

Et ass duerfir och an där Logik, datt deen heitege Schäfferot averstane war, fir mat dem Projet „Fixerstuff“ weiderzefueren, ënner der Bedingung, datt mer aus der Experienz vun deene vergaangene Jore léieren, haaptsächlech wat d'Öffnungszäiten an d'Zuel vun de Betreier ugeet, an dann awer och mat der Fuerderung, datt et endlech eescht muss gi mat der Dezentralisatioun vun esou Strukturen. Do gëtt anscheinend op Plazen nach méi wéi an der Stad mat all Mënsch geschwat, mä mir schéngen do nach wäit vun enger Baugenehmung ewech ze sinn, an dat kann net esou viru gien.

Mir waren och der Meenung, datt d'Reckeke vun där Fixerstuff vun enger Säit vun der Diddenuewener Strooss op déi aner an e modernt, funktionell Gebai, esou wéi et eis virgeschloen gouf, alles wär mä net eng zousätzlech sozial Struktur matzen an e Wunnquartier ze implantéieren. Dat wëllt net soen, datt mer eis net mat de Bouneweger Leit, mä awer och mat deene Garer wéinst Drogen a Prostitutioun, mat de Lampertsbierger a mat de Stater insgesamt wéinst der Kinnekswiss, dem Centre Aldringen, der Plëss, dem Neumanspark, mat deenen Dummeldenger, Eecher, Weimerskiercher wéinst dem Parc Laval an esou weider, datt mer eis mat deenen alleguerten net eens wieren, datt et Plazen an der Stad gëtt, wou d'Zoustänn inakzeptabel sinn. Wou d'Effort, déi gemaach ginn, fir enger kulturell komplexer Stad d'Zesummeliewe vun den Awunner, vun deenen, déi hei schaffen, a vun deenen, déi bei eis op Besuch kommen, agréabel ze gestalten, wou déi Effort vum onméigleche Behuele vu finalement ganz klenger Gruppe vu Leit futti gemaach ginn, déi mat der Gesellschaft näischt méi wëllen ze dinn hunn. Dat huet awer alles mat der Fixerstuff rose wéineg ze dinn.

Mir hunn dofir ugefaang mat Bouneweg, en Aarbechtsgrupp an der Stad agesat, deen dee leschten Donneschdeg iwwergens eng éischt gutt Réunioun hat, fir zesummen ze kucken, wat mir - mir, datt ass d'Polizei, d'Associatiounen, d'Gemeng, mä och d'Bierger selwer - kënnen maachen, fir deen öffentleche Raum, deen hinne gehéiert, och erëm esou kënnen ze notzen, wéi e fir si geduecht war.

Fir d'Fixerstuff, emol ofgesi vun deene prinzipielle Froen, déi elo vun der Stater CSV opgeworf goufen, ginn dann elo och nach alternativ Sitë virgeschloen. Ech si gären op dem Bauteminister Claude Wiseler seng Proposition agaan, fir nach eng Kéier déi Siten nozekucken. Si ware schonn all emol an der Diskussioun. Mir hunn an deem Sënn och eng Entrevue - mir, datt ass de Stater Schäfferot mam Gesondheitsminister a mam Bauteminister - den nächste Freideg Mëtteg, fir dat ze maachen. An da muss jiddferee seng Responsabilitéit huelen.



Ech wëll och direkt soen, datt d'Auteurs vum där Motioun mat där amendéierter Motioun, déi haut vum de Majoritéitsfraktioun virgeschloen ginn ass, net dee geréngste Problem hunn. Ech verbannen domadder, datt de François Bausch an ech, stellverriedend fir eis Kolleeginnen a Kolleegen, déi d'Motioun ënnerschriwwen hunn, och eis Ënnerschrëft ënnert déi Motioun gesat hunn, esou wéi mer dozou invitiiert hunn, d'Hoffnung, datt déi amendéiert Motioun mat grousser Majoritéit, jo, firwat net à l'unanimité hei an deem Haus géif ugeholl ginn, woumat dann dee parteiwwergräifenden nationale Konsens, dee mer wierklech an dëser Affär brauchen, erëm hiergestallt wier. An dat kënnt ech nëmme begrëissen.

Villmools Merci!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Helming. D'Wuert huet elo d'Madame Stein-Mergen.

**Discussion générale**

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Merci, Här President. Ech géif da wëlle fir d'éischt déi alternativ Motioun, déi mer zesumme mat de Kolleeg vum der LSAP ausgeschafft hunn, presentéieren an och Stellung huelen zu där anerer Motioun vum Stater Schäfferot.

Här President: „D'Sucht läit am mënschleche Verlaangere no Befriedegung vu Loschtgefäll, Zefriddeheet a Gléck; dës hedonistesche Sich gétt da problematesch, wa se sech vu perséinlechen Undriff entkoppelt an en dysfunktionalen, oft substanzgebundene Charakter kritt.“ Ech zitieren domadder de Professor Joseph Egger vum der Uni Graz, deen dës Saz a sengem Bäitrag „Abhängigkeit aus psychologischer Sicht“ geschriwwen huet.

Wa mer och d'Thema Sucht, wann och nëmme an engem limitéierter Kontext, haut um Ordre du jour hunn, dann ass dat keen Zoufall, mä eng Initiativ vum deem gréngbloen Schäfferot vum der Stad Lëtzebuerg an hirer Funktioun als Deputéiert, natierlech, a well mer mat hirer Approche net esou ganz d'accord waren, hu mer ons zesumme gesat an dës alternativ Motioun ausgeschafft, déi, wéi d'CSV- an d'LSAP-Deputéierte mengen, de Problem nach e bëssle méi wäit stellt wéi just d'Fixerstuff vu Bouneweg.

Wat ass eng Fixerstuff? Eng Fixerstuff ass eng Struktur, wou déi Toxicoen, déi weder an engem Substitutionsprogramm sinn nach prett sinn, fir e Sevrage ze maachen, sech kënnen e proppere Schoss setzen. Et ass dës eng Struktur, déi extrem niddregschwellig ass an déi viraussetzt, dass de Süchtege sech seng Boule Heroin selwer beschaaft, an ech brauch lech kee Bild ze molen, wéi e sech déi beschaaft.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Eng Fixerstuff limitéiert also fir de Süchtege just nëmme de Risiko, sech mat enger gebrauchter Nol mat Hépatite oder Aids ze infizéieren, an ass awer weder effektiv géint den Dealing nach géint d'Drogekriminalitéit.

Dat ass awer net ons Opaassung vum enger effektiver Drogenbekämpfung a mir sinn der Meenung, dass d'Clientèle vum enger Fixerstuff muss enger méi héichschwelliger Behandlung zougefouert ginn. Och dat ass méiglech.

Déi nächst Etapp wär an deem Fall d'Substitutionsbehandlung. D'Substitioun ass keen Entzuch. Si ass awer haut d'Kärstéck vum der Opiatsuchtbehandlung, net nëmme bei ons, mä an deene meeschten europäesche Länner an an der Welt spéitstens säit dem Optriede vum der Hépatite an Aids-epidemie ënnert den IV-Toxicomanen. Meeschtens benotzt den Dokter hei de Methadon, mä och mat Subutex oder Morphinium kann ee probéieren, den Heroin ze ersetzen.

D'Puriste géint d'Droge sinn natierlech der Meenung, dass dës keng Léisung ass, well dës Ersatzstoff selwer d'Sucht ënnerehalen. Et huet och laang gedauert, bis dës Approche sech konnt och bei ons duerchsetzen. D'Haaptargumenter fir eng Substitioun leien awer op der Hand.

Wat een e Süchtege méi laang bei der Staaung hält mat enger verschriwwener Substitioun, wat seng Chancé méi grouss sinn, fir e Sevrage an eng Resozialisierung ze packen, wann nämlech de Cercle vicieux - Drock fir den nächste Schoss, sozial Isolatioun, Kriminalitéit - kann ënnerbrach ginn. D'Approche ass duerfir och individuell. Bei méi verlässleche Patienté gëtt schonn emol de Methadon fir eng ganz Woch opgeschriwwen. Déi méi labil Patréiner müssen en a flësseger Form virum Apdikter huelen a si kréien ëmmer nëmme fir een Dag.

Och déi pluridisciplinaire Approche ass wichteg. An Zesummenaarbecht mam Dokter encadréiert am nationalen Drogenprogramm d'Jugend- an Drogenhëllef dës Patienten; si ass awer nëmme eng vun deenen ONGen, déi op deem Terrain schaffen. Si kënnen da fir Gespréicher bei si kommen, si kënnen gehollef kréien op der Sich no enger Wunneng oder enger Aarbecht. An deem Programm kënnen mer vun engem immensen Engagement vum allen engagéierten Acteurs profitéieren.

Och am Prisong gëtt de Methadon agesat, fir de Patienten no an no d'Méiglechkeet ze ginn, sech selwer ze bilanzéieren an d'Kraaft ze fanne fir de Sevrage. Hei gëtt da mat hirem Accord an och parallel zu enger psychologescher a psychotherapeutischer Therapie d'Dosis Methadon mat hirem Averständnis no an no erofgesat. Op deem Wee gi vill Toxicomanen am Prisong an dobaussen dréchen.

Dobaussen ass et awer leider esou, dass parallel zu deenen Dokter, déi mam Methadonprogramm schaffen, et och eng Rei konventionéiert Verschreiwergëtt, déi dat e bëssen niewelaanscht maachen, déi net iwwert déi eminent wäerteg Aus- a Fortbildung verfügen, déi hinnen et géif erlaben, hir Gespréichs- a Prescriptionspraktiken ëmmer erëm kritesch ze hannerfroen, an déi net am Netz mat dra schaffen, wou se hir Erfolger a Messerfolleger mat Fachleit kéinte besprechen. Dat ass net gutt.

Och net gutt ass d'Gewinnecht, mat der Substitutionsdrog Benzodiazepinen ze verschreien. Ech wëll net op d'Suchtpotenzial vun dese Medikamenter zrëckkommen - mir hate se eréischt kierzlech hei an der Chamber -, wéi awer just bemierken, dass si och nach leider vill ze vill oft am Sevrage agesat ginn, wat sécher keng Léisung ass. Op dës Aart a Weis mécht een aus engem Monotoxicomanen e Polytoxicoman. De Süchtege schléckt dann emol tëschenduerch eng Rutsch Valium, fir seng Sevragesymptomen ze iwwerdecken.

Et ass dann och esou, dass dës Substanzen parallel mat de Boullen op der Gare oder wou och ëmmer gedealt ginn an ze kréie sinn. Eng aner Méiglechkeet ass, den Toxicoverkeef dat, wat e just vum Dokter verschreiwwe krut, op der Gare a setzt sech mat deene Suen emol e richteg gudd Schoss. Dat kann et awer net sinn.

Ech hunn 2005 gesot, déi national Methadonkommissioun wär nach ni zesumme kommen: Dat stëmmt net méi, si ass entretemps eemol ageruff ginn. Dat geet awer onser Meenung no net duer, fir méi Rigueur an d'Verschreiwungspraktiken ze kréien. Ech mengen, an Zesummenaarbecht mat den Doktere misst een dat och kënnen op deem Domän errechen.

Dann elo kuerz zu mengem Dada, der Heroinsubstitioun. Wat sinn hir Avantagen? Nun, fir en Heroin Süchtege gëtt et nëischt Besseres wéi e Schoss Heroin. De Methadon blockéiert zwar dem Heroin seng Rezeptoren am Gehir, mä hie kann de Flash, dee si mam Heroin verspiere, net ersetzen. Dat ass d'Haaptursach, firwat esou vill Leit vum der Therapie décrochéieren oder awer mat alle Moyenn versichen, de Methadon op der Gare duerch eng Boule Heroin ze ersetzen.

Heroin huet awer eng Rei Avantagen an der Substitioun. En ass manner gesondheetschiedlech wéi de Methadon oder de Morphinium. Heroin op Verschreiwung ass propper a genee doséiert, während kee Mënsch weess, wat an esou enger Boule vum Dealer dran ass. Dat kann Strychnin, Batteriesaiar, am beschte Fall Zocker sinn oder Miel. Wat fir eng Dosis Heroin wierklech an esou enger Boule dran ass, dat weess net emol den Dealer - an deem wär dat och nach egal. Drëtten Avantage, Substitioun mat Heroin huet manner Bäckensumenten.

Dës Erkenntnisser stellen de konzeptuelle Kader duer vum deem, wat politesch muss an Ugrëff geholl ginn, fir den Drogenproblem hei zu Lëtzebuerg zum Deel an de Grëff ze kréien an och eng besser Akzeptanz vun onser Populatioun ze errechen.

Mir sinn ons eens mam Stater Schäfferot, dass eng aner Léisung muss fir déi provisoi-

resch Struktur fonnt ginn. Mir sinn awer der Meenung, dass eng Rei aner Siten et verdéngen, méi genee ënnert d'Lupp geholl ze ginn. Fir dass dat awer net éiweg soll schleefen, hunn ons zwou Fraktiounen décidéiert, den Délai vum Enn dës Joers 2007 an d'Motioun ze setzen.

Mir sinn ons och eens mat der Forderung vun esou enger Dezentraliséierung vun de Strukturen. Mir wëllen ons just net op Esch an Eitelbréck limitéieren, hu par contre awer en Délai virgesinn, bis wéini do sollen Neel mat Käpp gemaach ginn. A ronn engem Joer muss eppes passéiert sinn.

Aus deenen Ursachen, déi ech virduen ugefouert hunn, fanne mir, dass eng Fixerstuff net der Wäisheet hire leschte Schluss ka sinn. Mir sinn zudéifst iwwerzeugt, dass mir d'Substitutionsprogrammer kënnen besser organiséieren an dass mat der Aféierung vun der Heroinsubstitioun de Besoin fir Bas-seuil-Strukture wäert erfroen.

Et ass dës eng arithmetesch Aufgab: Wa mir vun enger Clientèle vum 230 Leit an der Fixerstuff ausginn, vun deenen 80% reng Heroinkonsumente sinn an an de Klassement fir eng Heroinsubstitioun kënnen kommen - dat ass en internationale Klassement -, well se minimal 18 Joer al an zwee Joer opiatofhängeg sinn, op d'mannst zwee Sevrage ouni Succès hannert sech hunn an an der gesondheetlech a sozial Problemer derbäi. Wa mer dës Kritären applizéieren, wäert ee kënnen quasi d'Halschent vun de Clientèle vum der Fixerstuff an den Heroinprogramm kréien. Op dës Aart a Weis fällt d'Konditioun vum der Proximitéit zur Beschafungsplaz ewech, d'Zeen kéint gesprengt ginn, d'Dealere verschwannen, well se net méi esou vill Clienten hunn.

Als leschte Punkt muss mer erwähnen, dass mir d'Liewensqualität vun der betraffener Noperschaft aus de Considéranten an d'Inviten eriwergesat hunn, well och dat, ob Lokalpolitiker oder net, en Thema ass.

D'Leit vu Bouneweg hunn d'Nues voll. Duerfir hu mer zesumme mat de sozialistesche Kolleeg gefrot, fir och eng Dezentraliséierung vun den Hébergementsstrukture fir d'Sans-domicile-fixen unzegoen. Den Här Fayot, deen der Familjeminstesch an deem Zesummenhang eng Question parlementaire rezent gestallt huet, wäert duerno op dësen Thema agoen.

Mir wäer par ailleurs frou, wa mer deemnächst dem Här Minister seng Projeten, notament wat d'Heroinsubstitioun ueget, an der Gesondheetskommisioun virgestallt krite. Mir géife gären de Leit vum Terrain begéien, zum Beispill dem Här Origer als Coordinateur national, fir hir praktesch Erfahrungs besser kënnen ze deelen.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir d'äerfen ons kenger Illusioun higinn. Et sinn net nëmme déi aner, déi betraff ginn. Et kann haut, muer oder huet vläicht gëschter ee vun onser Famill, vun onse Frënn, vun onse Schüler treffen oder getraff hunn. Et ass duerfir och un ons all, fir net nëmme solidaresch, mä och responsabel onsen Toxicomanen ze begéien, wou ee se och ëmmer begéint, als Einzelnen oder als Grupp.

Ech géif lech duerfir alleguer wëlle ganz hærzlech invitieren, fir dës Motioun mat der CSV a mat der LSAP ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Stein. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Fayot.

» **M. Ben Fayot (LSAP), auteur.** - Här President, d'Gesellschaft deet sech schwéier mat dem Émgang mat Mënschen, déi aus iergendengem Grund um Rand vum der Gesellschaft liewen, esou och mat Drogeierte wéi mat Strummerten. Keng Partei a keng Regierung huet dobäi e Wonnermëttel fir déi Problemer mat engem Coup ze léisen. Tatsaach ass, dass déi Leit mat an enner ons liewen, dass mer mat hinnen émgoe müssen. Dat ass net ëmmer einfach. Et bréngt oft lenger. An dach muss mer se soignéieren, wa se a Gefor sinn, a probéieren se erëm an d'Gesellschaft zrëckzuféieren.

Eng aner Tatsaach ass, dass mat dese Mënsche gäre Phantasmen opgebaut ginn, Polemike gedriwwen an Ängsichte geschürt ginn. Sécher ass net alles, wat iwwer se gesot gëtt, falsch. Villes vun deem, wat zu Bouneweg zum Beispill - wat ech kennen - opkomm ass a wat säit Joren do monéiert gëtt, ass richteg a muss och a Betracht gezu ginn, wa mer Léisunge sichen. Mä virum allem ass Schwarz-Wäiss-Molerei a politesch Polemik hei net hëllefreich a bréngt ons net weider. Mir müssen, wa mer déi Problemer léise wëllen, sachlech a roueg bleiwen a probéieren, déi gëeegent Solutiounen och an der Evolutioun ze fannen.

Säit Joren - dat wëll ech och hei soen - ass vu verschiddene Lëtzebuurger Regierungen d'Drogenpolitik op- an ausgebaut ginn. Si brauch dofir d'Mataarbecht vum de Gemengen an och selbstverständlech vun der Gesellschaft, vun der organisierter Gesellschaft an deenen Organisatiounen, déi sech zum Beispill em déi Drogeiert bekëmmern.

Dës Politik ass elo schonns wäitgehend dezentral ugeluecht, well zur Drogenpolitik gehéiert natierlech d'Fixerstuff, mä gehéiert vill méi, wéi zum Beispill - et ass gesot ginn - de Methadon-Programm, wéi de Sevrage, d'Therapie, encadréiert Wunnen, eng ganz Partie Gammé vu Mëttelen, déi probéieren d'Mënschen erëmzékriegen an an d'Gesellschaft erëm ze integréieren. Net all Leit kënnen dobäi Erfolleg hunn. Dofir ass eng Fixerstuff néideg, fir dat Elementaarst um Plang vum der Hygiène ze garantéieren.

D'Erfahrung op der Diddeneuener Strooss huet gewisen, dass d'Verbindung vu Schlofplazen a Fixerstuff op där Plaz néideg war an ass, fir d'Hygiène an d'Gesondheet vun den Drogeierten ze garantéieren. Elo ass d'Zäit komm, fir déi provisoresch Struktur op der Diddeneuener Strooss ze ersetzen, well jo d'Plaz, wou se droopsteet, gebraucht gëtt, an zwar fir e Lycée.

A Fro gestallt gëtt natierlech d'Plaz, déi elo ausgewielt ginn ass, an och mat der Plaz d'Konzept. D'Konzept, mengen ech, ass dat, wouriwwer d'Politik - mir heibannen - am mannste matschwätze kann. Wéi eng Struktur brauche mer? Brauche mer e Raum mat Still an Dëscher an derniewent Schlofplazen? Kann dat getrennt ginn? Wahrscheinlech gëtt et do keng definitiv Wourecht. An der Diskussioun dozou kann ech vill richteg Iddiën fannen, déi zesummen e Mosaik vu verschiddenaarten Approch ginn, déi muss flexibel bleiwen.

De Site ass deen, deen am heftegsten diskutiert gëtt. Fakt ass, dass d'Regierung verschidden Décisiounen geholl huet. Fakt ass awer och, dass de Site zu Bouneweg d'Liewensqualität vun de Bouneweger respektéiere muss, an duerfir dierf d'Fixerstuff eréischt kommen, wann de Foyer Ulysse entweder verluecht gëtt oder op d'mannst ganz staark dezentraliséiert gëtt, wéi dat jo och an der Motioun gefrot gëtt. Well ech mengen, dass kleng dezentral Unitéiten, fir Sans domicile fixe ënnerzebréngen, méi respektuös si fir d'Émwelt, fir d'Quartieren, fir déi Uertschaften, an deene se sinn, wéi eng grouss Struktur wéi se elo zu Bouneweg ass.

D'Motioun, Här President, vun de Majoritéitsparteien, déi glécklecherweis och hei eng grouss Unanimitéit fonnt huet, enthält eng Partie Äntwerten, déi och vum der Regierung presentéiert ginn. Mir droen déi Äntwerten a mir mengen, dass d'Regierung an där Drogenpolitik, déi se bis elo gemaach huet, déi richteg Choixé gemaach huet. Et ass eng fortschrittlech a modern Drogenpolitik. Si muss natierlech oppassen, dass se an der Gesellschaft déi Akzeptanz fënnt, déi se brauch, fir dass dat iwwerhaapt ze realiséieren ass. Mir mengen, dass mer mat dëser Motioun hëllef an Schrëtt weiderzegoen, fir déi Drogenpolitik an déi Akzeptanz vun de Leit ze sécheren.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. D'Madame Loschetter huet elo d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Damm an Dir Hären, et ass schwéier a fénnef Minuten eppes iwwer Drogenpolitik ze soen. Et ass och schwéier eppes iwwer d'Fixerstuff ze soen.

» **M. le Président.** - Madame Loschetter, mir hunn zwou Motiounen. Dir kënnt d'Zäit beieenen huelle fir déi zwou Motiounen.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Ah, gutt. Da kann ech méi lues schwätzen.

**(Hilarité)**

» **M. le Président.** - Sou! D'Madame Loschetter huet d'Wuert!

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech denken, datt d'Mise en place vu Fixerstuffe just en Deel vum enger gesamter nationaler Drogenpolitik ass. Eng gesamt national Drogenpolitik, déi ugefouert gëtt vum enger ganzer Regierung, déi ugetrueden ass mat der Ausso am Koalitionsaccord, - ech erlobe mer kuerz ze zitieren: «Des structures d'accueil pour toxicomanes ainsi que des structures post-thérapeutiques seront créées et le nombre de places de thérapie



sera augmenté. Les différentes initiatives en ce domaine seront soutenues.»

Fir d'Ausféierung vun deem do, vum Inhalt vun der gesamer nationaler Drogenpolitik, ass de Gesondheitsminister zoustänneg, a fir de Bau, notament vum Fixerstoffen, ass de Bauminister zoustänneg. D'Diskussiounen, déi am Moment stattfannen a verschiddene Gemengen, méi oder nach net esou hefteg, sollen eis heibannen zum Handelen incitéieren, soss komme mer mat Sécherheet vum eigentlechen Thema ewech a verléieren ons an ongesond Situatounen, awer och an ongesond Diskussiounen. Dës Chamber, denke mir, soll d'Rich-tung uginn, d'Urgence definéieren an d'Émsetzong ënnerstëtzen. Ech denken, dat ass d'Aarbecht vun enger Chamber. Dat ass eis Aarbecht.

D'Regierung muss sech mat alle concer-néierte Partner zesummesetzen, well si brauch déi fir déi praktesch Émsetzung; dat heescht notament déi sozial Institutiounen, awer och déi concernéiert, an zwar all déi concernéiert Gemengen.

De Moment gétt et - an et ass jo och scho bekannt - just eng eenzeg provisoersch Struktur an der Hauptstadt, déi net optimal fonctionnéiert an déi dann och eng kontra-Produktiv Impressioun bei de Leit hannerléisst. Mir brauchen awer op verschiddene Plazen am Land, esou wéi et och am Koalitionsaccord steet. Fixerstoffen, déi siwene Deeg op siwene, 24 Stonnen op 24 fonctionnéieren an déi regional organiséiert sinn.

Mir sollen eis och als Politiker oder Politike-rin verlichten, wa mer ons an der Öffent-lechkeet dozou ausdrécken, reell, awer och richteg Informatiounen ze ginn. Eng dovun-ner wier zum Beispill ze ënnersträchen, dat d'Fixerstoffen en Deel vum Problem léisen, och fir d'Gesellschaft, och fir d'Awunner an d'Awunnerinne vun de Gemengen, wou dann eben eng Fixerstoff soll a muss hikom-men; déi Leit, déi ebe mat deem traurege Problem Dag fir Dag konfrontéiert sinn.

Eng Fixerstoff, wou Heroinabgab oder Substitiounsheroïnabgab stattfënn, hëlt déi drogéiert Leit vun der Strooss, hëlt en Deel - wann och nëmmen e klengen - vun der Be-schafungsprostitioun vun der Strooss, hëlt och en Deel - och wann nëmmen e klengen - vun der Beschafungskriminalitéit vun der Strooss. A se hëlt och d'Spréitze vun der Strooss. Dat heescht, mir fanne manner Spréitzen op der Strooss mat där Organisa-tioun.

Fixerstoffe léisen den Drogenproblem net - dat huet déi CSV-Doktesch ganz richteg ge-sot, a si ass kompetent dran -, mä si sinn eng Reaktiounsmesure zum Problem. Si sinn och eng politesch Reaktiounsmesure zum Problem, eng Hëllefstellung fir déi droge-krank Leit a stellen awer och eng Verbesse-rung fir gesellschaftlech Organisationsiounen duer.

Eng zweet politesch Verflüchtung ass awer mat Sécherheet, d'Bierger net eleng do-stoen ze loosse mat hire Froen, mat hiren Ängschten a vlächit souguer och mat hire Viruerteeler. Mir wëllen hei mat Nodrock ënnersträchen, wéi wichteg déi Informati-ons - a Sensibiliséierungsarbecht ass. Mir wëllen och eis Mataarbecht nach eng Kéier hei matdeelen, op alle politeschen Ebenen an op alle Regiounen hei am Land.

Duerfir, Här President, fuerdert an ënner-stëtztt eigentlech dës Motioun - déi zwou, mä awer och déi, déi elo hei zur Debat steet - d'Regierung an engem Deel vun hiren nationaler Drogenpolitik. Si soll esou séier wéi méiglech definitiv Fixerstoffen an der Stad, awer och am Süden an am Norde vum Land installéieren.

Fir ons ass dëst soss nâischt wéi eng kon-sequent, eng verantwortungsvoll, awer och eng couragéis Politik, déi hëllef, d'Droge-problematik e bësse besser an de Grëff ze kréien, an déi de Leit an onser Gesellschaft hëllef, e bësse besser mat dëser Problema-tik eens ze ginn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Elo huet nach den honorabelen Här Henckes d'Wuert an duerno den Här Jaerling. Här Henckes!

» **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech schwätzen och vum Fixerstoff an dobäi geet et net eleng ëm Fixerstoff. Et geet hei ëm e Centre d'accueil pour toxicomanes, wou also och eng Beherbergung mat virge-sinn ass, fir en Deel wéinstens vun deene schwéier Drogéierten ze beherbergen an haaptsächlech déi, déi manner wéi 25 Joer al sinn an déi nëierens ënnerdaach kom-men. An ech mengen et muss en dofir och d'Problematik discernéieren: Fixerstoffen a Centres d'accueil.

Wéi ech déi Motioun vun DP an DÉI GRÉNG, au fait vum Stater Schäfferot ge-sinn hunn, muss ech éierlech soen, du war ech skandaliséiert. Et ass inakzeptabel, dat e Stater Schäfferot seet an d'Regierung op-fuerdert, fir just nuren een eenzege Site virzegesinn. Dat ass zu Bouneweg, just mëtten am Wunnquartier, niewent der Spill-schoul, niewent der Primärschoul, just do wou eng 60 Kanner wunnen; do soll et hikommen. Ech mengen, dat ass op jiddfer Fall dee Site, dee fir ons als ADR inakzep-tabel ass!

Duerfir sinn ech frou, an dofir ënnerstëtze mer och d'Motioun, déi hei vun der LSAP a vun der CSV gedroe ginn ass, dat dora fir d'éischte Kéier ganz kloer gesot gétt, als Wunsch vun der Chamber, dat soll no alterna-tive Sitë gekuckt ginn.

An där gétt et! A valabaler! Mir ginn net midd, zënter e puer Méint wou déi Debat entstanden ass, ze soen, dat ee vun deene Siten, a fir ons mat dee beschten, de CFLs-Parking wier, den ënneschten Deel vum CFLs-Parking no bei der Bréck. Do ass d'Méiglechkeet, fir dee Centre d'accueil ze schafen a fir en ze installéieren. Et gétt nach e puer aner Siten, déi och schonn an der Debat sinn a wou mer och mengen, dat et wichteg ass, dat se solle gekuckt ginn.

Den zweete Punkt, deen ee muss festhalen, dat ass, dat mer mat där Iddi vun de Fixer-stoffen, déi op enger Plaz fixéiert sinn, wou muss Genehmegunge kommen, fir dat se kënnen exploitéiert ginn, enger anerer Mee-nung sinn. Datt mer au contraire mengen, et misst op de Wee vun mobile Fixerstoffen zrëckgegraff ginn, esou wéi et zu Berlin de Fall ass, zu Paräis, zu Zürich an a villen aner Sied. Wou den Ausdrock „mobil“ net onbedéngt wëllt heeschen, dat se wéi e Bus doruechter fueren, mä dat se einfach an engem Camion op enger gewässer Plaz sinn a just nure sech bewegen, wann do ier-gendeng aner Manifestatioun ass. Et gesäit een, dat ee villes méi esou Punkte ka fest-halen, dat een deen Ablack och kann eng dezentraliséiert Léisung sichen.

Déi aner Alternativ, wat d'Beherbergung ugeet, do ass et kloer, dat fir ons betreite Wunnegemeinschaften vu Klengen Unitéiten, wou Drogenofhängeger zesumme vun engem Educateur mat betreit ginn, eng valabel Alternativ sinn. Well mir hunn där betreite Wunnegemeinschaften zwou, notam-ment eng zu Gaasperech, déi einwandfrei fonctionnéiert. Derniewent si guer keng Reklamatiounen vun de Bierger, well dat eng Léisung ass, fir déi Problematik, déi mer kennen, unzegoen.

Da wëll ech drop hiweisen, dat ech eng Interpellatioun ugekënnegt hunn a gefrot hunn zu der Drogenproblematik vis-à-vis vun dem Santésminister, mä och vis-à-vis vun dem Justizminister, an ech mengen, dat ee sech sollt Zäit huelen, fir déi Gesamtproblematik am Fong ze diskutéieren an net nuren hei an e puer Minutten, bei Geleeeënheet vun enger Motioun.

Dir verstitt, dat, wann een als Fraktioun nure véier Minutten huet, ee sech deen Ablack muss kuerzfaassen.

Ech mengen d'Debatt ass wichteg. Datt mer de Problem uginn, ass wichteg, well mir wëssen, dat mer eng 350 bis 400 Drogen-ofhängeger all Dag op der Gare gesinn. An dat ass e Problem, dee muss mer ugoen, net nuren an der Hisiicht vun enger Fixer-stoff, mä och global gesinn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Dann huet den Här Jaerling d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Merci, Här President. Ech wëll dem Här Henckes soen, egal wéi mer dezentraliséieren oder wou mer dezentraliséieren, iwwer-all liewe Mënschen, iwwerall liewe Kanner. Mä ech wëll awer och drun erënnere, dass déi Süchteg och Mënsche sinn an och e Recht hunn, ënnert de Mënschen ze liewen, an dass op jidde Fall keng Diskussioun dârf opkommen, dass mer déi elo ier-gend-wéi an en Eck erausklammeren, wou kee se gesäit oder wou se vun de Mënschen of-gezweigt ginn. Well dat wier dat Schlëmmst, wat ee kéint mat hinne maachen.

Well fir déi Leit, déi do dra sinn, déi schlëmmsten Drog fir de Süchtegen ass d'Zeen, ass d'Drogenzeen. An et soll hei kee mengen a sech arieden, dass, wa mer elo dezentraliséieren oder léns a riets Haisercher bauen, dann déi Süchteg dohin-ner lafen, grad wou mir et gären hätten. Dat si Mënschen, déi fräi sinn, an dat si Mën-schen, déi anescht fonctionnéiere wéi mir, an do brauche mer aner Moosnamen an aner Programmer fir déi Leit ze betreiien an och dohinner ze kréien, wou mer se brau-chen.

A wa mer vu Fixerstoff schwätzen a mer hätte gâr, dass déi Leit sollen dohinner kom-men - et ass wichteg, dass se dohinner kommen, fir dass mer se am Grëff hunn, fir dass mer d'Méiglechkeet kréie fir se erëm an d'Gesellschaft zrëckzekeréien -, da stellt sech déi kruzial Fro: Wéi kréie mer se vun deem illegalen Drogemaart ewech?

Do awer gétt et elo am Moment nâischt an do - muss mer éierlech soen - muss mer kapituléieren. Mir muss kapituléieren an einfach soen: Da muss mer hinnen déi Substanz ginn, medezinesch kontrolléiert, déi se brauchen.

Dann hu mer déi beschte Méiglechkeet, fir se dohinner ze kréien, an da muss mer awer och déi gesetzlech Basis schafen, fir dass se kënnen dohinner kommen an och hiren Heroin do kréien.

Well dat wat elo geschitt, wat mer ënner Fixerstoff verstinn, dat ass, dass se dann hir Substanz op de Schwarzmarkt kafe ginn an da komme se an d'Fixerstoff an da ris-kéiere se do ze stierwen. Dann hu mer nâischt geschafft.

Duerfir geet et haaptsächlech drëm fir ze kucken, dass mer se aus deem Milieu erauskéien. Dat ass d'Aufgab, déi mer muss maachen. A wa mer net zousätzlech zu deene sougenannte Fixerstoffen de Cou-rage hunn, dat doten ze maachen, da kënnen mer apaken an da muss mer ein-fach domat liewen, dass mer all Joer esou vill Jonker hunn, déi dorunner stierwen.

Well mir kréien dee Problem net an de Grëff. Mir kréien en net an de Grëff, well einfach déi wierklech Verantwortlech vun deem ganzen Drogengeschäft anzwousch anescht sëtzen. Déi sëtzen an de Chefetage vun de Konzernern, wou se Fric domat verdéngen. An déi, déi mir heiansdo hei fänken, déi sougenannten Junkien oder hei oder do, dat sinn arem kleng Fësch, déi gi mer emmer-déieren, awer un déi wierklech Verantwor-tlech traue mer eis net erun.

Ech mengen och dat ass eng Aufgab vun der Politik, fir emol eng Kéier de Courage ze hunn a mam Fanger op déi ze weisen, déi wierklech verantwortlech sinn. Mä awer bis op eng bestëmmt Etage ginn d'Instruk-tiounen a ginn d'Untersuchunge jo net wei-der. Da läit den Dossier am ronnen Dossier. Da solle mer dat och emol eng Kéier hei soen an da solle mer och emol eng Kéier mam Fanger dorop weisen an och emol méi seriö nokucken, wien dann haaptverant-wortlech ass vun deem ganze Geschäft. Da wäerte mer gesinn, dass mer och de Problem besser an de Grëff kréien.

Mä op jiddfer Fall, eent ass wichteg: Et soll een ni vergiessen, hei handelt et sech ëm Mënschen, déi d'Recht hunn, ënnert de Mënschen ze liewen, a wa mer vun Dezen-tralisierung schwätzen, da sollen et Struk-ture sinn, wou déi Mënsche sech kënnen ënner Mënschen ophalen a wou mer se net iergendwéi ausklammeren. Well déi Diskus-sioun, déi mer elo an der Stad haten, dat kann ech lech elo scho soen, egal wou mer hin diskutéiere ginn, wou mer eng Fixerstoff wëllen himaachen, kréie mer déiselwech Diskussioun.

Mir kréien déi Diskussioun ëmmer erëm, an dofir soll d'Politik hei hir Verantwortung iwwerhuelen a soen, do kënt se hin, an dann aus, zou, fäerdege, an net méi laang diskutéieren, well soss diskutéiere mer nach 50 Joer an dann hu mer nach nâischt do-stoen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol Merci fir d'Qualitéit vun där Diskussioun, déi de Mëtteg hei gefouert ginn ass, a Merci fir och dee kloere Message, dass en eeschte Problem wéi deen hei net fir d'Politique politique net ze mëssbrauchen ass.

Mir schwätzen hei vu Leit, déi duerch all Netzer an duerch all Moosname ge-fall sinn, déi iwwert de Bierg sinn. Mä och Drop-outs gehéieren nach zu eiser Gesell-schaft a verdéngen et wéi Mënsche behan-delt ze ginn an och Strukturen ze kréien, déi hinnen hëllef, am plaz se eleng an der Landschaft ze loossen, wat jiddefalls net déi bescht Solutioun ass.

Et gétt sécher méi Populäres wéi Strukture wéi e Foyer d'accueil an en Drogenkonsum-raum. Et gétt sécher vill méi Populäres, wou vill Gemenge géifen de Fanger ausstrec-ken: attraktiv Betriber, déi Steiere bréngen, ganz populär Institutiounen oder Strukture wéi eng Uni. Déi heite Strukture si manner

populär, sinn awer dofir net manner nout-wendeg.

Ech wëll och direkt drop insistéieren, dass d'Drogenpolitik zu Lëtzebuerg sech net limi-téieren dârf op eng Diskussioun iwwer en Drogenkonsumraum. Fir déi, déi et scho ge-sinn hunn, dat ass e gréssert Zëmmer mat e puer Dëscher an e puer Still. Si dârf sech also net eleng dorop limitéieren, well, ech mengen, wann déi Zëmmeren do sinn, dann entspreche se engem Bedarf vun haut, a wann dee Bedarf net méi do wär, da géif ee séier eng Affektatioun fir dat Zëmmer fan-nen. Dat heescht, wa mer elo Projete konzi-péiere fir e Besoin vun haut, da gi mer sécher net fir muer an déi falsch Richtung.

D'Drogenpolitik zu Lëtzebuerg beschränkt sech also net op en Drogenkonsumraum, mä ass Inhalt vun an der Zwëschenzäit zwee Drogenaktiounsprogrammer, een, deen ënnert dem Carlo Wagner fir 2000 bis 2004 ausgeschafft ginn ass, an en zweeten ënnert der jëtzege Regierung vun 2005 bis 2009.

En Drogenkonsumraum gétt da gebraucht, wann all déi aner Prioritéiten net méi zum Zuch kommen. Dir kennt déi Prioritéiten: Dat ass d'Preventioun, d'Berodung, d'Fréierken-nung, d'Betreiung, de Sevrage, d'Therapie, d'Rehabilitatioun, de Logement, d'Aar-becht, och d'Repressioun géint de Pheno-meen vun den Drogen.

Mä bei där beschter Drogenpolitik bleiwen der ëmmer iwwreg, deene mat all deene Mëttele - an dat sinn der vill, dat si Milliounen a Milliounen Euro - net ze hëlfe ass a wou een adaptéiert Strukture muss schafen, wann een net wëllt - dat ass och eng Approche, mä dat ass net eis an dësem Haus -, dass ee se einfach elendig kre-péiere léisst. Dat dârf een net zuloossen!

D'Dezentraliséierung ass e Schlagwuert, dat vill gebraucht ginn ass, wat awer fir eis kee Schlagwuert ass, well d'Drogenpolitik, all Drogenstrukturen - ausser elo engem Droge-konsumraum, dee ganz jonk nach ass, dee besteet eréischt zwee Joer - largement de-zentraliséiert sinn. Et gétt déi verschidden-aartegst Strukture fir de Kampf géint d'Drogeproblematik an der Stad, zu Eitelbréck, zu Esch, zu Gréiwemaacher, zu Rouspert, zu Manternach, zu Méischdref, déi vill-fältegest, vun Therapie, Berodungszentren iwwer Logementer, muer Strukturen, fir de Leit Aarbecht a Wunnengen ze ginn, an esou weider.

De Sevrage ass verdeelt iwwert d'ganzt Land an deenen akuten dezentralisierte Psychiatrie-Strukturen. D'Rehabilitatioun ass och verspreet iwwert d'Land an ausser-halb vum Land. D'Appartementer, déi hunn ech net opgezielt, alleguer déi Plazen, wou et Appartementer gétt ënnert de Leit, an de Quartiere vun de Leit, no bei de Leit, iwwert d'ganzt Land verspreet. Ech nenne se net alleguer, well soss op eemol géife mer nach riskéieren, dass eppes wat net opfält op eemol géif opfalten.

Den Drogenkonsumraum ass also nëmmen e klengen Deel dovun, an ech muss soen, dass och an der - an dat ass richteg zitéiert ginn - Regierungserklärung vun 2004 eng Rei vun neien Akzenter gesat gi sinn, ënner anerem dee vun der Schafung vun zousätz-leche Strukturen, an ënner anerem dee vun engem Programm fir d'Ofgab vun Heroin u schwéier Drogenofhängeger ënner medezi-nescher Kontroll.

Wou ass dee Projet drun? Mir hu vun Ufank u gesot, dass mer probéieren de Pilotprojet „Drogenkonsumraum“ anstänneg ze gérieeren, opzebaue mat all deene Beträfferen. An déi, déi sech dofir interesséiert hunn, déi ware schonn an deene Gremien derbäi, d'Méindersonn, wou alleguer d'Acteuren ze-summekommen, reagieren op déi Proble-mer, déi entstoe kënnen. Mir waren also der Meinung, dass mer dee Pilotprojet sollten anstänneg a roueg duerchbréngen, a wann dee sech bewährt hätt, dass mer dat Nächste géife maachen. Well ech muss lech éierlech soen, mir gétt et och keng Satisfak-tioun wann ee seet, mir hunn eng Plaz, wou ee sech Droge ka spréizen, an implizit awer seet: Dir musst lech d'Drogen illegal ver-schaffen.

De Krees geet eréischt zou, a wa mer deen heite Programm op d'Bee kréien. An den in-terministeriellen Aarbechtsgrupp, deen do-fir agesat ginn ass, mat all deene betraffene



Ministère a Partner, huet virun der Vakanz deen dote Projet ugefaangen. Mir hunn d'Voraussetzungen, dass mer dat innerhalv vu rasonnablen Délaïë kënne maachen. Ech ginn dovun aus, dass mer am Laf vun 2008 de Konzept kënnen op den Dësch leeën an dass mer spëitstens 2009 - do stéiert et mech net, dass et e Wahltermin ass - kënne mat deem dote Projet un d'Netz goen.

» **M. le Président.** - Här Minister, denkt un Äre Regierungskolleeg!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Ech wëll och drop hiweisen, dass déi Leit, déi gefuerdert hunn am Laf vun der Diskussioun, mir sollten dach a Saachen Ersatzdrogen eppes maachen, net matkritt hunn, dass den Ersatzdrogeprogramm „Methadon“ zënter Jore leeft, dass innerhalv vum Programm „Methadon“ 105 Leit betreit ginn, an dass ausserhalb vun deem Programm iwwert de Réseau vun de Generalisten ëm 900 Leit betreit ginn, déi also schonn op enger medezinesch verschriwwener Alternativ - Ersatz, awer Drog - sinn a méi oder manner normal an eiser Gesellschaft funktionéieren kënnen.

Et ass virdu gesot ginn, dass d'Fixerstuff, den Drogekonsumraum, soll do sinn, fir d'Risiko vun deene Betraffenen ze miniméieren. Et ass en fait eng Iwwerliewenshëllef fir déi Betraffenen, wat och doduerch bewise gëtt, dass bei 60 Iwwerdosen an deene leschten zwee Joer, déi an deem Zentrum entstanen sinn, keen hänke bliwwen ass, wat awer net de Fall gewiescht wär, wann dat an der Landschaft geschitt wär. 60-mol Iwwerdosen! Dir wësst, wat eng Iwwerdosis heescht. Déi ass oft fatal, hei war se ni fatal.

Risikominderung fir déi Betraffenen, awer och Risikominderung fir d'Leit, déi am wäitsten Ëmkrees ronderëm déi Fixerstuff wunnen, liewen, well soss fënnt een d'Clientë vun der Fixerstuff an der Landschaft erëm. An de Paul Helminger huet dat ganz richteg gesot, dat ass d'Alternativ dozou. Wann déi Fixerstuff zou wär, da wär de Problem net fort, mä d'Leit géifen erëm an der Landschaft leien.

Et ass och net esou, dass, wéi gemengt gëtt, elo eng nei Struktur géif entstoe mat neie Capacitéiten. Et ass effektiv esou, dass déi säit zwee Joer bestehend Struktur vun där enger Säit vun der Strooss op déi aner

Säit vun der Strooss geréckelt gi géif, net mat méi Capacitéit, mä mat besserer Konditioun fir déi Betraffenen a fir déi Leit ronderëm. An dee Projet - wëll ech lech soen - vum Drogekonsumraum ass jo net esou nei, well d'Basis gouf 1993 mat der Camionnette gesat.

Den Drogekonsumraum an d'Structure d'accueil funktionéieren jo och net ouni Leit. Am Moment si 16,25 Posten an deem doten Ensembl, déi scho funktionéieren, an ech soen der Chamber villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung, fir déi zousätzlech Leit, déi mer nach brauchen, schnell ze kréien. Merci fir d'Bekanntnis zu där Struktur, déi indispensable ass, fir d'Zuel vun de Victimen ze reduzéieren.

Et ass urgent, an dat huet och jiddferee gesot, déi provisoersch Struktur ze ersetzen. Déi Konzepter, déi à la base sinn, de Projet brauche mer urgent, d'Struktur brauche mer urgent. Ech hunn och ganz gär an der Motioun gesinn, dass de Konzept, deen à la base ass vun deem Projet, duerchaus am Liicht vun deenen Erfahrungen, déi mer, da wann de Projet steet, maache mat dem Programm fir Heroinabgaben, permanent kann adaptéiert ginn, absolut an der Rei ass. Et ass kee statesche Konzept. Wann d'Situatioun sech ännert, kënne mer dee Konzept upassen. Wa mer herno manner Plaze brauchen, da kënne mer dee Konzept upassen a fannen och Verwendung fir dee Raum, deen da sollt iwwreg bleiwen.

Mä nach eng Kéier: Mir brauchen d'Struktur ganz dréngend elo!

Just e Wuert nach, an dann halen ech op, Här President, well ech och um Enn vu menger Zäit ukomm sinn. De Site...

#### (Interruption)

Vu menger Riedezäit.

De Site, iwwert dee mer haut diskutéieren an deen och haut am Raum steet, dat ass een, deen am Konsens zwëschent Regierung a Gemeng festgehale ginn ass. An ech muss soen, ech stinn zu deem Site, wéi déi meescht Riedner, déi de Mëtteg hei waren, à moins - an dat ass och gesot ginn - dass wéi en Deus ex Machina e bessere Site op eemol doläit, dee mer awer an deene leschte Joren net fonnt hunn, obwuel mer duerch d'Stad gejoggt sinn op all méiglech Plazen.

Dee Site muss awer eng Rei vu Konditiounen erfëllen: E muss direkt disponibel sinn; e muss fir déi Betraffenen akzeptabel sinn, also e muss akzeptéiert ginn, fir dass d'Leit och dohi kommen, an en däerf virun allem net méi Problemer schafen, wéi dee jëtzege. Ech mengen, doriwuer misste mer eis kënnen eens sinn.

Dat gesot, fannen ech an där Motioun alles erëm, wat mer brauchen, fir weiderhin an enger couragéierter Drogpolitik virunzuekommen, wou ech lech soen, dass ech mir och géif wënschen, dass ech just bräicht op de Knäppchen ze drécken, fir dass all Drogéierte bei senger eegener Hausdier wär. Mä déi, iwwert déi mer schwätzen, déi hu meeschtens keng eegen Hausdier méi.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Den Här Bettel huet d'Wuert.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, ech wollt just beim Minister nach nofroen, well hien huet guer net op déi Ausso vun Här Fayot reagéiert iwwert de Foyer Ulysse. An d'Madame Ministesch Jacobs felt och hei am Fong an där Debatt, fir hir Positioun ze wëssen zu deem Punkt, deen d'Sozialistesche Aarbechterpartei awer ervirgehuewen huet. Ech wier interesséiert ze wëssen, wat d'Positioun vun der Regierung zu deem Punkt wär.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Ech mengen, den Här Bettel huet gemengt, dass d'Motioun nëmmen zwee Blieder hätt - zwou geschriwwen Säiten. Wann hien de Paragraph op där drëtter Säit liest, da kennt hien d'Antwort vun der Regierung dorop. Liest dat also nach eng Kéier no, déi dräi Zeilen, da wësst Der, wat ech vun Här Fayot senger Propositioun halen. Et ass näischt

aneschters wéi déi dräi Sätz paraphraséiert, déi an der Motioun stinn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

Da kéime mer zum Vote. Mir sinn de Moment nach konfrontéiert mat zwou Motiounen.

» **Une voix.** - Eng.

» **M. le Président.** - Eng?

» **Une voix.** - Mir zéien dat zrëck.

» **M. le Président.** - Très bien! Also geet et ëm d'Motioun, déi den honorablen Här Fayot déposéiert huet.

#### Vote

Ass de Vote électronique verlaangt?

#### (Négation)

Gutt, da stëmme mer par main levée of. Wien d'accord ass mat där Motioun, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dass d'Motioun vun Här Fayot d'Unanimitéit vun der Chamber kritt huet. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Debatte vun haut. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.57 heures)**

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vun Lëtzebuerger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

## Sommaire des séances publiques

### Session ordinaire 2006-2007

Séance d'hommage à la mémoire de M. Gaston Thorn, Ministre d'État honoraire  
pages 599-600

### Session ordinaire 2007-2008

Clôture de la session ordinaire 2006-2007 et ouverture de la session ordinaire 2007-2008  
page 1

Composition du Bureau  
page 1

Composition des commissions parlementaires  
page 1

Composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales  
page 1

Ordre du jour  
page 1-2

Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot  
page 2

Ordre du jour (suite)  
page 2

Motion de M. Ben Fayot au sujet de la situation politique en Birmanie  
page 2

5664 - Projet de loi portant transposition de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier de la directive 2006/48/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 concernant l'accès à l'activité des établissements de crédit et son exercice (refonte) et de la directive 2006/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 sur l'adéquation des fonds propres des entreprises d'investissement et des établissements de crédit (refonte)  
pages 2-3

5722 - Projet de loi portant approbation du Deuxième Avenant, signé à Luxembourg, le 24 novembre 2006, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la France tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Paris, le 1<sup>er</sup> avril 1958  
pages 3-4

Désignation d'un président et de quatre membres du Centre pour l'égalité de traitement  
page 4

Communications  
pages 5-7

Propositions de loi  
page 7

Rôle des affaires  
page 7

Composition de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire  
page 7

Dépôt d'une motion par M. Ben Fayot  
page 7

Débat de consultation sur la simplification administrative en faveur des entreprises au Luxembourg  
pages 7-13

Dépôt d'une résolution par Mme Anne Brasseur  
page 13

Débat de consultation sur la simplification administrative en faveur des entreprises au Luxembourg (suite)  
pages 13-16

5666 - Projet de loi concernant les exigences de sécurité minimales applicables à certains tunnels routiers et modifiant la loi modifiée du 15 mai 1974 portant réorganisation de l'Administration des Ponts et Chaussées  
pages 16-17

5596 - Proposition de révision de l'article 16 de la Constitution  
pages 17-19

5337 - Projet de loi portant création d'un congé individuel de formation et modification

1. du Code du travail;

2. de la loi modifiée du 4 octobre 1973 concernant l'institution d'un congé-éducation;

3. de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

4. de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux  
page 19

Motion de M. Paul Helminger déposée au nom du groupe DP et au nom du groupe DÉI GRÉNG relative à l'amélioration et à la décentralisation des structures d'accueil pour personnes toxicomanes et à l'implantation d'un foyer d'accueil à Bonnevoie

et

Motion de M. Ben Fayot relative à la décentralisation des structures de traitement et d'accueil pour personnes toxicomanes  
pages 19-22